SÉANCE 10

MARDI,
6 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 7036 - Projet de loi portant création d'un Fonds de dotation globale des communes et modifiant

1. la loi modifiée du 1er mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs;

2. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

3. la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth (intervention de M. Alex Bodry) (dépôt de cinq amendements et de deux motions), M. Max Hahn (interventions de M. Gilles Baum, M. Claude Wiseler et Mme Octavie Modert), M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum, M. Michel Wolter (interventions de M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, M. Alex Bodry et M. Gast Gibéryen) (dépôt d'un amendement) (intervention de Mme Viviane Loschetter), M. Claude Haagen (interventions de M. Michel Wolter et M. Gilles Roth)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (interventions de Mme Octavie Modert, M. Gilles Roth, M. Claude Wiseler, M. Gast Gibéryen, M. Gilles Roth et M. Emile Eicher)*
- *Parole après ministre: M. Michel Wolter, M. Gast Gibéryen (interventions de M. Frank Arndt)*
- *M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Amendements 1 à 5: M. Gilles Roth, M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Votes sur les amendements 1 à 5 (rejetés)*
- *Amendement 6: M. Michel Wolter, M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'amendement 6 (rejeté)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Gilles Roth, M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Motion 2: M. Gilles Roth, M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, M. Gilles Roth, M. Gast Gibéryen, M. Alex Bodry*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Dan Kersch, Mme Corinne Cahen et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* E schéine gudde Mëtteg. Ech maachen d'Sëtzung heimat op a stellen déi traditionell Fro un d'Regierung: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Neen, Här President, dat hu mer net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci, dann herno.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Chamber erakomm sinn, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite weidergaangen.

3) An op Ufro vun der Regierung ass duerch Arrêté grand-ducal de retrait vum 15. November 2016 de Projet de loi 3935 iwwert d'Opdeele vun de Pensiounen am Fall vun enger Scheedung vum Rôle gestrach ginn. Déi Propositioune ginn integréiert an d'Gesetz iwwert d'Scheedungsreform.

Communications du Président - séance publique du 6 décembre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi, la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7097** - Projet de loi portant approbation de conventions fiscales*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 30.11.2016

***7098** - Proposition de modification des annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés*

Dépôt: M. Eugène Berger, Député, M. Alex Bodry, Député, M. Mars Di Bartolomeo, Député, Mme Viviane Loschetter, Députée, M. Gilles Roth, Député, le 01.12.2016

***7099** - Projet de règlement grand-ducal modifiant*

1. le règlement grand-ducal modifié du 1er août 2014 relatif à la production d'électricité basée sur les sources d'énergie renouvelables;

2. le règlement grand-ducal modifié du 31 mars 2010 relatif au mécanisme de compensation dans le cadre de l'organisation du marché de l'électricité

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 01.12.2016

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 15 novembre 2016, le projet de loi n°3935 ayant pour objet le partage des pensions en cas de divorce devant le régime de pensions des fonctionnaires de l'État ainsi que la modification correspondante de la loi du 22 décembre 1989 ayant pour objet la coordination des régimes de pension et la modification de différentes dispositions en matière de sécurité sociale a été retiré du rôle en date du 14 novembre 2016.

4) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

***737** - Demande de pétition publique: Pour un référendum national avant ratification du traité commercial CETA*

Dépôt: M. Claudio Raimundo, le 06.11.2016

***738** - Demande de pétition publique: Chantiers et circulation*

Dépôt: M. Maurizio Pellegrini, le 07.11.2016

***739** - Demande de pétition publique: Kompletten zweespuregen Ausbau vun der Zuchstreck Richtung Norden (Ligne 10) an dat bis op Gouvy*

Dépôt: M. Christophe Allard, le 08.11.2016

***740** - Demande de pétition publique: Gratuité des musées pour les enfants*

Dépôt: Mme Fideline Biloa Bibi, le 08.11.2016

***741** - Demande de pétition publique: Verbot von Alkohol-Werbung in allen Formen und Bereichen in Luxembourg*

Dépôt: M. Thomas Erik Valanki, le 08.11.2016

***742** - Demande de pétition publique: Pour une adaptation des tarifs en vigueur en relation avec les avertissements taxés établis lors des contrôles de vitesse automatisés*

Dépôt: M. Thomas Meiers, le 09.11.2016

***743** - Demande de pétition publique: Pour la naturalisation luxembourgeoise*

Dépôt: M. Giuseppe Tinelli, le 18.11.2016

***744** - Demande de pétition publique: Ëffentlech Petitiounen dierfe laut Reglement vu Bierger a Biergerinnen, déi am RNPP registréiert sinn an eng Sozialnummer zugedeelt kruten, an der Chamber déposéieren an och ënnerschreiwen*

Dépôt: M. Lucien Welter, le 18.11.2016

***745** - Demande de pétition publique: Ouvrir un centre médical spécialisé dans les abus sexuels et violences sur mineur au Luxembourg*

Dépôt: Mme Sophie Nonnenmacher, le 18.11.2016

***746** - Demande de pétition publique: Abandon de l'heure d'hiver pour garder définitivement l'heure d'été*

Dépôt: Mme Cinzia De Matteis, le 18.11.2016

***747** - Demande de pétition publique: Rassehunde*

Dépôt: M. Kevin Raach, le 23.11.2016

***748** - Demande de pétition publique: Lëtzebuergesch als Haaptsprooch am Land*

Dépôt: M. Kevin Raach, le 23.11.2016

***749** - Demande de pétition publique: Adapter les amendes pour non-respect du code de la route au revenu (annuel) du contrevenant*

Dépôt: M. Steven Curfs, le 23.11.2016

***750** - Demande de pétition publique: Nacht-Angeln auf Karpfen*

Dépôt: M. Mike Schiltz, le 25.11.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Dann huet d'Presidentekonferenz deen Ordre du jour virgeschloen, deen Iech iwwermëttelt ginn ass. Sidd Der mat deene Propositioune vun der Presidentekonfernz d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Da kënne mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 7036, d'Reform vun de Gemengefinanzen. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Claude Haagen. Här Haagen!

4. 7036 - Projet de loi portant création d'un Fonds de dotation globale des communes et modifiant

1. la loi modifiée du 1er mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs;

2. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

3. la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 14. respectivement de 7. Juli vun dësem Joer ass den Innenminister an d'Intérieurskommissioun komm, fir eis a grousse Zich déi geplangte Gemengefinanzreform ze presentéieren an dat mat de Kommissiounsmembren ze diskutéieren.

Den 29. August huet den Innenminister de Projet de loi an der Chamber fir d'Schafung vun engem neie Fonds de dotation globale des communes, FDGC, déposéiert. De 17. November hu mer an der Kommissioun dee Projet de loi zesumme mam Avis vum Statsrot vum 15. November analyséiert an eng kleng Rei Änderungen, opgrond vu Remarquë vum Statsrot, och an där Kommissioun ugeholl. Den 1. Dezember hu mer de Rapport zu dësem Projet de loi an der Intérieurskommissioun ugeholl.

De Projet de loi 7036, d'Création d'un Fonds de dotation globale des communes, huet en duebelt Zil: Engersäits soll en d'Stabilitéit vun de Gemengefinanzen an Zukunft besser ofsécheren, anersäits sollen déi grouss Ënnerscheeder tëschent de Gemengen, déi zum Deel duerch ee veraalte Péréquatiounssystem entstane sinn, reduzéiert ginn.

D'Verännerunge betreffen déi zwou wichtegst net affektéiert Recettë vun de Gemengen, an zwar den ICC, den Impôt commercial communal, an d'Bedeelegung vun de Gemengen un de staatleche Recetten iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Dat si Recetten, wou et momentan grouss Inégalitéiten tëschent de Gemenge gëtt. An et sinn och déi Einnamen, déi déi momentan 105 Gemenge brauchen, fir eng autonom Gemengepolitik ëmsetzen ze kënnen.

D'Reform vun de Gemengefinanzen entsprécht awer och enger laangjäreger Fuerderung an Demande vum Syvicol, deen net midd ginn ass, drun ze erënneren, datt d'Aufgabe vun de Gemengen, esou wéi et jo heibanne jiddweree weess, sech am Laf vun de Jorzéngte verännert hunn, an de Verdeelungsschlëssel, wéi en haut nach besteet, deem net méi Rechnung dréit.

D'Reform ass deemno net nëmmen e mathemateschen Ëmverdeelungsexercice, mä nei Kritären droen den Ziler an der Landesplanung Rechnung a si encouragéieren d'Fusioune vun deene ganz klenge Gemengen. Si berücksichtegen awer och, datt Gemengen, déi Aarbechtsplaze schafen, andeem se d'Implantatioun, also d'Schafe vun Entreprisen a vu Commerce förderen, zousätzlech Dépensen an Nuisancen hunn.

Wéi eng Radiografie vun de Gemengefinanze vun dem Ministère an notamment och der Banque centrale vun 2012 gewisen huet, steigen d'Ausgaben, d'Dépensë vun enger Gemeng awer och, wa vill vun hire Bierger um sozioekonomesche Standpunkt an deem Sënn benodeelegt sinn. Och deem dréit dës Reform Rechnung, andeem een neie Kritär an deem Sënn agefouert gëtt.

Well ee vun deene gréisste soziale Problemer de Manktum u Sozialwunnengen am Locatif ass, gëtt den Effort, deen d'Gemengen hei maachen, innerhalb vun deene sozioekonomesche Kritäre besonnesch berücksichtegt.

Am Sënn vu méi stabille Gemengefinanze gëtt vum Stat aus d'Gesamtenveloppe ëm 90 Milliounen Euro eropgesat. Bei enger renger Ëmverdeelung vun dërselwechter Enveloppe wier eng finanziell Unerkennung vun zousätzleche Missiounen an Efforte vun eenzelne Gemengen zu Laaschte vun anere gaangen. An deem Sënn hätten déi manner kritt wéi bis elo.

Trotz der zousätzlecher Dotatioun bleiwe viraussiichtlech nach eng Rei Gemengen, déi par rapport zu de Virjore géife manner Recettë kréien. Dofir gesäit dëst Gesetz och ganz kloer eng Kompensatioun vir, déi all Joer am

Statsbudget festgesat gëtt. Op dës Manéier gëtt séchergestallt, datt keng Gemeng manner Recetten aus dem ICC zesumme mat der Dotatioun vum Stat huet wéi am Referenzjoer, an dësem Fall d'Joer 2015.

Et gëtt geschat, datt duerch déi normal Entwécklung vun de Recetten dës Kompensatioun vu Joer zu Joer wäert erofgoen an no fënnef Joer net méi noutwendeg ass. Et ass dofir och virgesinn, datt d'Regierung no fënnef Joer e Bilan zitt, a wann d'Analys dat weist, natierlech déi néideg Mesuren upasst.

Dir Dammen an Dir Hären, am Detail kënnt et duerch dat neit Gesetz zu folgende Veränderungen: Deen Deel vum ICC, deen d'Gemengen net direkt behalen, fléisst zesumme mat der Dotatioun vum Stat an deen nei gegrënnte Fonds de dotation globale des communes. Et gëtt deemno net méi zweeërlee Verdeelungsmechanisme fir dës Recetten. Et ass administrativ méi einfach, awer och méi sënnvoll, an deem Sënn natierlech déiselwecht Kritären op béid Recetten unzewenden, well d'Zil ass et jo a béide Fäll, fir de Gemengen déi Suen zur Verfügung ze stellen, déi se brauchen, an d'Disparitéiten, d'Differenzen, d'Ënnerscheeder ze reduzéieren.

Wéi d'Kolleeginnen an d'Kolleege Buergermeeschteren, Schäffen an aus de Gemengeréit heibannen alleguerte wëssen, sinn aktuell ëmmer Avancë vum ICC an der Dotatioun un d'Gemengen zu verschiddenen Zäitpunkten am Joer iwwerwise ginn. Mir ginn dovunner aus, datt dëst och mat dëser Reform wäert esou weidergoen. De Minister kéint do vläicht nach eng zousätzlech Informatioun ginn an dat gegebenenfalls och confirméieren.

Wat den ICC betrëfft, esou fléissen d'office 65% vun deene Recetten an de Fonds de dotation globale des communes. D'Gemenge kënne bis zu 35% vun hirem ICC direkt halen. Et gëtt awer och gekuckt, wéi héich dës Recette am Verglach mat deenen anere Gemengen ass. Et gëtt eng national Moyenne vum ICC pro Awunner gerechent. Déi direkt Participatioun vun enger Gemeng un hirem ICC kann net méi héich si wéi dësen duerchschnëttleche Montant, multiplizéiert mat der Zuel vun hiren Awunner.

Am Resultat bedeit dat, datt kleng Gemenge mat wéineg Awunner, déi duerch den Ëmstand, datt se op hirem Territoire Entreprisen hunn, déi vill zum ICC bäidroen, ëmmer nach een Ausgläich fir eventuell Nuisancen an Infrastrukturkäschte kréien. Dës direkt Participatioun wäert awer méi kleng si wéi an der Vergaangenheet an natierlech ugeglach ginn un den eben erwäänte Landesduerchschnëtt. Déi eventuell Differenz op 35% vum ICC fléisst ebenfalls an de Fonds de dotation globale des communes. Vu datt d'Konkurrenz tëschent de Gemengen net méi esou staark spillt, gëtt och d'Forschett vum Taux, deen d'Gemenge fir den ICC festleeën, festgesat tëschent 225% bis 350%. Mat Ausnam vun zwou Gemengen entsprécht dat schonn haut der Realitéit.

Elo zu de Kritäre fir d'Verdeelung vun den Avoiren aus deem neie Fong. Et gëtt eng Dotation forfaitaire fir Gemenge vun 1.000 Awunner un, déi graduell op 300.000 Euro eropgeet fir Gemenge mat méi wéi 3.000 Awunner. Gemengen ënner 1.000 Awunner kréie keng Dotation forfaitaire méi. Betraff sinn actuellement véier Gemengen, déi ënnert dësem Seuil vun den Awunner vun 1.000 sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, de Fonds gëtt soss nach no fënnef verschiddene Kritäre verdeelt: D'Population ajustée, déi bei der Berechnung e Gewiicht vun 82% ausmécht, d'Emplois salariés, déi 3% ausmaachen, d'Superficie ajustée mat 5%, den Indice socio-économique mat 9 bis 10% an de Logement social mat maximal 1%.

Wat d'Population ajustée ugeet, hate mer an der Intérieurskommissioun eng Diskussioun iwwert déi genau Bestëmmungen, wéi dëse Kritär berechent gëtt. Mir waren eis awer och eens, datt et richteg wier, de CDAen, déi an hirer Regioun eng besonnesch wichteg Roll spillen, iwwert dëse Wee eng méi staark Gewiichtung ze ginn.

Mir hätten dës Bestëmmung awer léiwer am Gesetz gehat an net, wéi et elo de Fall ass, an engem Règlement grand-ducal. Mir hunn drop verzicht, en Amendement an deem Sënn ze proposéieren, well mer wollten, datt dëst Gesetz, wéi geplangt, kann a Kraaft triede fir den 1. Januar 2017. D'Intérieurskommissioun ass awer och der Meenung, datt bei der nächster Geleeënheet dëst soll geännert ginn.

De Kritär vun der Population ajustée huet esou eng grouss Gewiichtung am Verdeelerschlëssel, datt d'Chamber onbedéngt an hei soll matschwätze kënnen, wann d'Definitioun vun dësem Kritär misst ugepasst ginn. Dofir och d'Iddi, déi opkomm ass an der Intérieurskommissioun, fir dëst vläicht och d'nächst Joer am Kader vun der Loi budgétaire an der Intérieurskommissioun, wou mer souwisou iwwert de Budget diskutéieren, ze analyséieren.

De Kritär vun den Emplois salariés dréit, zesumme mat der direkter Bedeelegung vun de Gemengen um ICC, dozou bäi, datt dës en Ausgläich dofir kréien, datt se zousätzlech Infrastrukturkäschten an Nuisancen hunn, wa se Gewerbe- an Industriezonen op hirem Territoire hunn.

Eng wichteg Neierung ass de sozioekonomesche Kritär. En dréit der Tatsaach Rechnung, datt d'Gemengen eng ganz wichteg sozial Hëllef leeschten, andeem se op verschiddenen Niveaue sozial benodeelegte Leit Ënnerstëtzung bidden. Well d'Mixitéit vun eiser Gesellschaft net iwwerall déiselwecht ass, brauchen eenzel Gemenge méi Moyenen, fir dës wichteg Aufgabe kënnen a mussen ze erfëllen.

De Voluntarismus vun de Gemenge gëtt awer och encouragéiert iwwert déi méi speziell Kritäre vum Logement social locatif, well mer grad an deem Beräich, an ech hat et uganks ugeschwat, een enorme Bedarf hunn, deen de Stat eleng net decke kann.

Manner an d'Gewiicht fält bis elo d'Gréisst vun enger Gemeng. Et gëtt d'Surface ajustée gekuckt, woubäi d'Bevëlkerungsdicht eng grouss Roll wäert spillen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 15. November huet de Statsrot eis säin Avis eraginn. Zum Text vum Gesetzesprojet selwer huet hie just eng Rei technesch a legistesch Remarquë gemaach mat entspriechende Verbesserungsvirschléi, déi mir an der Kommissioun ugeholl hunn. Sou gouf et zum Beispill eng Opposition formelle, well an engem Artikel vum initialen Text eng Referenz op ee Règlement grand-ducal gemaach gouf, woubäi korrekterweis d'Referenz hätt missen op dat betreffend Gesetz gemaach ginn, dëst natierlech am Kader vun der Hiérarchie des normes.

Dernieft huet de Statsrot méi ausféierlech eng Rei vu Prinzipien opgegraff, déi d'Grondlage vun der Gemengefinanzpolitik duerstellen an ass net méi op d'Veränderungen agaangen, déi dat neit Gesetz mat sech brénge wäert.

Ech wëll hei just e puer Aspekter ervirhiewen, déi och an den Avise vun der Chambre de Commerce a vum Syvicol ugeschwat gi sinn. Ee wichtege Punkt betrëfft natierlech d'Veränderung beim ICC. De Statsrot weist drop hin, datt deen Deel vum ICC, deen d'Gemengen direkt erauskréien, erofgeet, an datt deen Deel, deen iwwert deen neie Verdeelungsschlëssel u si ausbezuelt gëtt, net méi sichtbar ass, well en zesumme mat der staatlecher Dotatioun verrechent gëtt. De Statsrot kann deemno net aschätzen, ob an Zukunft den Ureiz fir d'Gemengen nach grouss genuch ass, fir Entreprisen op hirem Territoire unzesidelen.

Dat ass eng Suerg, déi verständlecherweis och d'Chambre de Commerce staark beschäftegt huet. Si hätt et virgezunn, wann déi direkt Part vum ICC un d'Gemenge méi grouss bliwwe wier an de Kritär Emplois salariés méi Gewiicht kritt hätt. Si hat och gefrot, datt d'Gemenge fräi kéinten hiren Taux fir den ICC festsetzen an net un eng Fourchette gebonne wieren. Si wënscht sech méi Konkurrenz tëschent de Gemengen, fir hinnen en Ureiz ze ginn, gutt Konditioune fir Entreprisen ze schafen.

Dat ass novollzéibar, entsprécht awer net dem Zil vun dëser Reform, fir d'Disparitéiten, d'Differenzen tëschent de Gemengen ze reduzéieren a se manner ofhängeg ze maache vun der Volatilitéit vum ICC.

An deem Sënn hätt de Syvicol sech eng Reform gewënscht, déi méi wäit geet. Hien hätt léiwer gesinn, wann de Montant, dee vum Stat un d'Gemenge geet, insgesamt un d'Recettë vum Stat gekoppelt gi wier an net wéi bis elo, wou ganz spezifesch Einname géifen drugehaange ginn. An esou engem Zeenario kéint de Syvicol sech virstellen, den ICC ganz ofzeschafen a mat de staatleche Betribssteieren zesummenzeleeën.

Weider Remarquë vum Statsrot betreffend d'Dotation forfaitaire, déi d'Gemengen ënner 1.000 Awunner net méi kréien: Hie weist drop hin, datt dës Dotatioun et grad klenge Gemenge sollt erméiglechen, eng Rei administrativ Aufgaben, déi hinne vum Stat aus delegéiert ginn, kënnen ze erfëllen. Hie setzt dës Veränderung ganz richteg an Zesummenhang mat der Absicht vun der Regierung, Gemengefusioune vun e puer ganz klenge Gemengen ze encouragéieren.

De Syvicol gräift dat och op, zweifelt awer drun, datt dës Mesure dozou féiert, datt d'Gemenge méi schnell wäerte fusionéieren. D'Chambre de Commerce hätt sech dogéint méi däitlech Incentivë fir d'Fusioune gewënscht a verweist op d'Etüd vun der Banque centrale, déi zur Konklusioun komm war, datt och Gemenge vun 3.000 Awunner nach ze kleng wieren, fir wierklech effizient ze sinn.

De Syvicol begréisst, datt de Kritär vum Aménagement du territoire an am speziellen d'CDAe bei der neier Ëmverdeelung berücksichtegt ginn. De Corollaire dovun, d'Surface ajustée, gesäit en awer méi wéi kritesch. En hëlt zur Kenntnis, datt duerch déi staatlech Kompenséierunge garantéiert ass, datt och ländlech Gemenge mat wéineg Awunner net manner kréie wéi bis elo. E kritiséiert awer, datt hir Einnamen iwwert déi nächst fënnef Joer net wéi déi vun allen anere wuessen.

Éischter positiv gëtt an deene verschiddenen Avisen de sozioekonomesche Kritär bewäert, woubäi d'Usiichten iwwert de Kritär vun de Sozialwunnengen auserneeginn. D'Chambre de Commerce rechent aus, datt an der Realitéit dëse Kritär éischter 0,3% wéi 1% vum Verdeelungsschlëssel ausmécht an hätt sech méi e staarken Incentive fir d'Gemenge gewënscht.

De Statsrot an de Syvicol sinn net grondsätzlech géint esou e Kritär, weisen awer drop hin, datt en éischter dem Charakter vun engem Subsid entsprécht, wat awer net an der Logik vun enger Recette non-affectée läit. De Syvicol werft nach eng weider Fro op, déi d'Mutualiséierung vun de Bäiträg vun de Gemengen un d'Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux ugeet. Hien hätt et léiwer gesinn, wann all d'Gemengen hiren Undeel dozou bezuelt hätten. Méi e solidaresche System hätt e sech natierlech och beim Bäitrag vun de Gemengen un de Fonds pour l'emploi gewënscht.

Schliisslech gëtt an den Avisen nach een Aspekt ugeschnidden, deen net am Gesetzesprojet virkënnt, an zwar d'Grondsteier. De Statsrot proposéiert a senge Considérations générales, fir och d'Recette vun der Grondsteier an deen neie Fonds afléissen ze loossen, och wann e sech bewosst ass, datt dëst net kann iwwert deen allgemenge Verdeelerschlëssel erëm un d'Gemengen zréckgoen.

D'Chambre de Commerce wëllt d'Grondsteier léiwer insgesamt an d'Luucht setzen, well d'Gemengen op deem Wee eng weider stabill Recette kéinten notzen.

An der Intérieurskommissioun hu mir Artikel fir Artikel dëse Gesetzesprojet zesumme mat den Avisen diskutéiert. Mir hu vum Minister Erklärunge kritt an och eng ganz Rei chiffréiert Donnéeë kritt. Et ass awer kloer, datt Simulatiounen, déi d'Zukunft betreffen, ëmmer nëmmen Aarbechtshypotheese kënne sinn an et schwiereg ass, déi exakt Evolutioun op e puer Joer virauszesoen. Doraus ergëtt sech, datt a regelméissegen Ofstänn muss iwwerpréift ginn, wéi deen neie Mechanismus sech am Detail op eenzel Gemengen auswiirkt an ob d'Ziler vun der Gemengefinanzreform nach ëmmer erreecht ginn.

An deem gudden, konstruktiven Dialog, dee mer an der Intérieurskommissioun haten, mat deene verschiddene Modeller, déi eis gewise gi sinn an déi mer och gefrot hunn iwwert déi verschidde Fraktiounen, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. An als Rapporteur, ech mengen, dat kann ech vun der Intérieurskommissioun och soen, nach eng Kéier Merci fir déi gutt Kollaboratioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth fir d'CSV. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt jiddwerengem Merci soen, dee sech un der Ausaarbechtung vun dësem Gesetzesprojet bedeelegt huet. Datselwecht zielt selbstverständlech fir de Rapporteur a President vun der Intérieurskommissioun, de Claude Haagen. An ech wëll him awer och dee Merci zréckginn, well hie gemaach huet, dass déi Diskussiounen an der Intérieurskommissioun an dësem Dossier ganz konstruktiv an och roueg iwwert d'Bün gaange sinn. Merci him awer och fir haut säi schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vun de Gemengefinanzen ass eppes wéi e politeschen Dauerbrenner a beschäftegt eis eigentlech - d'Chamber, d'Gemengen an alles doriwwer eraus - schonn zanter Joren. Vläicht, géif ech soen, awer och dowéinst, well fréier Innenministere bei der Reform hu missen d'Gemengefinanzen ënnert der Virgab regelen „à guichet fermé", dat heescht, si haten d'Virgab, deem engen eppes ewechzehuelen, fir deem anere kënnen eppes bäi ze ginn. An Dir wësst, mir sinn e klengt Land, dat war ëmmer eng däreg Affär!

D'CSV begréisst duerfir, an dat soe mer och kloer an däitlech, de Prinzip vun enger Reform. Et sinn eng Rei Pisten am Regierungsprojet, déi eis och duerchaus gefalen. Mä ech wëll gläich am Ufank ënnersträichen, dass mir fir en anere Reformwee sinn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir hat esou gutt ugefaangen!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'Reform vun de Gemengefinanze mécht am Fong nëmmen dann och Sënn, an eiser Usiicht, wann een och gläichzäiteg eng territorial Reform duerchzitt. An da sollt een och méi wäit goen a kommunalspezifesch Steieren op de Leescht huelen an do reformëieren, wou et ubruecht ass. Dozou herno méi Konkretes.

Mir hu bei dësem Projet, wéi dat eng Oppositioun eigentlech soll maachen, en Alternativmodell op den Dësch geluecht. Eise Modell steet am Zeeche vu méi Gerechtegkeet, méi Transparenz an och méi Planungssécherheet. Mir wëllen, dass eis Gemenge längerfristeg an am Interessi vun den Awunner finanziell gutt fir d'Zukunft opgestallt sinn. Wéi mer dat wëlle maachen, soe mer och konkret. Mir schloen dobäi och Reforme vun der Gewerbesteier an der Grondsteier vir, am Interessi vun de Betriber, de Gemengen an och hire Bierger.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Gemenge kruten iwwert déi leschte Joren ëmmer nees nei Aufgaben. D'Populatioun wiisst an déi traditionell Aufgabe vun de Gemenge gi méi deier. Fir qualitativ héichwäerteg Servicer unzebidden, brauchen d'Gemengen awer déi néideg finanziell Mëttel.

D'CSV seet duerfir kloer Jo zu enger Reform vun de Gemengefinanzen, mä fir d'CSV geet et eben net nëmmen ëm d'Suen, also ëm déi finanziell Fro. Eist Land muss insgesamt méi performant ginn. Mir schloen duerfir eng Gemengefinanzreform am Kontext vun enger Territorialreform vir. Fir d'CSV ass eng Reform vun de Gemengefinanzen een Element vun enger Territorialreform. Béides kann een, an eisen Aen, net lassgeléist vunenee kucken.

Dëst war iwwregens och eng gemeinsam Konklusioun, déi d'Chamber geholl huet am Kontext vun den Diskussiounen 2008 iwwert déi sougenannten „réorganisation territoriale du Luxembourg". An do steet kloer an dem Ofschlossrapport: «La Commission estime qu'une véritable réforme des finances communales, comportant également le volet de la fiscalité locale, ne peut être esquissée qu'au moment où le paysage communal aura commencé sa métamorphose.»

D'CSV wëllt manner, awer méi performant Gemengen. Lëtzebuerg brauch duerfir eng nei Gemengelandkaart, dëst am Interessi vun de Bierger, déi e Recht op gutt a modern Servicer hunn, egal wou se am Land wunnen.

Här President, d'Masse critique, déi eng Gemeng sollt hunn, sinn an eisen Aen 3.000 Awunner fir eng Gemeng am ländleche Raum an 10.000 Awunner am urbane Raum. Fir d'CSV spillen dës Kritäre weiderhin. A fir d'CSV sollt een duerfir bis 2025 e Land mat 70 Gemengen ustriewen.

D'Gemenge mussen am Interessi vun hire Bierger och verbindlech op déi nei Landkaart hischaffen. De Stat sollt dat och ënnerstëtzen an, wann néideg, méi contraignant begleeden, dëst am Aklang mat den internationale Rechtsinstrumenter. Mir brauche weider Gemengefusiounen. Mir wëlle weider Gemengefusiounen. An de Wee dohinner wëlle mir mat de Gemengen zesumme goen.

Nun zum Volet Finanzen. D'Gemenge ginn, wéi bis elo, iwwert déi kommunal Gewerbesteier an iwwert déi sougenannten Dotation financière vum Stat ënnerstëtzt. Dës Dotatioun setzt sech, wéi all Joers, och an Zukunft aus 18% Persounesteier, 10% vun de staatlechen TVA-Einnamen an 20% aus der Autossteier zesummen.

D'CSV steet kloer zu dësem Finanzéierungsmix. Mir hunn och kee Problem domat, dass elo d'Gewerbesteier an d'Dotation de l'État am sougenannte Fonds global de dotation communale zesummefléissen. Firwat? Mä ganz einfach, well d'TVA, d'Gewerbesteier an d'Persounesteier dat wirtschaftlecht Gesamtbild vun dem Stat erëmspigelen. Ginn dës Einnamen an d'Luucht, profitéieren d'Gemengen automatesch dovun. Dëst ass richteg an dëst muss och esou sinn!

D'CSV bedauert awer an deem Kontext, dass et keng fest Ubannung vun der Evolutioun vun de Gemengeneinnamen zu de Statseinname gëtt. Iwwregens entgéint enger laanger Fuerderung vum Syvicol an der Recommandatioun vun der Kommissioun iwwert d'Réorganisation territoriale, déi festgehalen hat: «Les recettes communales devront connaître une évolution parallèle à celle de l'État, résultat à atteindre par une réforme du FCDF.»

D'CSV ass der Meenung, dass, am Kontext vun der pluriannueller Finanzplanung beim Stat, esou ee Verhältnis misst op eng Zäitschinn vu fënnef Joer festgeluecht ginn. Kippt dat Verhältnis, musse Korrekturmechanismen agräifen. Wann de Stat méi Suen erakritt, mussen och d'Gemengen heiru bedeelegt sinn. Do brauche mer ee feste Mechanismus, deen eng gerecht Verdeelung sécherstellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Reform vun de Gemengefinanzen ass keng Nullsummenoperatioun! D'CSV ass net géint déi geplangten Erhéijung vun de staatlechen Zouwendungen un d'Gemengen. Laut Innenminister komme ronn 90 Milliounen Euro méi an d'Gesamtdëppen, déi kënne verdeelt ginn.

Dës Rechnung ass an eisen Aen awer nëmme bedéngt richteg. Ech erkläre mech. Zanter 2015 ginn d'Gemengen net méi un der TVA-Hausse, dat heescht d'Erhéijung vu 15% op 17% bedeelegt. Dës Part, déi de Gemengen eigentlech misst zeguttkommen, gëtt ofgezweigt, fir den zukünftege Rettungsdéngscht, de CGDIS, ze finanzéieren. Laut Statsbudget sinn dat ëmmerhi 25 Milliounen Euro fir 2015, 36 fir 2016 a 37 Millioune veruschlaagt fir d'nächst Joer.

D'Reform vun de Rettungsdéngschter hunn d'Gemengen also zu engem gewëssen Deel virfinanzéiert. Et ass en Déngscht am Interessi vun der Sécherheet vun de Bierger. Dëst ass eng Käraufgab vum Stat. Duerfir soll dëst och direkt aus dem Statsbudget finanzéiert ginn. Eng Gemengeparticipatioun soll doriwwer eraus iwwer e Gesetz festgeluecht ginn. An aus deem Grond huet d'CSV och schonns géint déi sougenannte Pompjeessteier gestëmmt, déi vun den Assurancëgesellschaften op de Primme vun der Autoshaftflicht akasséiert gëtt an, loosse mer et éierlech soen, herno de facto vun dem eenzelne Bierger gedroe gëtt!

Et ass an eisen Aen och net logesch, et ass och net gerecht a juristesch zweifelhaft, dass net jiddwer Gemeng eenzel d'Sozialbäiträg fir hir Fonctionnairen iwwerhuele muss, mä dass dës virop als eng Gesamtenveloppe vun de staatlechen Zouwendungen un de Gemengesecteur einfach ofgezu ginn. Dëst bedeit konkret, dass déi eng Gemengen d'Sozialbäiträg vun deenen anere Gemengen einfach musse matbezuelen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'CSV ass der Meenung, dass hei misst eenzel ofgerechent ginn. Jiddwer Gemeng muss fir hir Astellungs- a Personalpolitik selwer riichtstoen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Et ass dach kengem Buergermeeschter, loosse mer et dach éierlech soen, besonnesch vu klenge Gemengen, ze erklären, dass hien eng virsiichteg Astellungs- a Personalpolitik muss bedreiwen, fir dass säi Budget um Enn vum Joer iwwerhaapt opgeet, an an der Konterpartie finanzéiert seng Gemeng awer d'Astellungspolitik vun anere grousse Gemenge mat, déi sech och nach finanziell, doriwwer eraus, vill besser stinn. Dat ass fir d'CSV dee falsche Wee! Et ass och e falscht politescht Signal.

A wann een, an dat erstaunt eis eigentlech, de Wahlprogramm vun de Sozialiste kuckt,...

(Interruptions diverses)

Jo!

(Brouhaha)

...da fënnt een do eraus an et liest een ënnert dem Volet vun de Gemengefinanzen: „Hinzu kommt die Tatsache, dass einige Gemeinden auf Kosten anderer immer reicher werden, was gegen das elementare Gerechtigkeitsprinzip verstößt und angesichts einer Stagnation der Gemeindeeinnahmen bei zunehmenden Aufgaben zu heiklen Situationen führt (...)." Wéi gesot, dat...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...steet an dem...

(Brouhaha)

...Wahlprogramm vun der LSAP, der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dat ass eng gutt Lektür!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, eng gutt Lektür.

(Brouhaha)

An der Regel, Dir Dammen an Dir Hären,...

(Interruptions diverses)

...muss jo och all neie Posten, dee bei enger Gemeng geschafe gëtt, fir d'Eischt emol vun dem Gemengerot geneemegt ginn. An duerno muss och nach den Innenminister dat Ganzt approuvéieren. Esou huet eigentlech bei all Neiastellung d'Autorité de tutelle jo nach ëmmer d'lescht Wuert, fir ze soen, ob eng Personn, déi agestallt gëtt, am Fonctionnairesstatut agestallt gëtt oder als Salarié agestallt gëtt.

Zweetens: Déi finanziell Bedeelegung vun dem Gemengesecteur zum Beschäftegungsfong, dem Fonds pour l'emploi, soll wéi bis elo fir all Gemeng an eisen Aen d'selwecht, näämlech mat 2% vun dem Gewerbesteieropkommes, dat si kritt, festgeluecht ginn.

D'CSV, an dat soe mer kloer an däitlech, ass géint dee komplizéierten a virun allem ontransparente Korrekturmechanismus, esou wéi en am Reformprojet virgesinn ass, dee letztendlech e puer Gemengen, an net déi gréisst um Niveau vun der Populatioun, hei iwwerméisseg finanziell bludden deet.

Här President, ech hunn et virdru gesot, leider gëtt hei d'Geleeënheet verpasst, eng Reform ze maachen, déi méi déif geet an och do eppes verännert, wou et ëm konkret Interesse vun eisem Land, vum Standuert geet. Ech denken hei un d'Gewerbesteier. Un dem System vun der Gewerbesteier gëtt am Prinzip mat der Reform näischt geännert. Am Kontext vun internationaler Harmoniséierung am Steierberäich wäerte mir, ob mer dat wëllen oder net, eis mëttelfristeg mussen op e Kierperschaftssteiersaz vu 15% hibewegen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Dëst brauche mir och aus Kompetitivitéitsgrënn. Betriber bezuelen domat net onbedéngt manner Steieren, mä den affichéierte Steiersaz kënnt méi no zu dem duerchschnëttleche Prozentsaz, deen d'Betriber effektiv bezuelen. Wann dann nach 6% bis 8% zousätzlech Gewerbesteier dropkommen, da kann dat däers Gudden awer e bëssen ze vill ginn, well näämlech op der Gewerbesteier déi sougenannte Bonification à l'investissement op Basis vum Artikel 152bis, déi kann do net ofgezu ginn.

Mir kënnen also net d'Besteierungsbasis verbreederen a gläichzäiteg d'Tauxen um selwechten Niveau loossen, soss geet d'Steierlaascht an d'Luucht. Wann een dat net wëllt, muss een d'Tauxen änneren. A wann ee wëllt, dass d'Steierlaascht soll an der Luucht bleiwen, da soll een dat och kloer soen.

Duerfir plädéiert d'CSV, fir parallell ze iwwerleeën, fir d'Gewerbesteier duerch e sougenannten „impôt communal complémentaire" ze ersetzen. Dës Steier, déi géif dann zousätzlech zu der Kierperschaftssteier op de Benefiss vun de Betriber opgehuewe ginn. Mat enger Héicht zum Beispill vu 4% bis 5% kéint een esou d'Gesamtbesteierungsbelaaschtung fir d'Betriber ënner 20% halen.

Ech erlabe mer och an dësem Kontext drop hinzeweisen, dass an dem Budgetsrapport vum Joer 2012, deen op de 6. Dezember och gemaach gi war, schonns esou e Budgetsmodell a Finanzéierungsmodell recommandéiert gouf. An d'Lëtzebuerger Zentralbank an d'Chambre de Commerce hunn a rezenten Avisen iwwregens och nach eemol op dee System higewisen.

Här President, d'CSV bedauert och, dass et um Niveau vun der Grondsteier weder eng Änderung an der geplangter Reform vun de Gemengefinanzen nach am Kontext vun der allgemenger Steierreform gëtt. Eng Reform vun der Grondsteier drängt sech awer op!

Eise sougenannten Impôt foncier geet op d'Krichszäit ënnert dem Nazi-Okkupant zréck. D'Bewäertunge vun den Immobilien datéieren aus dem Joer 1941. An Däitschland huet de Bundesfinanzhof dëse System als verfassungswidreg erkannt. Et ass ze fäerten, dass och hei am Land bei enger seriéiser Iwwerpréiwung eis Legislatioun un d'Grenze vun de Kritäre vun der Gläichheet an der Verhältnisméissegkeet géif stoussen.

Eis Grondsteier muss am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet an och am Sënn vun enger ugemoossener eegener Steierquell fir d'Gemenge reformëiert ginn. Et kann net sinn, dass hei zu Lëtzebuerg den Undeel vun der Grondsteier manner wéi 0,1% vun dem Bruttoinlandsprodukt ausmécht. Den EU-Duerchschnëtt, dee läit bei 1,4%, also 14-mol méi héich! An anere Wierder sinn dat zu Lëtzebuerg bei 2.586 km² de Moment ronn 45 Milioune Euro pro Joer. A wa mer géifen den EU-Duerchschnëtt applizéieren, da wieren dat 750 Milliounen Euro!

Et muss ee jo net an déi Paragë kommen, mä eng Upassung vun der Grondsteier no uewe wier e Plus u méi sozialer Gerechtegkeet. Op eng éischt Immobilie, déi als Eegenheem genotzt gëtt, soll een och vun engem Abattement kënne profitéieren.

Een, deen Immobilien am Wäert vun zeg Milliounen Euro huet, muss och bereet sinn, der Allgemengheet eppes méi iwwert dee Wee vun der Grondsteier ofzeginn. Een, deen en Appartement vun 100 m² verlount, dee bezilt duerfir de Moment an enger deierer Gemeng, déi ech nawell kennen, ronn 30 Euro Grondsteier d'Joer. 30 Euro an ech betounen: d'Joer! Hie kritt fir dat Appartement ronn 20.000 Euro Loyer pro Joer. Jo, dee Propriétaire, dee muss och bereet sinn, mëttelfristeg 150 Euro Grondsteier d'Joer ze bezuelen, déi en och nach ka vu senger Akommessteier ofsetzen. Säin Nettokäschtepunkt ass dann, jee no Spëtzesteiersaz, manner wéi 90 Euro, ech betounen: d'Joer!

Jo, d'CSV deelt a puncto Erhéije vun der Grondsteier hei dem fréieren LSAP-Budgetsrapporteur Franz Fayot seng Feststellung, déi hien op dëser Chambertribün am Dezember virun zwee Joer gemaach huet, wéi e sot, richteg d'ailleurs: „Här President, et gëtt verschidde Pisten an d'Richtung vun engem méi gerechte Steiersystem. Eng dovun, an déi steet och am Regierungsprogramm, betrëfft d'Grondsteier. Mir wëssen alleguer", sot den Här Fayot, „dass dës Steier lächerlech niddreg ass an dass se muss reformëiert ginn, fir dass se eng richteg Quell vun Akommes fir d'Gemenge gëtt."

Fir d'CSV soll de Gemengesecteur mëttelfristeg a progressiv iwwert dee Wee vun der Grondsteier eng Recette vun 0,5% vun dem Bruttoinlandsprodukt kréien. Op haut wieren dat 250 Milliounen Euro.

Fir d'LSAP, déi fir d'Neesaféiere vun der Verméigenssteier, fir eng Räichesteier, jo souguer fir eng Ierfschaftssteier an direkter Linn agetruede war, schéngt, zumindest no engem Communiqué vu gëschter Owend, dës Propos vun der CSV elo e Grëff an de Portmonni vun dem klenge Mann ze sinn. Si schwätzen do vun „ein tiefer Griff in die Geldbörsen der Bürger". Versteet do, wie wëllt!

D'CSV, Dir Dammen an Dir Hären, steet zu hirem Wahlprogramm. Mir si géint eng Verméigenssteier, mir si géint eng Räichesteier, mir si géint eng Ierfschaftssteier an direkter Linn. Mir sinn awer fir eng Reform vun der Grondsteier, déi de reelle Wäerter vun den Immobilie Rechnung dréit.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Méi Grondsteier bedeit an eisen Aen och méi finanziell Stabilitéit a Prévisibilitéit fir de Gemengesecteur. Fir d'CSV kéint ee sech un engem System orientéieren, deen als Grondprinzip hätt, dass de Wäert vun engem Terrain ausserhalb vun dem Perimeter op Basis vun der Surface zum Beispill vum Meter carré géif festgeluecht ginn. Bannent dem Perimeter géif de Wäert festgeluecht ginn op Basis vun der Wunnfläch respektiv der Gewerbefläch, déi en Terrain hiergëtt. Opgrond vun de Bestëmmungen, zumindest vun de PAGe vun der neier Generatioun, mat COS a CMU, wier dat einfach errechenbar. Sou e System wier och am Sënn vun der nohalteger Entwécklung.

Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei e ganz komplette Modell virgeschloen, dee gerecht ass an de Gemengefinanze méi Stabilitéit ka ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréissten Änderungen an dëser Gemengefinanzreform gëtt et um Niveau vun der sougenannter Péréquatioun, also der Ëmverdeelung vun de staatleche Gesamtzouwendungen tëschent den eenzelne Gemengen.

Bis elo ginn d'Sue vun der staatlecher Dotatioun no folgende Kritären tëschent de Gemenge verdeelt: Dat si 65% no der Populatioun, 15% no der Surface verte, déi eng Gemeng huet, an 20% no der Densitéit vun der Bevëlkerung.

Laut Reform gëllen hei an Zukunft fënnef Kritären. Éischte Kritär: 82% vun de staatleche Sue ginn an der Reform no der Bevëlkerung verdeelt, woubäi d'Awunnerzuel vun der Stad Lëtzebuerg mat 1,45 multiplizéiert gëtt, déi vun der Stad Esch mat 1,25 an d'Awunnerzuele vun de sougenannte CDAen, de Centres de développement et d'attraction, mat 1,05. Jee méi Awunner also eng Gemeng huet, wat se a priori besser ewechkënnt. Fir d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch grad ewéi d'CDAe méi ze favoriséieren, entsprécht och de Kritäre vun der Landesplanung oder dem fréieren IVL.

Dat geet och fir d'CSV, dat soe mer riicht eraus, an déi richteg Richtung, well dës Gemengen iwwerhuele jo och national respektiv gréisser iwwerregional Aufgaben a sollen dat och ugerechent kréien.

En zweete Kritär: 3% vun de staatleche Sue ginn an Zukunft verdeelt no der Unzuel vun den Aarbechtsplazen an de jeeweilege Gemengen. D'CSV, soe mer och kloer, steet hannert dësem Kritär. Dëst ënnerstëtzt iwwregens d'Gemengen an den Efforten, fir Betriber bei sech opzehuelen. A méi Aarbechtsplazen, dat sinn och méi Nodeeler fir déi eenzel Gemengen a puncto Verkéiersbelaaschtung vun den Infrastrukturen, Stauen, brauch ech lech net ze soen.

Drëtte Kritär: 9% bis 10% vun de staatlechen Einname ginn no engem Indice socio-économique verdeelt. Och dësem Kritär stëmmt d'CSV zou. E gëtt et jo scho bei dem Verdeele vun dem Léierpersonal an déi eenzel Schoule vun de Gemengen.

Véierte Kritär, do hu mer eng Differenz: 1% vun de staatlechen Zouwendunge ginn an Zukunft no der Unzuel vun de Sozialwunnenge verdeelt, déi eng Gemeng an Eegeregie baut. Mat dësem Kritär, dat soe mer och däitlech, ass d'CSV par contre net averstanen. Fir eis ass dat näämlech eng zweckgebonnen Zouwendung. De Statsrot schwätzt an dësem Kontext vun „Dirigismus". Bon, et si seng Termen.

D'CSV ass der Meenung, dass dat Wichtegst awer ass, dass Sozialwunnengen iwwerhaapt gebaut ginn, ob dat vun der Gemeng, vun dem Fonds du logement, vun der SNHBM oder vun aneren ass. Bezouschussunge sollen hei, fir eis, duerfir iwwert de Wee vun dem Pacte Logement erfollegen, deen zanter 20 Joer, an eisen Aen, och seng Preuvë gemaach huet.

Fënnefte Kritär: 5% vun de staatlechen Zouwendunge gi verdeelt no dem Kritär vun der sougenannter Surface ajustée. Hei spillt d'bebaubar Fläch an enger Gemeng. Jee méi dicht eng Gemeng bebaut ass, ëmsou méi Sue kritt se. D'CSV ass géint dëse Kritär, well hei bevëlkerungsdicht Gemengen nach eng Kéier zousätzlech bezouschusst ginn. Net all Gemeng kann och opgrond vu landesplaneresche Virgaben esou eng Bevëlkerungsdicht iwwerhaapt erreechen. An dëse Kritär ass duerfir fir eis fundamental ongerecht!

Här President, mir setzen op konstruktiv Oppositioun an och Alternativen. Duerfir hu mir en eegene Modell entwéckelt, dee sech wäitgeeënd awer un de Regierungsmodell, an dat war och eise Wonsch, uleent. Mir wëllen allerdéngs méi en einfache Modell mat just véier Kritären.

Éischtens: 80% vun de Gelder, an net 82%, ginn an eisem Modell no der Unzuel vun der Populatioun verdeelt, mat engem Bonus, wéi ech virdru gesot hunn, fir d'Stad Lëtzebuerg, fir d'Stad Esch an déi eenzel CDAen, genausou wéi et an dem Regierungsmodell virgesinn ass.

Zweetens: 3% vun de Gelder ginn no der Unzuel vun den Aarbechtsplaze verrechent, déi all Gemeng huet. Fir 9% bis 10% vun de Gelder gëllt de Kritär vun dem Indice socio-économique. Fir déi reschtlech 8%, déi dann nach bleiwen, gëllt an eisen Aen de Kritär vun der sougenannter Surface verte, esou wéi e bis elo zanter 30 Joer bei der Verdeelung vun de staatlechen Zouwendungen um Niveau vun der Dotation financière gespillt huet. Dëse leschte Kritär géif virun allem flächenintensive Gemengen zeguttkommen.

Laut Regierungsmodell géife fir 2017 insgesamt 74 Gemenge méi Sue vum Stat kréien ewéi am Referenzjoer 2015. 31 Gemenge géife manner kréien. Mä dee Verloscht géife se kompenséiert kréien, fir net ënnert déi staatlech Zouwendung ze kommen, déi se fir 2015 kruten. De Montant vun dëser Kompensatioun am Regierungsmodell beleeft sech op 16,7 Milliounen Euro.

Mat der Propositioun vun der CSV géifen dogéint nëmme 16 Gemenge manner kréien. 89 Gemenge kréiche méi. D'Kompensatioun, fir dass keng Gemeng ënnert den Niveau vun dem Referenzjoer 2015 géif falen, wier an dem CSV-Modell nëmme 7,7 Milliounen Euro.

Mam CSV-Modell géife mer also mat manner méi maachen! D'Differenz tëschent dem CSV-Modell an dem Regierungsmodell: 9 Millioune sinn dat u Kompenséierungsmoossnamen. Mir fannen, dass den CSV-Virschlag méi gerecht ass, well et manner Verléierer gëtt. De Verloscht vun de flächenintensive Gemengen ass am CSV-Modell och manner grouss.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Dat kënnt dovunner, well am CSV-Modell déi bevëlkerungsméisseg grouss Gemenge manner bäikréien ewéi an dem Regierungsmodell.

Elo ass et awer och e Fakt, an dat soll een och kloer soen, dass urban Gemenge verschidde Käschten ze droen hunn, déi a bevëlkerungsméisseg méi grousse (veuillez lire: klenge) Gemengen net ufalen, esou zum Beispill d'Organisatioun vun engem ëffentlechen Transport.

Duerfir schloe mir vir, déi Gemengen, déi den ëffentlechen Transport op städtescher oder regionaler Basis organiséieren, mat enger zousätzlecher staatlecher Bezouschussung ze ënnerstëtzen. Dës Dotatioun soll en Deel vun den ufalende Käschten an dem Persounentransport ausgläichen. Dësen Ausgläich zielt notamment fir déi néng TICE-Gemengen, déi grouss Gemengen aus dem Süden a fir d'Stad

Lëtzebuerg. Et wier, doriwwer eraus, och eng sënnvoll an nohalteg Investitioun am Sënn vun der Landesplanung an der Mobilitéit.

Mat den néng Milliounen Euro Aspuerunge vun dem CSV-Alternativmodell kéint een iwwer esou eng regional Dotatioun zum Beispill de gesamten Defizit vun dem TICE decken, wat fir déi eenzel grouss Südgemengen eigentlech plus ou moins dat ass, wat si an dem CSV-Modell am Verglach zu dem Regierungsmodell géife manner bäikréien.

Esou steet et iwwregens och an dem Rapport vun der Commission „Réorganisation territoriale du Luxembourg" aus dem Joer 2008. Ech liesen lech dat vir: «La Commission estime que la création de fonds régionaux compléterait utilement et logiquement le cadre juridique et politique tracé par les plans régionaux de développement. Ces fonds seraient alimentés à partir du budget de l'État et destinés au financement d'équipements et de politiques retenus pour le développement régional. Ces fonds feraient ainsi partie du budget des syndicats intercommunaux de gestion régionale, dont ils constitueraient sans doute la source d'alimentation majeure, et seraient intégrés dans les budgets des communautés urbaines du Sud et du Centre-Sud en tant que dotation de l'État. La communauté urbaine de la „Nordstad" devra également bénéficier d'une telle dotation de l'État, afin de lui permettre d'assumer les missions spécifiques de cet espace.»

Wa méi Fongen néideg wieren, dat soe mer och kloer, fir d'Mobilitéit, den ëffentlechen Transport op städtescher a regionaler Basis ze ënnerstëtzen, kéint een, wann dat da wierklech néideg wier, dat steierlech géigefinanzéieren iwwert de Wee vun der Kilometerpauschal, dem sougenannte Forfait kilométrique. D'Begrënnung wier, dass, wann een am direkten Emkrees vu grousse Ballungszentre wunnt, do d'Offer an dem ëffentlechen Transport eigentlech generell méi breet ass.

A wann ee kuckt an de Wahlprogrammer an notamment deem vun der Demokratescher Partei, do steet och déi Iddi ganz kloer schonn als Propos dran: „Öffentlicher Transport statt Individualverkehr steuerlich fördern. Wir werden die steuerlichen Vorteile zugunsten des Individualverkehrs insgesamt überprüfen, da es weder wirtschaftlich noch ökologisch Sinn machen kann, einerseits Millionen Euro in den öffentlichen Transport zu investieren und andererseits den Individualverkehr steuerlich zu fördern. Wir denken zudem daran, die Pendlerpauschale neu zu strukturieren, um die Benutzung des öffentlichen Transports zu fördern."

Abee, mir hu gesinn, dass an dem Accord salarial vun der Fonction publique elo déi eenzel Beamten den M-Pass bezouschusst kréien. Mir wären der Meenung, dass dat och Grond an Iddi wier, fir iwwert dee Reformvirschlag vun der CSV nozedenken, näämlech déi forfaitaire Kilometerpauschal, déi net steierlech berücksichtegt gëtt, vun dem Moment véier Kilometer op sechs Kilometer eropzesetzen. Duerfir ass dat eng vun de méigleche Pisten, fir dat géigenzefinanzéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss nach eemol eis Propose kuerz, eise Plang fir d'Gemengen an zéng Punkten ze resüméieren. Et sinn zéng Punkten am Zeeche vu méi Gerechtegkeet, méi Transparenz an och méi Planungssécherheet.

D'CSV proposéiert, éischtens, dass d'Gemengen an Zukunft 10% vun de gesamten TVA-Recettë vum Stat kréien.

Zweetens: Dass den neie Rettungsdéngscht CGDIS direkt aus dem Statsbudget finanzéiert gëtt an déi jäerlech Participatioun vun de Gemengen un de Rettungsdéngschter soll iwwer Gesetz festgeluecht ginn.

Drëttens: Dass d'Verdeele vun den net zweckgebonnene staatleche Suen tëschent de Gemengen no véier Kritäre geschitt: der Unzuel vun den Awunner, 80%; der Unzuel vun den Aarbechtsplazen an der Gemeng, 3%; engem Critère socio-économique 9% bis 10% an engem Kritär vun der Surface verte, 8%.

Véiertens: Dass op eng Zäitschinn vu fënnef Joer et zu enger fester Ubannung vun den net affektéierte Gemengerecetten un d'Statsrecettë kënnt.

Fënneftens: Dass jiddwer Gemeng muss eenzel fir d'Sozialbäiträg vun hire Fonctionnairen opkommen an dass net däerf global eng Gesamtenveloppe vun dem ganze kommunale Secteur ofgerechent ginn.

Sechstens: Dass all Gemeng no deemselwechte Kritär, näämlech 2% vun der Gewerbesteier, un dem Finanzement vun dem Beschäftegungsfong bedeelegt gëtt.

Siwentens: Dass separat eng staatlech Bedeelegung un der Mobilitéit fir déi grouss Süd-Gemengen, den TICE an d'Stad Lëtzebuerg mat dem AVL geschafe gëtt.

Aachtens: Dass, wann néideg a wéi ech dat virdrun explizéiert hunn, eng eventuell Géigefinanzéierung vun dëser Moossnam gemaach gëtt iwwert de Wee vun engem Eropsetze vun der Kilometerpauschal, déi net steierlech ka geltend gemaach ginn, vu véier op sechs Unitéiten.

D'Méieinname léichen eise Berechnungen no - och opgrond vun deem, wat a verschiddenen Avisen notamment vun der Chambre de Commerce zum Budget virgeschloen ass - hei tëschent 20 a 25 Milliounen Euro pro Joer. Et kann een näämlech dovun ausgoen, dass Leit, déi an engem Emkrees vu bis zu sechs Kilometer vun hirer Aarbechtsplaz a besonnesch vun der Stad Lëtzebuerg ewech wunnen, eigentlech d'Méiglechkeet hunn, verstäerkt kënnen op den ëffentlechen Transport zréckzegräifen.

Néngtens: Dass et am Sënn vu méi Kompetitivitéit vun dem Standuert Lëtzebuerg zu enger Reform vun der Gewerbesteier kënnt, fir d'Gesamtsteierlaascht vun de Betriber mëttelfristeg ënner 20% ze drécken.

Zéngtens a leschtens: Dass et zu enger veritabeler Reform vun der Grondsteier kënnt, déi dem Gemengesecteur mëttelfristeg a progressiv en Akommes vun 0,5% vun dem Bruttoinlandsprodukt soll bréngen.

Zum Schluss nach dëst: Eng Reform vun de Gemengefinanzen ass en Deel vun engem Zukunftsplang fir d'Gemengen a fir eist ganzt Land. Dozou gehéieren och Steierfroen am Kontext vun dem territorialen Zouschnëtt vum Land.

Mir bedaueren, dass dës Froe vun der Regierung net konkret beäntwert gi sinn. Mir hu se beäntwert an och duerfir konkret Propose gemaach. An dat wëlle mir dëser Chamber als Amendementen och virleeën.

Amendement 1

Au paragraphe (1) de l'article 3 les points 2, 5 et 6 sont supprimés. Les points 3 et 4 du paragraphe (1) de l'article 3 sont renumérotés et deviennent les points 2 et 3.

Commentaire

Il est proposé de supprimer les définitions des notions «superficie totale», «logement social» et «ratio des zones urbanisées» qui deviennent superfétatoires suite à l'amendement 3 ci-après.

Amendement 2

À la lettre a) du point 2 du paragraphe (2) de l'article 3 le nombre «82» est remplacé par celui de «80»

Commentaire

Il est proposé de fixer la répartition du Fonds de dotation globale des communes en fonction de la population ajustée des différentes communes à 80 pour cent.

Amendement 3

Les lettres d) et e) du point 2 du paragraphe (2) de l'article 3 sont supprimées et remplacées par une nouvelle lettre d) ayant la teneur suivante:

«d). i) 5 pour cent au prorata de la base d'assiette de l'impôt foncier des propriétés agricoles et forestières au sens du paragraphe 3, nº1 de la loi sur l'impôt foncier telle qu'elle est fixée au 1er janvier 2017;

ii) 3 pour cent au prorata de la surface des terrains relatifs aux propriétés agricoles et forestières au sens du paragraphe 3, nº1 de la loi sur l'impôt foncier, telle qu'elle est fixée au 1er janvier 2017;»

Commentaire

Il est tout d'abord proposé de supprimer le critère de répartition lié au nombre de logements locatifs sociaux des communes alors qu'il a pour objet de dénaturer une recette non affectée des communes en recette affectée. L'effort des communes de s'investir dans la réalisation de logements sociaux soit directement soit indirectement par le biais de promoteurs publics ou privés devrait être reconnu au niveau des subventions à allouer aux communes par l'intermédiaire des mesures prévues au pacte logement.

Il est ensuite proposé de remplacer le critère de la «superficie ajustée de la commune» par celui de la «superficie verte». Ce critère a fait ses preuves tout au long des dernières 30 années en contrebalançant un certain déséquilibre en défaveur des communes disposant d'un vaste territoire mais faiblement peuplées en raison de contraintes géographiques et des lignes directrices de l'aménagement du territoire.

Il s'ensuit que les lettres d) et e) du point 2 du paragraphe (2) de l'article 3 sont supprimées et que le critère de la «superficie verte» comme critère de répartition du Fonds de dotation globale des communes est réintroduit.

Amendement 4

Le point 1 de l'article 7 est supprimé et remplacé par un nouveau point 1 libellé comme suit:

«La contribution de chaque commune au Fonds pour l'emploi est fixée à 2 pour cent du produit en impôt commercial communal généré sur son territoire.»

Les points 2 et 3 de l'article 7 sont supprimés.

Commentaire

L'amendement 4 reprend le mode de calcul de la participation des communes au Fonds pour l'emploi tel qu'il existe actuellement. Ce mécanisme a fait ses preuves. Il est plus transparent et plus juste que le mécanisme correcteur prévu à l'article 7 du projet gouvernemental qui défavorise outre mesure les communes à population réduite.

Amendement 5

Au 2e alinéa de l'article 10, les termes «ainsi que les participations éventuelles au Fonds pour l'emploi telles que déterminées en vertu de l'article 7» sont supprimés. Le 2e alinéa de l'article 10 est libellé comme suit:

«À la fin de chaque exercice budgétaire, il est établi un décompte pour chaque commune regroupant les recettes en Fonds de dotation globale des communes ainsi que les participations directes des communes au produit en impôt commercial communal.»

Au 4e alinéa de l'article 10, les termes «et les participations au Fonds pour l'emploi» sont supprimés.

Commentaire

Le Fonds pour l'emploi est un fonds dont la dotation et l'alimentation sont organisées selon le principe de la solidarité. Les communes sont conscientes de cette responsabilité. C'est pourquoi il est proposé que les communes continuent, comme dans le passé, à contribuer à raison de 2 pour cent par rapport à leurs recettes en impôt commercial communal. Ainsi, la mesure de compensation permettant aux communes de compenser une partie de leur contribution au Fonds pour l'emploi devient superfétatoire.

(s.) Gilles Roth, Jean-Marie Halsdorf, Marc Lies, Claude Wiseler, Michel Wolter.

Zousätzlech hannerleeën ech och nach zwou Motiounen: Déi eng betrëfft d'Opdeelung vun de Soziallaaschte vun de Fonctionnairen tëschent de Gemengen an déi aner Motioun betrëfft d'Reform vun der Grondsteier.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que l'impôt foncier ne représente qu'une contribution infime au niveau des recettes ordinaires des communes;

- estimant que la détermination de l'impôt foncier sur base de la valeur unitaire est une opération trop complexe;

- constatant que cette détermination repose sur une évaluation anachronique des immeubles sur une base des prix de l'année 1940;

- constatant une sous-évaluation massive de l'assiette imposable en général et des inégalités au niveau de l'évaluation des propriétés immobilières en fonction de leur localisation;

- estimant qu'une refixation des valeurs unitaires des propriétés soumises à l'impôt foncier s'avère indiquée;

- estimant qu'une imposition plus appropriée de la propriété immobilière répond à une plus grande équité fiscale;

- notant que le programme gouvernemental prévoit de réformer l'impôt foncier dans le cadre d'une réforme globale des finances communales;

- constatant que le projet de loi 7036 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes ne prévoit cependant aucune réforme de l'impôt foncier,

invite le Gouvernement

- à procéder à une réforme de l'impôt foncier d'ici la fin de la législature.

(s.) Gilles Roth, Emile Eicher, Jean-Marie Halsdorf, Marc Lies, Michel Wolter.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que le Gouvernement propose de réduire sa contribution au Fonds de dotation globale des communes (FDG) d'un abattement estimé pour 2017 à quelque 50 millions d'euros, ce qui correspond à la participation étatique de 14,7% à la Caisse de prévoyance des fonctionnaires et des employés communaux (CPFEC);

- qu'il en résulte une moins-value de recettes pour l'ensemble du secteur communal;

- que ce retrait indirect de l'État du financement de la CPFEC par le biais d'un abattement global impacte les communes prises individuellement de manière différente que si le financement de la CPFEC était assuré par chaque commune au prorata de ses charges sociales,

invite le Gouvernement

- à répartir l'abattement entre les différentes communes en fonction des charges sociales relatives aux fonctionnaires et employés communaux qu'elles occupent.

(s.) Gilles Roth, Emile Eicher, Jean-Marie Halsdorf, Marc Lies, Michel Wolter.

D'CSV-Fraktioun, Här President, huet eng Preferenz fir hiren Alternativmodell a wäert duerfir dëse Gesetzesprojet net stëmmen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Hahn, pardon, dem Här Roth. Ech war schonn eng Etapp weider.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, ech si vläicht heiansdo den Hunn am Kuerf...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech war schonn eng Etapp weider. Ech widderhuele mech dann nach eng Kéier. Merci dem Här Roth. An elo huet d'Wuert den Här Hahn fir d'DP.

M. Max Hahn *(DP)*.- Här President, dass iwwer eng Gemengefinanzreform geschwat gëtt, ass ee gewinnt. Et gëtt schliisslech scho wärend Jorzéngten dovu geschwat, dass eng Reform vun den Haaptrecettë vun eise Gemengen iwwerfälleg wier. An dat, well den aktuelle Verdeelungsschlëssel net gerecht wier an d'Écarten tëschent deenen eenzelne Gemengen, wat d'Pro-Kapp-Recetten ugeet, vill ze grouss wieren.

Et ass déi lescht 20 Joer awer just beim Schwätze bliwwen! An a regelméissegen Ofstänn ass dëst Thema ëmmer erëm op d'Tapéit komm, meeschtens wann d'Gemengen un hire Budgete geschafft hunn.

An dobäi ass d'Rezept vun enger Gemengefinanzreform dach relativ einfach. Éischtens, et däerf keng Gemeng no der Reform manner Sue kréie wéi virdrun, an zweetens, déi Gemengen, déi bis elo am mannste kruten, sollen no der Reform méi kréien. Dës zwou Viraussetzunge kënnen deemno just erfëllt ginn, wann de Stat de Gemengen insgesamt méi Geld zur Verfügung stellt. Dofir wëll ech der Regierung op dëser Plaz félicitéieren. Si huet näämlech dat fäerdegbruecht, un deem vill Regierunge virdru gescheitert sinn.

Ech widderhuele mech zwar, mä eng Reform vun de Gemengefinanzen op d'Been ze stelle geet just, wann ee sech déi néideg budgetär Mëttele gëtt. Dofir gëllt och eisem Finanzminister e spezielle Merci. Zum engen huet hien accordéiert, dass dem Gemengesecteur an Zukunft all Joer ronn 90 Millioune méi zur Verfügung stinn, an zum aneren huet hie sech dofir agesat, dass am Kader vun dëser Reform keng Gemeng och nëmmen een Euro verléiert. An dofir huet hien de Gemengen nach zousätzlech 20 Milliounen zur Verfügung gestallt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Deen, deen opgepasst huet a matgerechent huet,...

Une voix.- Eigentlech méi!

M. Max Hahn *(DP)*.- ...huet festgestallt, dass ab nächstem Joer all Joers 110 Millioune méi an d'Gemengekeesse fléissen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Jo, 110 Milliounen, dat ass e Pak Geld! Dës Regierung huet dës Entscheedung getraff, well si erkannt huet, wat fir eng wichteg Roll d'Gemengen an der Organisatioun vun eisem Stat spillen. D'Gemengen hu sech am Laf vun der Zäit vu Verwaltungen zu modernen Déngschtleeschtungsbetriber entwéckelt an hu sech misse permanent un hir nei Missiounen upassen. Dat kascht d'Gemengen natierlech deementspriechend Suen.

D'Ufuerderunge vun de Bierger un hir Gemenge sinn haut näämlech ganz villsäiteg. Wou däerf een nach wéi wunnen? Wéi gi meng Kanner versuergt? Wéi kommen ech esou séier wéi méiglech op meng Schaff an erëm zréck? Kuerz, et geet ëm d'Liewensqualitéit vun eise Bierger. An d'Zäiten, wou d'Kommunalpolitik e bëssen erofwierdegend als Trottoirspolitik bezeechent gouf, sinn definitiv eriwwer!

D'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg kann nëmmen iwwer eng Kombinatioun aus enger intelligenter Landesplanung a staarke Gemengen an d'Luucht goen. D'Rolle vun deenen eenzelne Gemenge mussen am Kader vun der Landesplanung kloer verdeelt ginn. Wärend déi urban Gemenge virun allem Plaz fir d'Wunnen an d'Schaffe schafe sollen, mussen et och Gemenge ginn, déi als eng Zort gréng Long en Equiliber tëschent dëse Ballungsraim schafen.

Dat heescht awer net, dass ländlech Gemenge manner wichteg Aufgaben an Erausfuerderungen unzepaken hunn oder d'Bierger aus dëse Regioune vernoléissegt solle ginn. Ganz am Géigendeel! D'DP setzt sech weiderhi fir Investitiounen an all Regioun vum Land an. Mir ënnerstëtzen dofir och, dass d'Entwécklungspoler hei am Land iwwert dat ganzt Land verdeelt sinn a keng Regioun benodeelegt gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- All Gemeng, egal ob urban oder ländlech, huet eng wichteg Roll an der Entwécklung vun eisem Land ze spillen. Dofir muss all Gemeng déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung gestallt kréien, fir hir Missiounen am Déngscht vum Bierger erfëllen ze kënnen.

D'Gemengefinanzreform dréit deem voll a ganz Rechnung. An déi zousätzlech ronn 110 Milliounen, déi d'Gemengen 2017 méi kënnen investéieren, ënnersträichen dëst och ganz kloer!

Här President, mir diskutéieren haut iwwer eng Reform, déi vun héich technescher Natur ass. Et gëtt mat villen Zuelen, Prozenter a Parametere jongléiert an d'Systemer, souwuel deen aktuelle wéi och deen zukünftegen, si fir vill Leit just schwéier ze duerchblécken.

Dës Reform ass trotz, oder vläicht och grad wéinst hirer Komplexheet och politescher Natur. Politesch dowéinst, well et ëm Gerechtegkeet geet. Wéi gerecht gëtt d'Dëppe vun de Gemengefinanze verdeelt? Wéi vill Suen hunn déi eenzel Gemengen zegutt? Wéi vill Sue brauche si, fir hire Bierger en optimale Service kënnen unzebidden a fir déi néideg Investitiounen ze tätegen?

Ass et dann zum Beispill gerecht, dass am aktuelle System e Bierger, deen zu Wäisswampech wunnt, senger Gemeng bis zu 77% méi aus dem Dëppe vun de Gemengefinanzen erabréngt wéi e Bierger, deen zu Beefort, Rëmeleng oder Iechternach wunnt?

Den aktuelle System a säi Verdeelungsschlëssel sinn net un den Hoer erbäigezunn. Et hat schonn eng Ursaach, firwat Gréngfläche besonnesch staark berücksichtegt goufen, fir d'Verdeelung vun de Gelder ze rechnen. Et ass drëms gaangen, fir d'Landgemenge mat enger grousser Fläch a verhältnisméisseg wéinege Bierger ze kompenséiere par rapport zu méi urbane Gemengen, déi dorobber ausgeriicht sinn, méi séier ze wuessen.

Well et awer elo säit Jorzéngte verpasst gouf, de System un déi nei Realitéiten unzepassen, gesi mer haut, dass den aktuelle Verdeelungsschlëssel net nëmme méi kompenséiert, mä eng Schéier tëschent de Gemenge geschafen huet, déi ëmmer méi wäit auserneegeet.

Här President, e System, dee fir méi Gerechtegkeet sollt suergen, an dat och eng laang Zäit gemaach huet, suergt elo fir Ongerechtegkeet an en deelweis extreemt Ongläichgewiicht tëschent de Recetten, déi déi eenzel Gemenge pro Awunner zur Verfügung hunn.

Här President, dat féiert mech dann och direkt bei d'Zil vun dëser Reform, näämlech déi Schéier, déi ech virdrun ernimmt hunn, erëm lues a lues zouzedrécken an d'Pro-Kapp-Akommes vun de Gemengen erëm méi no uneneen ze bréngen. Fir dëst ze erreechen, gëtt direkt un e puer Stellschrauwe gedréit. Al Verdeelungskritäre ginn ofgeschaaft an neier ginn agefouert. Wann ee sech déi Kritären eenzel ukuckt, kann een iwwer se all diskutéieren, ob se gerecht sinn a wéi vill déi eng oder déi aner Gemeng bei deem engen oder deem anere Kritär par rapport zu haut verléiert.

Mä iwwer eent, Här President, kann een net diskutéieren: D'Zil, dat sech dës Reform gesat huet, gëtt zumindest fir déi nächst Joren erreecht. D'Pro-Kapp-Recettë vun de Gemenge wäerten no der Reform méi no beienee si wéi virun der Reform.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- A wann ech soen: „D'Gemenge komme méi no beieneen", dann heescht dat net, dass de Ranking op d'Kopp gedréit gëtt. Wann een am Ranking d'Stad Lëtzebuerg wéinst hirer spezieller Situatioun ausklamert, dann huet den Zweeten am Ranking, Wäisswampech, no der Reform nach ëmmer ronn 1.000 Euro op de Kapp méi zegutt wéi dee Leschten, Suessem.

Deen Ënnerscheed vum Zweeten op dee Leschten ass allerdéngs vu 77% op 41% erofgaangen an dertëscht ass en däitlecht Zesammeréckelen ze verzeechnen. Dëst Zesammeréckelen ass just dorop zréckzeféieren, dass 74 Gemengen no der Reform zum Deel däitlech méi Sue kréien, ouni dass déi aner 31 Gemengen och nëmmen een Euro verléieren.

Une voix.- Très bien! Ganz richteg!

(Interruption)

M. Max Hahn *(DP)*.- Dëst ass nëmme méiglech, well de Stat ab dem nächste Joer de Gemengen hiren Drëttel vun den Enseignantsgehälter iwwerhëlt a virtuell Verléierer vun der Reform op d'Basis vum Joer 2015 kompenséiert.

Här President, Vertrieder aus der Oppositioun hu sech déi lescht Deeg a Wochen e Spaass draus gemaach virzerechnen, wou déi eng oder déi aner Gemeng wéinst där enger oder där anerer neier Stellschrauf, un där gedréit gëtt, benodeelegt gëtt. Ech si mer sécher, esou Beispiller wäerte mer der haut nach e puer héieren.

Jo, et kann een iwwer all Stellschrauf eenzel diskutéieren. A jo, eenzel Kritäre si fir déi eng Gemeng méi favorabel wéi fir déi aner. Dat ass net ze verhënneren an ass och am aktuelle System de Fall. Et ass awer net richteg, déi Kritären eenzel ze betruechten an ze soen: „Bei deem Kritär kommen ech méi schlecht ewech wéi meng Nopeschgemeng." Et muss een näämlech d'Gesamtsituatioun kucken a virun allem matarechnen, dass een an Zukunft net méi een Drëttel vun den Enseignantsgehälter bezuele muss an dass 74 Gemengen no der Reform méi kréie wéi virun der Reform an dass déi aner Gemenge kompenséiert ginn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi Zuelen, Madamm Presidentin, déi léien net. Wann ee sech awer elo just de Ranking mat Pro-Kapp-Akommes no der Reform ukuckt, stellt ee fest, dass ënnert deenen éischte 15 Gemengen der aacht aus dem Norde sinn an dass dëst aacht Gemenge sinn, déi net bäigewanne wäerten. Et stellt ee weider fest, dass all déi 17 Gemengen aus dem Norden, déi net bäigewannen, sech an der éischter Halschent vum Ranking befannen: D'Gemenge Wäisswampech a Wëntger zum Beispill wäerten och an Zukunft gutt 1.000 Euro op de Kapp méi zur Verfügung hu wéi d'Gemeng Suessem.

Madamm Presidentin, all Bezierk gewënnt iwwregens bäi. D'Zil vun dëser Reform war et jo och, d'Sue méi geziilt dohinner ze kréien, wou vill Leit wunnen. Dofir ginn och déi eenzel Entwécklungspole beim Kritär vun der Populatioun méi favorabel behandelt wéi aner Gemengen. De Sënn do derhannert ass och, dass an deene Gemengen net nëmme Projete realiséiert ginn, déi just de Leit zeguttkommen, déi do wunnen, mä och den Nopeschgemengen an hire Bierger.

Dëst huet am Gemengesecteur fir vill Opreegung gesuergt, well eenzel Leit - an ech kann et leider net anescht soen - Stëmmung mat enger politescher Agenda gemaach hunn, andeems se déi eng Gemeng géint déi aner ausgespillt hunn a souguer vu Regioune geschwat hunn, déi verrode goufen, fir dass aner Bezierker Suen nogehäit kréien.

(Interruption)

Déi Leit, vun deenen ech schwätzen, hu bewosst Gemengeverantwortlecher a Bierger mat falschen Zuelen an Argumenter approchéiert!

M. Gilles Baum *(DP)*.- Ooh! Dat ass awer net an der Rei.

Une voix.- Dat ass awer net richteg.

M. Gilles Baum *(DP)*.- Dat ass awer net richteg, esou Saachen ze maachen.

M. Max Hahn *(DP)*.- Loosst mech just esou vill soen: Wann ee sech elo déi verschidde Gewënner vun der Reform ukuckt,...

M. Gilles Baum *(DP)*.- Dat ass awer net an der Rei.

M. Max Hahn *(DP)*.- ...da sinn do souwuel urban wéi och ländlech Gemengen derbäi. A si kommen aus all de Bezierker. All Bezierk kritt am Total no der Reform däitlech méi eraus wéi virun der Reform.

(Brouhaha)

An och d'Regioune si bei de Pro-Kapp-Recettë mat der Reform méi no beieneegeréckelt.

M. Gilles Baum *(DP)*.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Wann ech mer just eng Kritik erlaben däerf, Här Minister: Dir wësst, dass op de Gemengen de Moment fläisseg un de Budgete fir d'nächst Joer geschafft gëtt. De Ministère huet richtegerweis an d'Budgetscirculairen d'Zuelen op Basis vun dëser Reform ageschriwwen. Leider hunn déi Zuelen zum Deel zu Mëssverständnisser geféiert, déi d'Stëmmungsmaach géint dës Reform nach méi befeiert hunn.

Ech denken do zum Beispill un d'Kontributioune vu verschiddene Gemengen an de Fonds pour l'emploi, déi zum Deel extrem an d'Luucht gaange sinn. Hei ass net eendeiteg aus der Circulaire ervirgaangen, dass déi Kontributioune Bestanddeel vun dëser Reform sinn an net „on top" vum Ganze sinn. Allgemeng géif ech mer e bësse méi Transparenz an de Gemengefinanze wënschen.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Ech ka verstoen, wann ee fäert, dass ze vill Transparenz dës Reform torpedéiere géif, éier se iwwerhaapt a Kraaft getrueden ass.

Une voix.- Ah sou!

M. Max Hahn *(DP)*.- Ech fäerten awer, dass genau de Géigendeel de Fall ass.

Madamm Presidentin, ech wëll dann awer och nach e puer Wuert zum alternative Modell, deen d'CSV proposéiert huet, soen. Hei gëtt jo ënner anerem gefuerdert, dass de Kritär vun der Populatioun op 80% erofgeschrauft gëtt an dofir amplaz d'Surface verte erëm mat 8% berücksichtegt gëtt. Dat hätt zur Konsequenz, dass méi Gemenge géife gewannen a manner Gemenge misste kompenséiert ginn.

(Interruptions)

Wann een dat esou héiert, kléngt dat jo fir d'Éischt guer net esou schlecht!

Une voix.- Dat ass esou.

M. Max Hahn *(DP)*.- Firwat iwwerhuele mir dëse Modell dann net?

(Exclamations)

(Interruption par la présidence)

Ma mir iwwerhuelen en net,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift, wann ech gelift!

(Brouhaha)

M. Max Hahn *(DP)*.- Ma mir iwwerhuelen en net, well dee Modell d'Zil vun dëser Reform, also d'Pro-Kapp-Recettë vun de Gemenge méi no beieneenzebréngen, net nëmmen net erfëllt, mä am Generellen d'Schéier tëschent de Gemengen souguer nach méi grouss géif maachen.

Une voix.- Très bien!

Plusieurs voix.- Aah!

M. Max Hahn *(DP)*.- Doduerch, dass manner kompenséiert misst ginn, kommen natierlech och manner Suen an de System, also bei d'Gemengen.

Une voix.- Richteg!

M. Max Hahn *(DP)*.- Ausserdeem géifen déi Gemengen, déi de Moment wéineg pro Kapp erakréien, manner gewannen. Ech kann och net wierklech novollzéien, dass d'CSV mat engem Géigevirschlag kënnt, deen déi 90 Millioune matabezitt, déi d'Regierung de Gemenge méi zur Verfügung stelle wäert. War et dann net de Claude Wiseler um CSV-Konvent, deen erkläert huet, dass eng CSV-Regierung sech eng Gemengefinanzreform net esou vill géif kaschte loossen?

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Max Hahn *(DP)*.- Et ass jo wierklech erstaunlech, wat d'Zukunftsvisioune vum CSV-Spëtzekandidat fir de Gemengesecteur sinn, besonnesch wann ech mech un eng aner Ausso vum Här Wiseler erënneren, deen d'Gemengen iwwer en nationale Referendum fusionéiere wëllt.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A wéi Der elo virdrun héieren hutt...

M. Max Hahn *(DP)*.- Eng aner Konsequenz...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A wéi Der elo virdrun héieren hutt, hu mer gesot, datt mer déi zwou Saache géife matenee verbannen. An da sollt Der deem och Rechnung droen!

(Coup de cloche de la présidence)

M. Max Hahn *(DP)*.- ...vun där alternativer Reform wier, dass d'Stad Esch manner géif bäigewannen an d'Stad Lëtzebuerg souguer verléieren am Verglach mam aktuelle System!

(Brouhaha)

Ech muss Iech ganz éierlech soen, dass ech et onverantwortlech fannen, dass eis Haaptstad politesch mëssbraucht gëtt, fir eenzel Regiounen a Gemengen géinteneen auszespillen!

(Exclamations)

M. Gilles Baum *(DP)*.- Ooh! Dat geet awer net!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et gëtt awer ëmmer besser!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Max Hahn *(DP)*.- Wann ech esou Aussoen héiere wéi: „Eis ländlech Gemenge musse bludden, fir dass d'Stad Lëtzebuerg nach e puer Millioune méi op d'Spuerbuch setze kann", da seet dat awer net nëmmen eppes iwwert d'Onéierlechkeet vu verschiddene Leit an dësem Débat aus, mä et weist och, dass eenzel Leit net un engem kohärente Konzept fir eis Landesplanung interesséiert sinn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Éischtens stëmmt et net, dass och nëmmen eng eenzeg Gemeng muss wéinst dëser Reform bludden. Iwwert d'Kompensatioun gouf haut jo scho genuch geschwat. Ganz am Géigendeel, vill ländlech Gemenge stinn no der Reform besser do wéi am aktuelle System.

(Interruption)

An zweetens muss ech Iech awer nu wierklech net déi speziell Konstellatioun an der Stad Lëtzebuerg erklären! Eis Haaptstad ass net nëmmen de Mëttelpunkt vum Liewe vun den iwwer 115.000 Leit, déi hei wunnen, mä ass och d'Aarbechtsplaz fir eng ganz grouss Majoritéit vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Wärend dem Dag ass d'Stad fir duebel esou vill Leit responsabel wéi se Awunner huet. Dat spiert een natierlech och bei den Infrastrukturen a virun allem beim Transport.

(Interruption)

D'Stad Lëtzebuerg ass gezwongen, permanent nei Investitiounen an hir Transportinfrastrukturen ze tätegen. Nieft deem, wat schonn an der Vergaangenheet realiséiert gouf, wësse mer, dass mam Tram an dem weidere qualitativen Ausbau vun de Bus-, Vëlos- a Foussgängerréseauen enorm Investitiounen op eis Haaptstad duerkommen.

(Interruption)

Mir alleguer heibannen a jiddweren, dee sech hei an der Stad beweegt, wëssen, wéi noutwendeg dës Projete sinn. Natierlech heescht dat net, dass aner Gemengen am Land, beispillsweis déi Gemengen, déi vill Duerchgangstrafic ze bekloen hunn, manner wichteg Aufgaben ze erfëllen hunn. Ech wëll dofir nach eng Kéier betounen, dass duerch dës Reform keng Gemeng eppes verléiert a ganz am Géigendeel déi allermeescht Gemenge méi wäerte kréien.

Madamm Presidentin, ech stelle mer dann awer och nach eng Rei aner Froen, wann ech mer d'Pressekonferenz vun der CSV gëschter ulauschteren. Do geet ënner anerem rieds vun enger Reform vun der Gewerbesteier, déi d'Gesamtsteierlaascht vun de Betriber ënner 20% géif drécken. De Verloscht u Recettë géif - der CSV no - duerch eng Reform vun der Grondsteier ausgeglach ginn, déi d'Joresrecettë vu 45 Milliounen op ronn 250 Milliounen eropdreiwe géif. Ech wëll dës Propose guer net jugéieren. Ech froe mech just, ob et wierklech gutt bei de Bierger ukënnt, dass eng zousätzlech Steiererliichterung fir d'Betriber aus hirem Portmonni bezuelt gëtt.

Ech freeë mech allerdéngs, dass de Gilles Roth erëm konstruktiv un der Reform vun der Grondsteier matschaffen däerf, nodeems seng Partei him virun net allze laanger Zäit nach verbueden huet, an engem Aarbechtsgrupp zu deem Sujet matzeschaffen.

(Brouhaha)

Une voix.- Ganz gutt, ganz gutt!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Also, mir waarden awer op d'Resultater vum Aarbechtsgrupp!

M. Max Hahn *(DP)*.- Madamm Presidentin, ech hunn elo vill iwwert déi zukünfteg Recettë vun de Gemenge geschwat. Ech wëll elo nach e puer Wuert iwwert d'Dépensë verléieren.

D'DP begréisst, dass mat dëser Reform d'Écarten tëschent de Gemenge méi kleng ginn an de System souguer - an doduerch - méi gerecht gëtt. Mir wënschen eis allerdéngs fir d'Zukunft, dass ee sech nach méi mat de spezifeschen Aufgabe beschäftegt, déi déi eenzel Gemengen ze erfëllen hunn, a genau opschlësselt, wat dës Aufgaben u Käschte mat sech bréngen. Nëmmen esou kënne mer wierklech erausfannen, wéi vill Suen déi verschidde Gemenge brauchen, fir hire Bierger déi héchstméiglech Liewensqualitéit bidden ze kënnen.

Loosst eis och net aus den Ae verléieren, dass nieft de Recetten och d'Dépensë vun de Gemenge vu Joer zu Joer méi héich ginn! An der noer Zukunft komme sécherlech vill nei Erausfuerderungen op d'Gemengen duer. Ech denken do zum Beispill un d'Reform vum Rettungswiesen an den entspriechende Fong, deen zur Halschent vun de Gemenge gespeist soll ginn.

Madamm Presidentin, et ass vun enormer Wichtegkeet, dass een d'Evolutioun vun de Gemengefinanzen an d'Situatioun an deenen eenzelne Gemengen nach méi staark am A behält. Mir däerfen et net méi zouloossen, dass e System, dee fir méi Gerechtegkeet suerge soll, zu Ongerechtegkeete féiert. Mir leeën der Regie-

rung dofir un d'Häerz, esou séier wéi méiglech eng detailléiert Analys vun den Aufgaben an den néidegen Investitiounen an den eenzelne Gemengen op d'Been ze stellen. Dat wäert zu der Glafwierdegkeet vun dëser Reform bäidroen. Glafwierdeg ass dës Reform elo schonn an engem Punkt: D'Regierung huet erkannt, dass d'Liewensqualitéit enk verbonnen ass mat de finanzielle Mëttelen, déi d'Gemengen zur Verfügung hunn, fir direkt um Terrain ze investéieren, also do, wou d'Leit et am meeschte spieren.

Madamm Presidentin, ofschléissend wëll ech nach eng Kéier ganz kloer betounen, dass mir der Meenung sinn, dass een déi finanziell Entwécklung an deenen eenzelne Gemenge ganz genau am A behale muss. Mä wann een elo schonn eng Konklusioun fir dat nächst Joer zéie wëllt, da gesinn d'Previsioune fir 2017 exzellent aus: 74 Gemenge gewannen, all Regioun gewënnt a keng Gemeng verléiert! Trotz den Efforte vu verschiddene Leit, de Géigendeel ze behaapten, féiert dës Reform d'Gemenge ganz kloer beieneen.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Ech fannen,...

Mme Octavie Modert *(CSV)*.- Schonn e bësse méi komplex, dat Ganzt!

M. Max Hahn *(DP)*.- ...dat kann ee sech roueg op de Fändel schreiwen. Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, dëst net, ier ech dem Rapporteur Merci gesot hu fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

An awer nach als kleng Réplique op dat, wat de Gilles Roth virdru gesot huet, géif ech gären nach eng Kéier ënnersträichen: Ech denken awer, dass d'Leit dat heibanne wëssen, dass och d'DP géint eng Ierfschaftssteier a selbstverständlech och géint eng Verméigenssteier bei de Privatleit ass. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Hahn. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Merci.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- A wann ech gelift e bësselche Rou am Sall!

Une voix.- Iwwerleet Iech dat dote léiwer gutt!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Mir iwwerleeën eis dat da mat der Steier.

(Coups de cloche de la présidence)

Madamm Presidentin,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Traversini, fuert lass!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Ech sinn amgaangen. Déi aus dem Süde brauche méi laang, bis se waarm sinn.

(Hilarité et interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Sou, also...

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Här Haagen, Merci...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift! Här Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- ... Merci fir Äre Rapport. Ech wëll e klengen Historique maachen. Et gëtt scho säit Mëtt den 90er Joren iwwer eng Reform vun de Gemengefinanze geschwat an diskutéiert. Eigentlech ass jiddweree sech eens, datt eppes muss geschéien. An déi heikel Fro war an ass, wéi dat soll gemaach ginn.

Eng Rei vun CSV-Ministeren hu sech och dorun d'Zänn ausgebass, och virun allem wéinst der Oppositioun an deenen eegenen CSV-Reien. Well déi Reform ëmmer sollt käschtenneutral geschéien, war kee Konsens ze fannen tëschent de Gemengen, well dat geet nun eemol net, ouni deem engen eppes ewechzehuelen an deem aneren dann eppes natierlech ze ginn. Dat ass natierlech eng Solidaritéit, wou een dann op eemol ophält, solidaresch mateneen ze sinn!

Mat der Territorialreform sollt et dann esou wäit sinn. Mä ze grouss waren och do erëm d'Widderstänn, fir kënne flächendeckend eng Territorialreform ze maachen. D'Zuel vun de Gemengefusioune bleift och nach bis haut bescheiden. Ech kommen dorobber nach eng Kéier zréck.

Bei enger Radiografie vun de Gemengefinanze koum et 2012 zu folgender Konklusioun: «Il persiste de grandes disparités entres les communes, malgré le système de répartition du FCDF et la péréquation de l'ICC. Une modification des paramètres (...) de ces systèmes permettrait déjà de réduire les disparités.»

Et ass éischtens richteg, datt et zu enger Reform kënnt, an zweetens geet déi generell Ausriichtung vun dëser Reform eiser Meenung no an déi richteg Richtung. Mir begréissen och folgend Kritären: méi finanziell Gerechtegkeet tëschent de Gemengen doduerch, datt d'Schéier - dat ass ganz kloer hei gesot gi mat den Zuelen - vun de staatleche Recettë pro Awunner méi zesummegeet. Zweetens: Mat de sozioekonomesche Kritären an der Zuel vun de Sozialwunnenge kënnt et zu enger sozialer Komponent an dem Verdeelerschlëssel. Dat sinn nei Stellschrauwen, an deenen 9% bis 10% aus deem neie Fong verdeelt ginn an un deenen een an Zukunft och nach kann - an hoffentlech - dréie goen. Ech sinn do net der Meenung wéi de Syvicol «que le poids de ce critère est élevé». Ech fannen, deen hätt roueg kënnen nach méi héich sinn.

An d'Chambre de Commerce seet awer just de Contraire, datt am Fong geholl deen 1% vu Sozialwunnengen, datt si gesinn hätten, datt dee Prozent eventuell och méi héich hätt kënne sinn.

Drëttens, de Facteur vun den Aarbechtsplazen ass e wichtegt Signal, fir datt op Gemengeniveau Aarbechtsplazen erhale respektiv geschafe ginn. Do sinn ech der Meenung och wéi de Syvicol: datt se dat gutt fannen. An d'Chambre de Commerce seet dat heiten: datt déi 3% och hätte kënne méi eropgoen.

Mir begréissen och, datt de Finanzpak gemaach ginn ass, deen och Kompensatiounen an Iwwergangsbestëmmunge virgesäit. Mat dëser Reform bleiwen eiser Meenung no d'Gemengenautonomie an dee finanzielle Spillraum erhalen, fir datt d'Gemengen hiren Aufgabe vum 21. Jorhonnert kënne gerecht ginn.

An da sollen a mussen d'Gemengen och e bëssen Eegeverantwortung iwwerhuelen. Domadder mengen ech:

- käschtendeckend Servicer beim Waasser, beim Ofwaasser a beim Offall ubidden,

- den Impôt foncier - d'Gemenge kënne schonn dru schrauwe goen - ausnotzen, fir d'Einnamen ze erhéijen,

- regional zesummeschaffen, fir d'Ausgaben ze limitéieren.

Dat sinn, an ech schwätzen elo wierklech hei als Buergermeeschter, eis eegen Hausaufgaben, déi mer musse maachen.

Och am Süden - ech invitéieren do e puer Norddeputéiert ganz gären an de Süden - hu mer grouss Gemenge mat ville Wisen, mat ville Bëscher, a wann ee vun Éilereng op Bieles muss och Kanäl a Waasser setzen, dat si Kilometeren a Kilometeren! Datselwecht, wann ee vum Fousbann, vun Déifferdeng, bis op Lasauvage dat muss maachen, dat sinn och Kilometeren! An och dat muss eng grouss Gemeng maachen. Net all grouss Gemeng huet keng Wisen a keng Bëscher.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Och dat muss am Kader vun de Gemengefinanzen a vun dëser Reform mat berücksichtegt ginn. Eng Reform, déi mir als Gréng also wäerte stëmmen, och well mir eiser eegener Verantwortung um lokale Plang gerecht ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Mir mengen allerdéngs, datt et mat dëser Reform net gedoen ass, zemools wann d'Gemengefinanzen och als Steierungsinstrument fir eng zukünfteg Landesplanung stinn.

Mir verschléissen eis also net enger Upassung vun de Stellschrauwen, déi duerch dës Reform agefouert ginn, oder anere finanziellen Ajustementer fir d'Regioune mat bestëmmten Aufgaben, wann dat sech aus landesplanerescher Siicht an no den Diskussiounen am Zesummenhang mat dem Konzept iwwert d'Landesplanung, wat elo diskutéiert gëtt, als richteg géif erweisen. Dofir ass et wichteg, datt regelméisseg nogepréift gëtt, ob déi Ziler, déi sech gesat goufen oder nach ginn, och kënnen erreecht ginn, an datt gegebenenfalls nogebessert gëtt.

Zu de Fusioune vun de Gemenge si mir als Gréng der Meenung, datt net vun uewen erof soll diktéiert ginn, wellech Gemenge sollen zesummen a wellech Gemenge sollen net zesummen. Mir sinn der Meenung, datt een de Bierger an de Biergerinne soll erklären, firwat eng Fusioun gutt ass a wat d'Avantagë sinn a wat d'Désavantagë si vun enger Fusioun. An da si mer der Meenung, datt d'Leit ganz genau an de Gemenge wëssen, wat se solle maachen a wéi se solle stëmme bei deem Referendum, deen da gemaach gëtt.

Dat anert, wat ech menge Kolleegen a Frënn vun der CSV wëll soen, ouni elo op déi zéng Punkten anzegoen: datt Der an deene leschte 24 Stonne vill méi aktiv waart op deem Punkt wéi déi lescht 24 Joer!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gibéryen.

(Brouhaha)

Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Madamm Presidentin. Dat war elo méi séier gaange wéi ech geduecht hat.

(Brouhaha)

Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Claude Haagen fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport, deen en eis gemaach huet.

Ech mengen, Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Diskussiounen iwwert d'Gemengefinanzen, déi féiere mer schonn esou laang wéi mer hei an der Chamber sinn. Ech sinn der elo geschwënn 30 hei, a mer schwätzen och schonn esou laang iwwert d'Gemengefinanzen. An duerfir ass et e Meritt, datt mer endlech un en Enn komm sinn, fir mat engem Projet de loi e Schlussstréch ënnert déi Diskussioun ze zéien, ob een elo mat dem Projet averstanen ass oder net.

D'Diskussioun soen ech: e Schlussstréch. Et ass awer nëmmen en zäitweilege Schlussstréch fir de Moment a sécherlech wäert dëse Projet nei Diskussioune lancéieren, nei Reaktioune kréien. A mir wäerten dann och mat der Diskussioun iwwert d'Gemengefinanzen an Zukunft trotzdeem weiderfueren.

Dëse Projet bréngt eng Rei vu Vereinfachunge mat sech, dat muss ee soen, wat d'Berechnungen ubelaangt. D'Gemenge kréie méi eng Iwwersiicht, et gëtt méi einfach, et gëtt méi Transparenz. A mer kréie virun allem nëmme méi ee Fong, wou mer bis elo zwou Recetten haten: den Impôt commercial communal an déi zweet, de Fonds communal de dotation financière.

Déi zwou Recettë stellen de Gros vun de Recetten duer, déi eng Gemeng kritt. An der Regel sinn dat zwee Drëttel, heiansdo souguer méi, jee nodeem wéi d'Gemeng sech zesummesetzt, vun de Gemengerecetten. Et ass also en enorm grousse Chiffer, iwwert dee mer haut hei diskutéieren. An dës zwou Recettë ginn elo neierdéngs an deem neie Fonds de dotation globale des communes, dem FDGC, zesumme regruppéiert.

Den Impôt commercial, wéi d'Wuert et seet, wat eng Gemengesteier ass, muss och eng Gemengesteier bleiwen. Déi gëtt reforméiert. Zum Deel gëtt, géif ech soen, de Sputt, deen d'Gemengen haten, reduzéiert wat den Taux ubelaangt, fir ze fixéieren, datt deen an Zukunft wäert tëschent 225% an 250% leien. Mä och d'Verdeelung gëtt op 35% Maximum vun dem Impôt commercial limitéiert, deen an der eenzelner Gemeng géréiert ginn ass, respektiv e Maximum vu 35% vun der Moyenne nationale net däerf dépasséieren.

Et gëtt an den Texter gesot, dat wier - den Impôt commercial, déi kleng Variatioun, déi nach méiglech ass, oder d'Ënnerscheeder tëschent de Gemengen -, fir d'Gemengen ze incitéieren, och weiderhin ze kucken, fir Aarbechtsplazen oder Betriber an hir Gemengen ze kréien.

Mir mengen awer, datt dat eng falsch Iwwerleeung ass! Well am Kader vun der Landesplanung hätte mer awer gären, datt déi wirtschaftlech Entwécklung sech soll op regionalen oder nationale Regiounen erëmfannen, déi un d'Eisebunn, den ëffentlechen Transport, déi un Autobunnen ugebonne sinn. A mir wëlle jo am Fong net, datt mer eng Zersiidlung vun de Betriber queesch duerch d'Gemenge kréien. A wa mer engersäits déi Politik maachen, déi och richteg ass, da kënne mer net op där anerer Säit schreiwen, datt den Impôt commercial soll déi eenzel Gemengen incitéieren, zousätzlech Aarbechtsplazen an hir Gemengen unzezéien.

Mir als ADR kënnen dermat averstane sinn, datt een den Impôt commercial als solche géif ofschafen an an d'Kierperschaftssteier mat integréieren, awer sous condition, datt dat, wat eng Gemeng als Recette kritt, och gesetzlech géif garantéiert bleiwen. Dat heescht, datt net, wa mer se an d'Kierperschaftssteier integréiere géifen, spéider géif gesot ginn: Ma elo kréien d'Gemengen och doduerch bei enger Änderung oder enger Ofsenkung vun der Kierperschaftssteier manner.

Et géif also just drëm goen, fir eng Simplifikatioun ze maachen an der Steierlandschaft fir d'Betriber, datt no baussen den Taux, dee mer affichéieren, alles géif regruppéieren a mer net bräichten nach hinzegoen an ze soen: Niewent der Kierperschaftssteier kënnt dann nach déi Steier, déi och nach vu Gemeng zu Gemeng verschidden ass, derbäi. Mä et wier, fir no baussen een Taux ze affichéieren, deen dann awer, wéi gesot, net däerft op d'Käschte vun de Gemengerecettë goen. Dat misst awer gesetzlech garantéiert bleiwen.

De grousse Sträitpunkt bei dësem Projet ass am Fong de Kritär, wéi d'Verdeelung tëschent deenen eenzelne Gemenge gemaach gëtt. Dat Eischt ass: D'Dotatioun huet am Fong zwee Pilieren. Dat eent ass d'Dotation forfaitaire, wou déi Gemenge bis 1.000 Awunner kee Forfait kréien - si kréien null -, an déi Gemengen iwwer 1.000 bis 3.000 Awunner kréien e Forfait, deen tëschent 0 an 300.000 läit an da progressiv an d'Luucht geet.

Et ass och an der Kommissioun vum Minister kloer gesot ginn, datt déi kleng Gemengen ënner 1.000 Awunner - där et der net vill gëtt, ech mengen, véier oder fënnef hu mer der nach -, datt déi am Fong dëse Forfait net kréien, fir se ebe méi derzou ze bewegen, ze fusionéieren. Et huet ee vu menge Virriedner hei geschwat vun engem Encouragement. Neen, et ass keen Encouragement, et ass eng Strof! Et ass eng Strof fir déi Gemengen. Wa se net fusionéieren, kréie se manner Suen. Duerfir ass et keen Encouragement, et ass eng Strof!

An ech froe mech: Wéi ass et hei mat der Autonomie communale? Wa mer hei alleguer, op jidde Fall déi, déi elo viru mer geschwat hunn, wou d'DP hei gesot huet: Ma d'Fusioune musse fräiwëlleg bleiwen. Et muss och der Autonomie communale... Et muss iwwert de Referendum geschéien. Do si mir als ADR zu 100% d'accord.

Mä da musse mer awer och wëssen, wa mer soen, datt dat d'Fräiheet vun deenen eenzelne Gemengen ass am Kader vun der Autonomie communale, a mer ginn als Stat de Gemengen awer eng Obligatioun, wat se als Gemeng musse maachen, dann ass et och eng Obligatioun am Kader vun der Autonomie communale, fir deene Gemengen dat Geld ze ginn, wat se mussen hunn, fir datt se hire Bierger landeswäit kënnen deeselwechte Service offréieren. Dat gëtt mat dëser Iwwerleeung net gemaach!

Mir als ADR sinn och fir Fusiounen. Fusiounen, déi awer musse fräiwëlleg sinn a wou déi eenzel Populatiounen an den eenzelne Gemengen iwwer e Referendum décidéieren.

Den zweeten Deel, wat de Fong dann ass, deen op fënnef Kritären opgebaut ass, dat ass scho gesot ginn: d'Populatioun 82%, den Emploi 3%, socio-économique 9% bis 10%, Logement social 1% an d'Superficie 5%. Dës fënnef Kritären an de Forfait, déi entscheeden, ob eng Gemeng no dëser Reform méi oder manner Gelder kritt.

An hei ass jo dat, wou déi grouss Diskussioun ass. Hei ass et net, wéi de Kolleeg Max Hahn elo grad gesot huet, datt verschidde Leit wëllen déi eng Gemeng géint déi aner ausspillen. Neen, hei sinn et einfach Realitéiten, hei sinn et Fakten!

Wa mer d'Chiffere kucken, déi eis elo presentéiert gi sinn, da muss ee feststellen, datt d'Stad Lëtzebuerg, wat jo awer keng aarm Gemeng ass - a jiddwereen ass d'accord, datt d'Stad Lëtzebuerg als Haaptstad muss méi Recettë kréien am Verhältnis wéi aner Gemengen -, mä d'Stad Lëtzebuerg huet, wann ech mech gutt kann erënneren, oder gutt informéiert sinn, iwwer 800 Milliounen an der Reserv leien. Dat heescht, d'Stad Lëtzebuerg ass jo awer net schlecht drun an huet genuch Sue kritt, fir och hirer Missioun als Haaptstad gerecht ze ginn. Mä no dëser Reform kritt d'Stad Lëtzebuerg nach néng Milliounen derbäi. Do muss ee sech awer Froe stellen, wa mer vun Emverdeelung schwätzen!

De Kolleeg Gilles Roth huet virdrun hei geschwat, hien huet de Chiffer net genannt, mä och eng Gemeng Mamer, déi finanziell ganz staark dosteet, kritt bal zwou Milliounen iwwert dës Reform bäi. An och eng Gemeng Hesper, déi finanziell gutt dosteet, kritt dräi Millioune bäi.

Dat heescht, hei kréien...

(Brouhaha)

...also Gemengen, déi finanziell...

(Brouhaha)

...ganz staark dostinn, kréien hei nach Suen derbäi!

Et gëtt och Gemengen, ech denken do un Esch an un Déifferdeng, déi och Sue bäikréien, mä deenen hir finanziell Situatioun ass eng ganz aner wéi déi vun deenen dräi Gemengen, déi ech elo grad hei genannt hunn. Duerfir kann een domadder och averstane sinn.

Mä da kucke mer déi Gemengen, déi manner kréien. Mir schwätzen do virun allem vun zwou Gemengen: Nidderaanwen a Betzder. Ech mengen, Betzder war ëmmer dat gutt Zeechen, wou mer gesot hunn: Et ass net richteg, datt esou eng kleng Gemeng, net duerch hire Meritt, op eemol eng grouss Entreprise huet - fir se net mam Numm ze nennen, d'SES op hirem Territoire huet - an doduerch iwwerproportional vis-à-vis vun deenen anere Gemengen Impôt commercial erakritt. Datt do eppes gemaach gëtt, do ware mer eis all eens.

Mä datt mer duerfir elo mussen aner Gemenge matstrofen, ass awer net richteg! Datt d'Gemeng Betzder elo annerhallef Millioun verléiert, Nidderaanwen dräi Milliounen, déi och esou eng äänlech Situatioun hunn, déi och als Gemengen net dergéint, dat muss ee fairerweis soen, reklaméiert hunn, datt se dat verluer hunn, déi akzeptéieren dat.

Mä wann ech dann awer kucken, wat fir eng Gemenge verléieren: Kiischpelt...

Une voix.- Keng Gemeng verléiert eppes!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...300.000, Bauschelt 500.000, Tandel 780.000, Wäisswampech eng Millioun, Wëntger zwou Milliounen, Bech 448.000, Biwer 542.000, Esch-Sauer 342.000, Fluessweiler 440.000, Manternach 240.000, Mompech 400.000, Schengen 469.000, Wanseler 438.000, Wuermer 453.000, fir nëmmen déi ze nennen. Do fält et jo awer direkt op, datt et grad d'Landgemengen am Norden an am Oste sinn, déi opgrond vun dëser Reform verléieren.

An dann ass et net, wéi de Kolleeg Max Hahn hei gesot huet, datt hei géifen déi eng géint déi aner ausgespillt ginn. Neen, d'Regierung huet mat dësem Projet déi eng géint déi aner ausgespillt!

(Brouhaha)

Dat ass d'Realitéit!

(Brouhaha)

Hei kréien eng ganz Rei vu Landgemengen, well eben de Kritär vum Territoire net méi mat berücksichtegt gëtt... Et si jo awer grad déi Gemengen, déi Honnerte vun Hektare Land, déi Feldweeër hunn, déi keng dicht Besiidlung op hirem groussen Terrain hunn an doduerch Investitiounen hunn, wou d'Kanalisatioun, d'Waasserleitung, d'Kläranlag vill méi deier pro Kapp gëtt wéi an enger dicht besidelter Gemeng, et sinn déi Gemengen, déi hei gestrooft ginn!

An et kann een, esou gutt wéi et och gemengt ass, kenger Reform zoustëmmen - well gesot gëtt: Ma déi kréie bäi an déi kréie bäi -, wou een da muss a Kaf huelen, datt aner Gemenge finanziell hei ganz staark Abousse kréien. An duerfir wäerte mir dësem Projet och net zoustëmmen!

A wann dann de Kolleeg Max Hahn hei gesot huet: „Keng Gemeng verléiert eppes",...

(Interruptions diverses)

...dat muss de Kolleeg Max Hahn eis... Ech hoffen dann awer, datt en net ëmmer esou rechent.

(Hilarité)

Well wann eng Gemeng hir Recettë fënnef Joer agefruer kritt, se kritt näischt bäi, fir dann ze soen, se verléiert näischt, ech mengen, et muss een net d'Universitéit matgemaach hunn, fir ze wëssen, datt dat falsch ass. Wann eng Recette agefruer gëtt, verléiert een!

Une voix.- Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Well d'Progressioun, déi...

Une voix.- Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...d'Progressioun, déi all Joer bäi géif kommen, déi ass fort.

(Interruptions diverses)

Dat wäert dach elo hei wëlle keen eis falschmaachen! Also, alleguer déi Gemengen, deenen hir Recettë wärend fënnef Joer agefruer ginn, déi Gemenge verléieren dann. An déi Kompensatioun, déi de Stat gëtt, déi geet jo och all Joer erof.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Well eben déi normal Progressioun vun de Recetten eropgeet, geet d'Kompensatioun vum Stat erof. An d'Gemenge bleiwe plafonnéiert fënnef Joer op deene Recettë stoen. Also kréie se manner!

Da kommen ech op d'Cotisatioune vun de Sozialbäiträg - et deet mer leed, datt de Rapporteur weder a sengem schréftlechen nach am mëndleche Rapport méi dorobber agaangen ass, wann ech richteg kucken, guer net drop agaangen ass -, datt och do erëm verschidde kleng Gemenge musse méi Sécurité sociale bezuelen an dat op d'Käschten, neen, an dat zum Benefiss vun deene grousse Gemengen.

Dat heescht, déi kleng Gemengen, déi elo Suen ewechgeholl kréien an net vill Leit kënnen astellen, déi op der Felg fueren, wat d'Personal ubelaangt, déi musse Gemengen, déi am Geld schwammen an doduerch sech kënnen all d'Leit astellen, déi se wëllen, déi mussen deenen hir Sécurité sociale matfinanzéieren. Dat ass och net korrekt. An duerfir, mengen ech, kann een dat...

An och de Fonds pour l'emploi, do hu mer déiselwecht Situatioun. Wa mer do kucken, datt zum Beispill véier Gemengen aus dem Norden, datt déi een Drëttel vun de Cotisatioune bezuelen. Wäisswampech geet erop vu 40.000 op 1.371.000, Wëntger geet erop vun 61.000 op 1.670.000, Ëlwen geet erop vun 63.000 op 936.000 a Clierf geet erop vu 87.000 op 982.000, fir nëmme just déi ze nennen.

Wa mer dat also kucken, Här President, da gesi mer,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech sinn hei.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...wéi déi Déngen ausgeriicht ass. Dat geet op d'Käschte vun de Landgemengen aus dem Norden, aus dem Osten, déi op der ganzer Linn hei zu Schued komme bei dëser Reform.

An et ass vläicht esou...

Här President, mir misste vläicht kucken, datt déi Auer hei géif goen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Kuckt ënnen, do geet se!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ah, déi leeft of.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass awer flott.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat ass e Stéck, wat e bësse méi laang brauch, fir ersat ze ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dann ass et gutt, wann et zum Schluss geet, da leet een d'Blat drop, da geet et.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Gibéryen, bei mir läit d'Blat net drop.

(Hilarité)

Ech hunn lech am A!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, Dir hutt mech ëmmer am A. Duerfir sëtzt Der och hanneru mer.

(Hilarité)

Duerfir, wéi gesot, déi Reform kann een an deem Sënn net ënnerstëtzen.

Mir als ADR sinn och dergéint, datt mer bei der Grondsteier eng generell Augmentatioun maachen. Och eng Erhéijung vun der Grondsteier ass eng Steiererhéijung. An ob d'Leit elo musse méi TVA bezuelen, méi Lounsteier, méi Krisesteier oder méi Grondsteier, et ass fir d'Leit ëmmer eng Steier!

An duerfir si mir der Meenung, datt een net soll nei Steiererhéijungen hei programméieren, fir d'Gemengefinanzen ze géréieren. D'Gemenge musse Sue genuch kréien, an egal wat fir eng Steier, et ass ëmmer eng Steier. An duerfir solle mer net higoen a soen, d'Grondsteier wier ze niddreg an duerfir solle mer se héijen.

Wann dat Argument zielt, da kéint ee jo och soen: Well se esou niddreg ass, da kommt, mir schafe se of, da brauche mer fir déi puer Euro keng Verwaltungskäschte méi ze maachen! Mä fir dat als Argument ze huelen, fir eng Erhéijung ze maachen, ass net novollzéibar.

Global gesinn, Här President, ech sinn elo 41 Sekonnen iwwer meng Zäit: Mir wäerten dësem Projet net zoustëmmen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. An d'Wuert huet elo den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, d'Diskussiounen ëm d'Gemengefinanzreform, a verschidde Virriedner hunn dat och scho gesot, sinn a mengem Fall, mengen ech, souguer scho méi al wéi ech selwer. An duerfir, bei aller Kritik - och där berechtegter Kritik, déi bis elo geäussert ginn ass un der Reform -, muss een dem Minister Kersch awer zumindest zegutthalen, datt hie sech un dat waarmt Eise gewot huet an datt sech wärend 30 Joer kee CSV-Minister dat getraut huet, au détriment vun de Gemengen an och de Bierger an de Gemengen.

(Brouhaha)

Duerfir ass et sënnvoll, virun allem Luef, oder virun aller Kritik, vläicht ze kucken, ze analyséieren, wourëms et sech bei dëser Reform eigentlech handelt. Well se ass an eisen Ae weder radikal nach revolutionär, wéi mir eis dat vläicht géife virstellen, mä se ëmräisst a groussen Zich just eng Ëmverdeelung innerhalb vun deem aktuelle Mechanismus.

D'Recettë vum Gemengesecteur bleiwe plus ou moins bestoen. Et ännert sech just de Verdeelungsschlëssel vun den Einnamen, also dat, wat déi eenzel Gemenge kréien. An anere Wierder: Dës Reform kann duerfir an eisen Aen och just e bescheidenen Ufank si vun enger méi globaler Reform, déi d'Struktur vun der kommunaler Finanzéierung verännert.

An deene leschte Joren a Jorzéngten hu sech d'Aufgabe vun de Gemenge wesentlech erweidert. D'Gemengen hu sozial Aufgabe bäikritt, sozioedukativ Missiounen, an d'Gemenge versichen och, de Bierger eng diversifizéiert kulturell Offer unzebidden.

Parallell dozou sinn awer an der Vergaangenheet déi ëffentlech Zouwendungen un d'Gemenge wesentlech manner séier geklomme wéi d'Recettë vum Stat selwer. Also, obwuel d'Gemenge méi grouss Aufgabeberäicher hunn, hu se proportional manner Méiglechkeeten, deenen Aufgaben an deem Mooss nozegoen, wéi dat néideg wier. An dat ass an eisen Aen och ee vun den Haaptkritikpunkte vun dëser Reform, datt déi Tendenz vun der Entkoppelung vun de Recettë vum Stat mat de Recettë vun de Gemengen net wierklech ugepaakt ginn ass!

Also, obwuel d'Gemengen eng ëmmer méi wichteg Roll iwwerhuele mussen, hu se déi proportional Moyenen net, fir dat maachen ze kënnen. An un dëser fundamentaler Diskrepanz ännert dës Reform och näischt. Leider! D'ailleurs och net déi nei Propositioune vun der CSV.

Well wann d'Regierung elo zum Beispill eng Steierreform mécht, wéi dës Koalitioun dat d'nächst Woch wëlles huet, a si senkt verschidde Steieren, aus deenen awer deelweis Budgete finanzéiert ginn, dann hunn d'Gemenge manner Recetten aus där Steier.

An ëmgekéiert, wann de Stat nei Steiere géif aféieren - wou mer jo elo nach eng Kéier héieren hunn, datt zumindest d'DP dat op kee Fall wëlles huet -, da kann et sinn, datt d'Gemengen dovunner guer net betraff sinn.

Dat heescht, et gëtt eng Diskrepanz tëschent den Einname vun de Gemengen an den Einname vum Stat, wat dozou gefouert huet, datt d'Gemengen an de leschte Jore virun allem dozou iwwergaange sinn, d'Taxen ze erhéijen, an datt d'Taxe fir si eng nei Einnamequell gi sinn, ideologesch ënnerfiddert mat deem sakrosankte Käschtendeckungsprinzip. A mir mengen, datt duerfir d'Gemengefinanzreform eigentlech och do hätt missen usetzen, d'Recettë vun de Gemengen nees un d'Entwécklung vum Räichtum vum Land ze banne respektiv duerch déi ausgebaut kommunal Servicer, déi da méiglech wieren, d'Bierger nees an de Genoss vun deem Räichtum kommen ze loossen.

Dëst ass a bleift an eisen Aen de grousse Bémol vun dëser Reform: Si sprengt net dee virginnene Kader, mä si beschränkt sech just op d'Ëmverdeelung innerhalb vun de Gemengen.

Mir mengen och, datt mer eigentlech eng Debatt bräichten iwwert d'Funktiounen an d'Aufgabe vun de Gemengen am 21. Jorhonnert an engem anere gesellschaftleche Kontext, wéi dat nach virun 30, 40 oder 50 Joer de Fall war, am Kontext vun enger zouhuelender Individualiséierung vun de Leit op där enger Säit an op där anerer Säit der zouhuelender sozialer Ongläichheet. D'Gemenge si mat neie Phenomeener konfrontéiert wéi Immigratioun, wéi eng Sproocheproblematik, déi et real gëtt an déi sech um Gemengenniveau och spierbar ausdréckt. An iwwert déi Funktiounen, wat d'Aufgabe vun de Gemengen am 21. Jorhonnert sinn, bräichte mer eigentlech eng Debatt.

Här President, dës prinzipiell Bemierkunge virewechgeholl, muss een awer unerkennen, datt dës Reform och eng Rëtsch Fortschrëtter par rapport zum aktuelle Gesetzestext huet. Deen neie Verdeelungsschlëssel etabléiert effektiv méi Transparenz a méi novollzéibar Kritären, opgrond vun deenen déi eenzel Gemengen hiren Deel aus deem nei geschafene Fonds de dotation globale kréien.

Déi nei Kritäre reflektéieren zum Deel e politesche Choix. E politesche Choix, dee mir a senger Ausriichtung prinzipiell begréissen, e Choix, dee souwuel ekonomesch, sozial wéi awer och landesplaneresch Komponenten huet, ugefaange bei der Wirtschaft:

An deene leschte Jore waren d'Gemenge konfrontéiert mat enger geckeger a fir all Gemengen eigentlech schiedlecher Konkurrenz um Niveau vun der Gewerbesteier. De Choix, virun allem vun der Stad Lëtzebuerg, hire kommunalen Taux vun 250 op 225 erofzesetzen, huet net nëmmen dozou gefouert, datt manner Sue fir all d'Gemengen an d'Dëppe komm sinn, neen, et huet och dozou gefouert, datt eng regelrecht „race to the bottom" ugefaangen huet an datt aner Gemengen och hir jeeweileg Tauxen erofgesat hunn, aus Angscht, Betriber ze verléieren, oder aus Angscht, keng nei méi ze kréien.

Den neoliberale Prinzip vun der verréckter Fiskalkonkurrenz vu jiddwerengem mat jiddwerengem ass souguer op den Niveau vun de Gemengen deklinéiert ginn. An déi Eenzeg, déi dovunner profitéiert hunn, waren net d'Gemengen, mä just déi grouss Entreprisë mat héije Benefisser, déi domadder Steierkaddoe gemaach kruten.

Dës Tendenz vu kommunaler Steierkonkurrenz gëtt heimadder zumindest ofgeschwächt, dëst op zwee Niveauen: Engersäits kann eng Gemeng an Zukunft maximal 35% vun der Gewerbesteier behalen, déi op hirem Terrain erwirtschaft gëtt, awer och nëmmen dann, wann déi respektiv Recettë pro Kapp net iwwer 35% vun der Landesmoyenne leien. Anerersäits gëtt d'Schéier vum kommunalen Taux op 225 bis 350 beschränkt. An anere Wierder: Mat deem heite Gesetz kann d'Stad Lëtzebuerg net weider hiren Taux erofsetzen! Dat begréisse mer ausdrécklech, woubäi mer eis awer d'Fro stellen, ob déi Beschränkung op 350, d'Beschränkung no uewen, wierklech esou sënnvoll ass.

Här President, déi zweet grouss Neierung vum Verdeelungsschlëssel betrëfft d'sozial Situatioun vun de Gemengen. Zu deenen neie Kritäre vun der Verdeelung vun de Suen am Gemengesecteur gehéieren nei sozial Komponenten, engersäits déi sozioekonomesch Zesummesetzung vun enger Gemeng, déi verstäerkt considéréiert gëtt bei der Dotatioun. Dëst ass och batter noutwendeg, well Gemenge mat enger Populatioun, där et net esou gutt geet wéi der Moyenne vum Land, déi Gemengen, déi hu Responsabilitéiten a si hunn erweidert Aufgaben! An net nëmmen Aufgaben, mä och Ausgaben, déi aner Gemengen net an deem Mooss hunn. An ech muss mech scho wonneren, wann ech héieren, datt d'Gewiicht vun deem sozioekonomesche Kritär ze héich wier a sech net eleng duerch d'Käschte vum Office social rechtfertege loosse géif!

Jo effektiv, d'kommunal Sozialpolitik ass méi wéi d'Organisatioun vum Office social. Zu hir gehéiert och en Deel Beschäftegungspolitik, zu hir gehéiert Wunnengspolitik, sozial Infrastrukturen a Personalausgaben, déi bäi Wäitem d'Ausgabe vum Office social iwwerschreiden. A virun allem kréien déi Gemengen, déi et drengend brauchen, och nees e bësse Loft, fir iwwerhaapt kënnen eng voluntaristesch Sozialpolitik ze maachen!

De Bau an den Ënnerhalt vu kommunale soziale Mietwunnenge gehéiert och zur Sozialpolitik vun enger Gemeng. An de Problem ass, datt vill ze vill Gemengen an der Vergaangenheet hir sozial Responsabilitéit bis elo net wierklech iwwerholl hunn a kaum bis guer keng ëffentlech Wunnengen hunn. An dat ass och ee Facteur vun där Wunnengskris, déi mer am Moment hei zu Lëtzebuerg hunn!

Mat dësem Gesetz ginn zumindest déi Gemenge belount, déi an der Vergaangenheet staark op soziale Wunnengsbau gesat hunn, an déi Gemenge finanziell encouragéiert, déi bereet sinn, hir finanziell Verantwortung ze iwwerhuelen. Dat ass richteg. A wann een eppes kritiséiere kann, dann ass et, datt de Facteur kommunal Wunnenge vläicht net staark genuch gefërdert gëtt an op maximum 1% respektiv 1.500 Euro beschränkt bleift.

An et ass wichteg an eisen Aen, am Géigesaz zu deem, wat den Här Roth gesot huet, datt d'Gemenge selwer en Akteur gi vum soziale Wunnengsbau a sech net dorobber beschränken, just aner Akteuren aktiv ginn ze loossen, wéi zum Beispill de Fonds du logement, oder et souguer dem fräie Maart iwwerloossen.

(Interruption)

Den drëtte Volet, Landesplanung, ass considéréiert iwwer zwee nei Instrumenter. Déi Gemengen, bei deenen d'Landesplanung virgesäit, datt se verstäerkt Aktivitéite wéi d'Wunnen oder Schaffe sollen ausbauen, kréien och zousätzlech Moyenen, fir dee Wuesstum iwwerhaapt kënnen ze finanzéieren - Stéchwuert CDA-Gemengen. Och menge mer, datt et richteg ass, de Facteur „densité" mat anzebauen, fir déi weider Zersidelung vum Land ze verhënnere respektiv net nach zousätzlech ze belounen. Déiselwecht Remarque gëllt och fir de Kritär vun der „superficie ajustée".

Mir sinn och natierlech averstane mat deene Kompensatiounen, déi verschidde Gemengen an Zukunft kréie sollen, fir de Verloscht par rapport zum aktuelle System auszegläichen. Mir bewäerten och den Ureiz grondsätzlech positiv fir kleng Gemengen, fir Gemengefusiounen anzegoen. A mir gesinn et eben och als Ureiz an net als Obligatioun, wéi anerer dat vläicht mengen.

Här President, ech hu mam Här Gibéryen gemeinsam, datt ech och net weess, wou ech mat menger Zäit grad dru sinn, an duerfir...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* ...ënnert deem Blat...

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Bei mir ass och ënnert dem Blat net vill, duerfir...

(Hilarité)

...maachen ech et wéi Dir: Da leeën ech einfach d'Blat drop.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech kann lech awer...

(Hilarité)

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech kann lech hëllefen: Dir hutt nach dräi Minutten.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Ah, ma dann ass et gutt!

Här President, dës Reform huet zum Zil, bestoend an zum Deel gravéierend Ënnerscheeder tëschent de finanzielle Moyene vun de Gemenge méi staark zesummenzeféiere respektiv d'Diskrepanz tëschent de Gemengen ze verklengeren. D'Reform setzt op eng Verstäerkung vun den urbane Gemengen, also och do vun deene Gemengen, wou déi meeschte Mënsche liewen, an deene Gemengen, déi och an Zukunft virun deene gréisste gesellschaftlechen a sozialen Erausfuerderunge stinn.

Mir kënnen dës Reform guttheeschen, awer och just als en éischte Schrëtt: en éischte Schrëtt zu enger méi ëmfaassender Reform, déi d'Gemenge verstäerkt un de Budget vum Stat koppelt, d'Gemengefinanze verstäerkt un de Budget vum Stat koppelt, zu enger méi fundamentaler Reform, där an eisen Aen awer och eng grouss gesellschaftlech Debatt virausgoe misst, wat d'Aufgaben an d'Erausfuerderunge vun de Gemengen am 21. Jorhonnert zu Lëtzebuerg sinn. Eng Debatt, déi eigentlech längst iwwerfälleg ass!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo den Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci och fir d'Wuert. Wéi den Innenminister am Juni d'Propositiounen op den Dësch geluecht huet, wéi een de Finanzement vun der Gemengelandschaft kéint aneschters gestalten, si mer éierlech dovun ausgaangen, dass et eigentlech als Diskussiounsbasis geduecht wär, op där ee kéint eng Diskussioun féieren. Wëssend, dass dat schwiereg ass, dass dat net einfach ass, mä awer aus dem Gefill eraus, dass de Wëlle géif bestoen, fir eng Rei vu Changementer, déi sech an der Begrënnung an an der Bewäertung vun de Kritären, wéi se an den 80er Joren no dem Modell vun deemools festgeluecht gi sinn, geännert hätten.

Leider ass et dozou net komm. An ech wëll dat wierklech bedaueren, well ech mengen, wann ech d'Positioune vun deenen engen an deenen anere kucken, dass mer en fin de compte, bis op zwee, dräi Kritären, déi awer iwwerbréckbar gewiescht wären a mengen Aen, guer net esou wäit auserneeleien, ewéi dat vläicht den Uschäin huet.

Et ass eng politesch Reform, et ass e politesche Choix. E politesche Choix an eng politesch Reform, déi, esou wéi se elo virläit, den Accord vun eiser Partei - an de Gilles Roth huet dat a sengem exzellente Bäitrag ganz eendeiteg an ausféierlech och explizéiert - net ka gedroe ginn (veuillez lire: net ka kréien)!

Et gëtt ëmmer vun deem engen oder vun deem aneren esou gemaach, wéi wann ni iwwer Gemengefinanzen an iwwer Gemengeentwécklung an och, wat d'Missioune si vun de Gemengen, diskutéiert gi wär. Ech si laang genuch derbäi, fir ze wëssen, dass et eng permanent Diskussioun ass, wéi sech d'Gemenge weiderentwéckelen, wat fir eng Missiounen d'Gemengen hunn, an dass mat vill Hin an Hier an deene leschten 20 Joer och driwwer diskutéiert ginn ass, wéi mer eigentlech dat, wat den Här Baum elo zum Schluss gesot huet, kënnen erreechen.

Wéi kënne mer de Gemengen déi finanziell Stäerkt ginn, déi se brauchen, fir déi Missiounen, déi se vum Législateur ganz oft kréien, kënnen ze erfëllen? An ech erënneren drun, am Joer 2002 hu mer e Gremium geschaaft, e Conseil supérieur des finances communales, deen ebe speziell d'Missioun hat, fir all Kéiers dann, wann e Changement vun de Missiounen tëschent dem Stat an de Gemenge géif kommen, doriwwer ze befannen, fir sécherzestellen - an dat war eng Fuerderung vum Syvicol deemools -, dass déi Änderungen net au détriment vun der Gemengelandschaft insgesamt kéimen.

Ech erënneren och drun, dass mer am Laf vun de Jorzéngten eng ganz Rei vu Changementer an de Gemengefinanzen duerchgeholl hunn. Ech erënneren un déi Police-Geschichten, wou mer d'Paie vun de Polizisten erausgeholl hunn, Enn den 90er, Ufank 2000, ech hunn dat elo net méi ganz op d'Joer am Kapp. D'Lohnsummensteier, déi aneschters organiséiert ginn ass an, an, an.

Et sinn ëmmer nees Adaptatioune komm am Laf vun deene leschten zwee, dräi Jorzéngten. Sou wéi och dee Modell vun der Gemengefinanzreform, vun de Gemengefinanzen, wéi en elo fonctionnéiert, jo e Changement war par rapport zu engem Modell, deen et virdru ginn ass an deen aus der Vue vun deem Moment agefouert ginn ass.

Dat, wat aneschters ass dës Kéier a wat mer eigentlech Hoffnung ginn huet, dass ee besser an d'Gespréich kéint kommen, dat ass, dass dës Kéier eppes am Dëppen ass. A wa virdru gesot ginn ass, well dat ass jo esou de Volleksport: „Déi Schwaarz ware laang genuch do an déi hunn näischt fäerdegbruecht!" Éischtens ass dat net richteg. Zweetens wëll ech soen, dass ech an zwou Regierunge war, eemol mat der DP zesummen an eemol mat der LSAP zesummen als Innenminister, an dass mer et ni fäerdegbruecht hunn, fir eng Reform ze maachen, ganz einfach, well näischt am Dëppe louch!

A wann s de näischt am Dëppen hues, an dat soen ech lech, a wann...

(Interruption par M. Gusty Graas)

Jo. A wann an deem Dëppen hei näischt gewiescht wier, da wär et och net zu enger Reform komm!

An an deenen zwou Regierungen, wou ech war, wou den Här Gusty Graas ni drasouz, ware weder d'Kolleege vun der LSAP nach d'Kolleege vun der DP esou staark op der Säit vum Innenminister - esou staark op der Säit vum Innenminister! -, dass se de Rescht vun der Regierung dozou bruecht hätten, fir eppes an d'Dëppen ze leeën, fir dass eng Reform kéint gemaach ginn, wou een deenen engen näischt géif ewechhuelen an deenen aneren eppes géif bäiginn.

An dofir wëll ech, dat wëll ech wierklech maachen, dësem Innenminister félicitéieren. Ech wëll him félicitéieren, dass en et fäerdegbruecht huet, an der Regierung 90 Milliounen an en Dëppen ze kréien, well dat eigentlech d'Viraussetzung ass. 90, 100, 80, doriwwer kann ee jo dann diskutéieren, esou laang wéi ëm dem Keeser säi Baart, dass en et fäerdegbruecht huet, och iwwert d'Duerstellung, déi e gemaach huet, d'Leit gleewen ze dinn, zum Deel, an och net nëmme gleewen ze dinn, mä och reell, zum Deel, dass se eigentlech Gewënner wären an dëser Reform, dass et nëmme Gewënner géif ginn an dëser Reform.

Or, Här Minister, an do sinn ech dann net méi mat lech d'accord, déi Aart a Weis, wéi Der et gemaach hutt, an dat ass schued, déi Aart a Weis, wéi Der et gemaach hutt, an déi Proposen, wéi se elo virleien, déi entspriechen net deene Kritären, wou mir gemengt hätten, déi ee misst huelen, fir dass déi Reform e wierkleche Succès géif ginn.

Ech schwätzen emol net vun deenen 100 Milliounen, déi Der um Niveau vum Pompjeeswiesen 2015, 2016, 2017 aus dem Gemengesecteur erausgeholl hutt. Ech mengen, et sinn 98 Milliounen insgesamt, fir eng Déngschtleeschtung ze finanzéieren, déi et nach net gëtt. Déi et nach ëmmer net gëtt! Dat heescht, et hätt een, wann een d'Rechnung richteg gemaach hätt, eigentlech missen déi Suen, déi de Gemengen do virenthale gi sinn, weiderlafe loossen um Niveau vun hire Recetten an dann duerno de Querstréch maachen, fir ze gesinn, ob dann netto nach eppes rescht bleift oder ob näischt rescht bleift.

Et bleift netto eppes rescht. Well wann ech 90 huelen, an ech huelen elo 37, déi erausgeholl ginn, dann ass dat jo nach positiv. Mä Dir wäert awer relativ séier feststellen, dass, wann de CGDIS bis am Lafen ass, de CGDIS wäit méi wéi 35, 37, 40 Millioune wäert kaschten. Dat geet ganz séier op 50 Milliounen, 60 Milliounen erop, déi d'Gemenge wäerte musse bezuelen an deenen nächste Joren. Soudass een, zumindest wat d'Duerstellung ubelaangt, eng Nuance muss schonn an dësem Moment vun der Diskussioun erabréngen.

Den Ausgangspunkt vun der Diskussioun - an do sinn ech mam Här Hahn absolutt net d'accord, dee ganzen Exkurs, deen en do probéiert huet, dee Konstrukt, deen e probéiert huet, do ze féieren -, d'Repartitioun tëschent deenen eenzelne Gemengen ass a wäert och an Zukunft net nëmmen a Funktioun vun den Awunner vun enger Gemeng am Land sinn. War et ni a wäert et och ni sinn!

A mir hu festgestallt, am Laf vun de Joren, am Laf vun de Jorzéngten, dass eigentlech de System jo genuch Suen huet. Well et stoung - an ech weess net, wéi de leschte Chiffer ass, ech hunn deen néierens fonnt an deene leschten Deeg, wéi ech mech preparéiert hunn -, dee leschte Kenntnisstand, deen ech hunn, dat war, dass ronn 800 Milliounen Excédenten, déi a Form vu Reserven an enger Dose Gemenge leien, dass déi sech kompenséiere mat ongefëier deemselwechte Montant u Scholden, déi aner Gemengen haten, déi eben net dovu konnte profitéieren.

Et gëtt ëmmer iwwer Nidderaanwen geschwat, et gëtt iwwert d'Stad Lëtzebuerg geschwat, et gëtt iwwer Betzder geschwat. Or, wann ech d'Reform hei kucken, da stellen ech fest, dass effektiv Nidderaanwen a Betzder am Kader vun dëser Reform manner wäerten erauskréien, wéi dat virdrun de Fall war.

Nidderaanwen hat deemools 85 Millioune Reserven, Betzder hat der 35, nach eng Dosen aner Gemengen hate ronn 100 Milliounen. An all déi aner Gemengen, déi musse kucken, dass se vun der Hand an de Mond liewen, net well se nécessairement méi schlecht géréiere wéi d'Stad Lëtzebuerg, wéi Nidderaanwen oder wéi Betzder, mä well se eben opgrond vun der Aart a Weis, wéi de System sech entwéckelt huet, net d'Méiglechkeeten haten, fir sech déi Reserven unzeleeën, déi noutwendeg wieren.

An de Kritär vun den Awunner, den Euro pro Awunner, deen ass nun eemol net alles! D'Densitéit, d'Surface si Kritären, déi mer ëmmer derbäi haten. Mir haten e Kritär iwwert d'Densitéit a mir haten e Kritär iwwert d'Surface. An déi zwee hunn am Équiliber, zesummen hu se menger Meenung no zwou verschidde Funktioune gespillt, déi complémentaire waren, näämlech op där enger Säit déi Gemenge stäerken, déi relativ vill Leit op engem relativ klengen Terrain wunnen hunn, well déi jo och déi Gemenge sinn, déi zum Deel aner Funktiounen nach hunn, an op där anerer Säit awer de ländleche Gemengen en Ausgläich gi fir déi Surfacen, déi ganz grouss Surfacen, déi zum Deel am Norden an am Osten, awer och am Süden a verschiddene Gemenge bestinn.

A wann ech d'Propositiounen elo kucken, déi elo hei um Dësch leien, an ech gesinn eigentlech e komplette Lissement, quasi eng Gläichstellung Regioun pro Regioun an der Propositioun vun der Majoritéit tëschent dem Norden, dem Osten, dem Zentrum an dem Süden, wat d'Repartitioun vun de Suen ubelaangt, do soen ech, Här Minister, dat ass meng Meenung, dass et e falsche Choix ass, well et enger fundamentaler Dimensioun net Rechnung dréit. An dat ass de Punkt, dass een net einfach e Mënsch mat engem Mënsch ka vergläichen, mä dass een doriwwer eraus och muss kucken: Wat ass d'Surface, wat ass d'Zuel vun den Dierfer, wat sinn d'Obligatiounen, déis de hues, wann s de wëlls deng Gemengenaarbechte bestreiden?

A wann ech d'Beispill vun der Gemeng Esch-Sauer huelen, wat e Beispill ass, wat ech einfach elo emol aléatoire hei huelen, ech war där Deeg am Schäfferot do, dofir sinn déi mer agefall: 2.477 Leit fir eelef Sektiounen. Déi kréien nom Berechnungsmodus 6,86 Milliounen. D'Gemeng Schëffleng, eng Gemeng, déi relativ wéineg Surface huet, eng grouss Densitéit huet, 9.689 Awunner mol 2.361,92 sinn 22,88 Milliounen. Déi eng, déi huet also 7 Milliounen zur Verfügung, déi aner huet 23 Milliounen zur Verfügung aus deem Dëppen, wat verdeelt gëtt. Ouni dann déi eege Recetten, ech mengen, dat ass à part.

Or, nom Dausendsten oder Zweedausendsten Awunner an der Gemeng Schëffleng, déi unisektionell ass, an där gëtt et der jo nach hei am Land, ass de Méikäschtepunkt vun engem Meter Gruef oder vun enger Aarbecht, déi ech maachen, net méi identesch zu deem, deens de am ländleche Raum hues. Am ländleche Raum, wou s de eigentlech Sektioun fir Sektioun muss ugoen, ass däi Käschtepunkt op de Meter méi en héije wéi deen, wéi en am reng städtesche Raum ass.

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV).-* An dofir ass eis Propositioun an eisen Ae richteg, fir deen zweete Kritär vun der Surface verte net komplett ofzeschafen, mä amplaz 15% nëmmen nach 8%, fir den Équiliber tëschent de Regiounen ze halen, mä awer de Gemengen am ländleche Raum... An et ass och falsch, fir hei eng Diskussioun Norde géint de Rescht ze maachen, well näämlech am Osten ass et genau d'selwecht an et gëtt souguer Gemengen am Süden, grouss Gemengen, déi ganz grouss Surfacen hunn, déi fënnef, sechs Sektiounen hunn, déi 40 Quadratkilometer hunn, déi se musse géréieren. An et gesäit een, wann een d'Resultat vun deem Ganzen hei kuckt, dass et genau déi Gemengen do sinn, och am Süden, déi Gemengen, déi do sinn, déi grouss Surfacen hunn, vill Sektiounen hunn, déi eigentlech an dëser Reform schlecht ewechkommen.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Här Wolter, däerf ech lech eng Fro stellen?

M. Michel Wolter *(CSV).-* Jo.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Nennt mer eng Gemeng aus dem Süden, déi Der elo gemengt hutt, déi schlecht ewechkënnt!

M. Michel Wolter *(CSV).-* Schlecht ewech par rapport zu der gesamter Reform...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Se sinn alleguerten...

M. Michel Wolter *(CSV).-* ...notamment...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Am Süde sinn d'Gemengen, mat enger Ausnam, an dat ass keng flächeméisseg grouss Gemeng, alleguerte gagnant. Eng Gemeng ass derbäi, déi Verléierer ass, dat ass Leideleng.

(Interruptions diverses)

M. Michel Wolter *(CSV).-* De Problem, deen...

Une voix.- Dat ass interessant.

M. Michel Wolter *(CSV).-* ...deen ech mat Ärer Démarche hunn, dat ass, dass Dir permanent nëmmen d'Situatioun vun Awunner par rapport zu Awunner kuckt an dass Der net d'Abstraktioun maacht vun deenen 90 Milliounen, déi Der an d'Dëppen eraleet. Et ass kloer, dass, wann ech 90 Milliounen an d'Dëppen eraleeën, jee nodeem wéi ech un de Schlësselen dréien, dass ech de Gemenge méi ginn.

Mä eng Gemeng wéi Suessem zum Beispill, déi d'Gemeng 105 ass vun 105, déi eng vun deene gréissten Aktivitéitszonen am ganze Land huet, déi eben de Pech huet, dass se ganz vill Sektiounen huet, dass se ganz vill Terrain zur Verfügung stelle muss, an déi de Pech huet, dass se relativ wéineg Impôt commercial generéiert op hirem Territoire, well déi Betriber, déi do sinn, keng Betriber sinn, déi Impôt commercial generéieren, contrairement zu anere Gemengen an der Stad a ronderëm d'Stad, déi eben op relativ klengem Terrain relativ vill Impôt commercial kënne generéieren, well dat Betriber sinn, déi däers och bezuelen, déi kommen, relativ gesinn - bleiwen ech der Meenung - an dëser Reform méi schlecht ewech wéi aner Gemengen, déi aner Kritären ze erfëllen hunn.

Mir bedaueren och, an ech hunn lech dat gesot, dass Der just d'Joer 2015 als Basis geholl hutt. Nëmmen ee Joer ze huelen als Basis, fir eng Reform ze maachen, wou ee roueg hätt kënnen dräi Joer als Basis huelen, ass menger Meenung no ze enk gegraff, well a ganz ville Gemengen et ganz aléatoire ass, wéi d'Resultat vun 2015 ausgesäit.

Et gëtt Gemengen, déi hänke vun engem eenzege Betrib of um Niveau vum Impôt commercial, oder déi hunn, wéi eng Gemeng, déi ech kennen, um Niveau vun de Gehälter a bei de Schoule jo och mat engem Joer Décalage an heiansdo mat ganz groussen Disparitéiten, grad just an deem Joer e gewëssent Resultat.

Ech wär wierklech frou gewiescht, wann een d'Joren 2013 bis 2015 hätt zum Beispill kënnen als Basis huelen. Dir hutt an der Kommissioun dorobber geäntwert: „Da wär de Finanzminister net domadder d'accord gewiescht, fir 90 Milliounen an d'Dëppen ze leeën." Wat dat eent mat deem aneren ze dinn huet, verstinn ech bis haut nach net. Dir hutt mer dat - ech souz do, Dir souzt do op därselwechter Plaz -, Dir hutt mer dat esou geäntwert. Ech fannen, dass eng Reform vun där doter Envergure... An et wär net komplizéiert gewiescht, et ze maachen, fir d'Joren 2014 an 2013 nach derbäizehuelen, fir och d'Comparabilitéit vun de ganze Chifferen, déi Der hei bréngt, fir déi kënne besser a méi transparent ze gestalten.

A wann den Här Hahn an d'Kolleegen hannen an der zweeter Rei vun der DP virdrun op en Awand gesot hunn, et géif keen eppes verléieren: Also, ech muss lech ganz éierlech soen, wann ech d'Joer 2015 kompenséiert kréien an ech hunn d'Zuele vum Joer 2017 an ech weess, dass d'Zuele vun 2017 zum Deel jo largement iwwert deem sinn, wat 2015 bezuelt ginn ass, da ginn ech also emol scho fir d'Éischt net do-

vun aus, dass ech 2015 mat 2015 vergläichen, mä ech vergläiche mäi Budget, deen ech fir 2017 hunn, mam Budget vun 2015. Da sinn ech scho Verléierer! Éischtens.

Zweetens ginn ech nach eng Kéier Verléierer, wa meng Recettë wärend fënnef oder sechs oder siwe Joer agefruer ginn, wou all deenen aneren hir Recettë weiderlafen. Et ass dach net novollzéibar, dass Der esou Saache sot! Et gëtt wuel agefruer, mä agefruer op engem Niveau, deen et net gëtt. An et gëtt agefruer wärend Joren, wou anere Gemengen hir Recettë wäerten dynamesch weidergoen an deenen dote Gemengen hir Recettë wäerten net weidergoen. Déi wäerte stagnéieren an zwar à l'euro près.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech sinn dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Si kréien net manner!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Si kréien net manner, mä si kréien awer och keen Euro weider.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Si kënne méi kréien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Jo, si kënne méi kréien, wa se dann do sinn. Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Där wäerten och drënner sinn.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Jo, jo. Gutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Da waarde mer.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- En anere Punkt. Et wier wierklech flott gewiescht, och fir ze vergläichen, an engem Moment, wou mer déi Reform wäerten an zwee Méint oder an dräi Méint oder a véier Méint hei an der Chamber stëmmen, wann een d'Chifferen iwwert d'Répercussioune vum Pompjeeswiesen op d'Recetten an d'Dépensë vun de Gemengen an déi Reform hei mat agerechent hätt. Well et fënnt, duerch déi Reform vum Pompjeeswiesen, eng weider Redistributioun tëschent de Gemenge statt.

Déi Reform ass net neutral an der Redistributioun tëschent de Gemengen. Et wäerte Gemenge ginn, déi doduerjer entlaascht ginn, et wäerte Gemenge ginn, déi doduerjer belaascht ginn. D'Chiffere leie plus ou moins um Dësch. De Projet de loi ass deponéiert. Mengen Informatiounen no soll dee Projet de loi am Februar, Märerz gestëmmt ginn. Et wär also absolutt machbar gewiescht, eng Kolonn bäizesetze fir d'Répercussioun vun deem, wat am Joer 2017, net am Joer 2020 oder 2022 oder 2025, eleng just 2017 op d'Gemengen duerkënnt, fir dass een dat weider an der ganzer Transparenz hätt kënne matenee vergläichen.

A säit gëschter wësse mer, dass mer en Accord salarial mussen derbäirechnen. Ech rechnen emol, ouni et ze wëssen, plus ou moins 2% op de Salairen derbäi. Wann ee weess, dass am Duerchschnëtt bei de Gemengen de Käschtepunkt vum Salariat d'Halschent ongefëier vum Ordinaire ass, dann ass dat eng Augmentatioun vun engem Prozent vun der Ausgabesäit vum ordinäre Budget an all Gemeng. Och déi Sue sinn natierlech net virgesinn, a kengem Gemengebudget stinn déi dran. An et hätt ee fairerweis kënnen, wann ee wierklech Transparenz bis ënnenhinner duerchgerechent hätt...

(Interruption)

Jo, net viru gëschter, dat ass an der Rei. Mä et misst een et awer elo kënne mat afëieren, well et eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Gemengen ass. Et ass och eng zousätzlech Belaaschtung fir de Stat. Ech ginn dat selbstverständlech zou. Mä et muss een, wann ee wëllt vergläiche mateneen, wat ee vergläiche wëllt, muss een déi eenzel Saachen och kënne matenee vergläichen an hirem Ganzen.

Ech gehéieren zu deene scho méi laang, déi der Meenung sinn, dass d'Recettë vun de Gemenge sollen ugebonne ginn un d'Recettë vum Stat.

(Brouhaha)

Iwwregens war dat och d'Positioun vun enger ganzer Rei vu Parteien am Laf vun der Zäit. Et war och d'Positioun vum Syvicol. Bon, wéi de Kleins Jempy - ech mengen, hie souz do ëmmer, de President vum Syvicol - hei geschwat huet, huet e gesot: „Wa mer gären de Gemengen eng gewësse Sécherheet ginn an hirer Programmatioun, da musse mer hinnen am Gudden an am Schlechten nom wirtschaftleche Resultat vum Land Rechnung droen."

Mir hunn eis vill Gedanke gemaach. Et ass virdru vum Här Traversini gesot ginn: „Dir waart elo méi aktiv wéi déi 28 Joer, oder 24 Joer virdrun." Quitte dass ech jo net mat him, pardon, domadder d'accord sinn, wann hien dat seet.

Mir hu probéiert, Alternativen erauszeschielen. Et war awer schwéier fir eis, déi Alternativen un de Mann ze bréngen. Mir wollten eng Entrevue beim Minister, déi hu mer net kritt, fir mat him doriwwer ze diskutéieren. Mir hunn déi ugefrot. Ech hu se hei ugefrot an an der Finanzkommissioun hunn ech gesot: Mir géife gäre bei Iech kommen, fir mat Iech doriwwer ze diskutéieren.

Ech menge souwisou, dass et net ganz vill...

(Interruption)

...dass et net ganz vill bruecht hätt, vu dass Der Är Choixen, dass Der déi gemaach hutt.

Eise System ass méi gerecht. Eise System bréngt manner Verléierer. Eise System bréngt mat sech, dass manner muss kompenséiert ginn insgesamt. An eise System huet virun allem dee ganz groussen Avantage, dass en de Kritär vun der Surface verte bäibehält, quitte dass mer e reduzéiert hunn an eiser Propositioun vu 15% op 8%. Ech wëll net elo nach eng Kéier am Detail dorop agoen.

An e gëtt ersat - an, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eigentlech mäin Haaptkritikpunkt un där ganzer Reform - duerch en zweete Kritär vun der Densitéit. Dat heescht, op deen éischte Kritär vun der Densitéit, dee mer schonn hunn, d'Densitéit par rapport zum Territoire vun der Gemeng, gëtt elo nach e Kritär derbäigesat vun der Densitéit par rapport zu de Leit, déi op dengem Territoire wunnen.

An ech sinn dem Här Gibéryen senger Meenung, dass et contraire ass zur Landesplanung, dass et contraire ass zur Vokatioun, déi mer deenen eenzelne Gemenge wëlle ginn, tëschent Gemengen, déi dicht solle besidelt sinn, a Gemengen, deene mer soen: „Dir dierft Iech eigentlech net méi méi développéiere wéi dat",…

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- …wann een elo e Kritär aféiert, wou een eigentlech déi penaliséiert, déi sech dann un dat halen, wat d'Landesplanung hinne virschreift. Dat fannen ech net kohärent!

Et ass absolutt net kohärent, deen zweete Kritär vun der Densitéit, par rapport zu de Gesamtziler, déi d'Landesplanung huet. An et ass virun allem, an och dat hunn ech Iech gesot, ouni dass Der iwwerhaapt reagéiert hutt dorobber, et ass kontraproduktiv fir déi Gemengen, déi Industrieterrainen hunn!

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Wéi ech et gelies hunn, hunn ech geduecht: Dat ka jo net sinn! Et ka jo net sinn, dass mat deem Text, deen Der elo hei wäert stëmmen, well Dir wäert eis Amendementer jo net unhuelen, deen Der stëmme wäert, dass dat Ganzt gerechent gëtt «étant la superficie totale des terrains aedificandi», wat fir mech heescht „construisible", «de la commune en km² la plus récente déterminée par l'Administration (du cadastre et de la topographie)».

Ech kommen aus enger Gemeng, mä ech wëll déi net huelen, ech huelen nees mäi Kolleeg hei vun niewendrun, dee vu Suessem, deen ass näämlech an därselwechter Situatioun ewéi ech, dass ronn 40% vun eisem PAG, 40% vun eisem PAG si Zones d'activités industrielles!

Mat deem Kritär, deen Dir elo hei aféiert, wann Der dat dote stëmmt, Dir Dammen an Dir Hären, setzt Dir d'Densitéit vun deene Gemengen, déi ganz vill Surfacen hu par rapport zu de Leit, déi op der Gemeng wunnen, ëm d'Halschent erof, ëm 40% erof!

Fannt Der dat normal? Fannt Der normal, wann Der souguer an der Logik wiert, dass Der dat do wéilt maachen, dass Der Gemengen, déi zum Ertrag vun der Wirtschaft deelhuelen (veuillez lire: bäidroen), wat Gemenge sinn, déi ganz oft net ganz vill Suen am Impôt commercial kréien, well se eben déi Betriber hunn, penaliséiert? Ech hunn ee Betrib, dee mécht 1,2 Kilometer Face. Ech weess net, ob et nach vill Betriber gëtt, déi 1,2 Kilometer Face hunn.

Une voix.- Arcelor!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Dat ass e Betrib… Jo, ausser ArcelorMittal, selbstverständlech. Dat ass e Betrib, dee bezilt keng Steieren! Keen Euro Gewerbesteier! Keen! Keen! Deen hëlt eng enorm Surface vu menger Gemeng. Déi Surface ass a mengem PAG, also am PAG vu menger Gemeng ass se dran.

An als Merci derfir, als Merci stëmmt Der elo eng Reform, stëmmt Der elo eng Reform, Dir Dammen an Dir Hären, wou Der mer als Merci och nach meng Populatioun, déi Der urechent am Kritär vun der duebeler Densitéit, halbéiert! A mengem Kolleeg Engel och.

Ech soen Iech villmools Merci derfir! An ech soen Iech: Mir wäerten eis dergéint wieren. Well dat geet net! Et kann net sinn, dass an engem Gesetz steet, dass ee keng Leit däerf an eng Industriezon setzen, an an engem anere Gesetz gesot gëtt „Biisse, biisse laachen aus, biisse, biisse laachen aus, du däerfs zwar keen dohinnersetzen, mä als Merci derfir huele mer dat och nach ewech!"

An dofir deponéieren ech en Amendement,…

(Interruption)

…deen ech awer nëmmen en ordre très subsidiaire déposéieren, well selbstverständlech d'Amendementen, déi den Här Roth fir d'CSV déposéiert huet, eis Preferenz hunn. D'Aféiere vum Kritär vun der Surface verte priméiert selbstverständlech dat hei. A wa mer dee Kritär eranhuelen, ass deen heite Kritär jo vum Dësch.

Mä wann Der - wat ech fäerten -…

(Hilarité)

…dee gudde Virstouss vun der CSV net wäert unhuelen, hoffen ech, dass Der wéinstens den Zousaz «à l'exception des terrains situés dans une zone d'activités économiques communale, régionale ou nationale» wäert matstëmmen, fir ze verhënneren, dass hei Gemengen, just well se e Bäitrag un der ekonomescher Leeschtung vun eisem Land hunn, penaliséiert ginn op engem net onwesentleche Kritär, well et sinn ëmmerhi 5% vun der ganzer Zomm vun de Suen aus der Reform, déi do verdeelt ginn.

Wann ech gelift, Här President!

Plusieurs voix.- Très bien!

Amendement 6

Projet de loi n°7036 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes et modifiant

1. la loi modifiée du 1er mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs;

2. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant

1. création d'un fonds de chômage;

2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

3. la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Remarque préliminaire: Au cas où les amendements présentés au nom du groupe politique CSV par M. le Député Gilles Roth ne trouveraient pas l'accord de la majorité gouvernementale, notre groupe propose, en ordre très subsidiaire, le présent amendement.

Amendement 1

Le point 6 du paragraphe (1) de l'article 3 est modifié comme suit:

«6. «ratio des zones urbanisées », le ratio entre la population et la superficie totale de la zone urbanisée de la commune exprimée en km², la superficie totale de la zone urbanisée étant la superficie totale des terrains aedificandi de la commune en km² la plus récente déterminée par l'Administration du cadastre et de la topographie, à l'exception des terrains situés dans une zone d'activités économiques communale, régionale ou nationale.»

Commentaire

Il est proposé de retrancher les terrains situés dans une zone d'activités communale, régionale ou nationale de la superficie totale des terrains aedificandi d'une commune pour ne pas pénaliser les communes du fait de l'accueil sur leur territoire d'activités économiques diverses.

(s.) Michel Wolter, Jean-Marie Halsdorf, Marc Lies, Gilles Roth, Claude Wiseler.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Da kënnt d'Ëmverdeelung tëschent de Gemengen. A wann ech gesot hu virdrun, dat wär mäin éischte Kritikpunkt, Aedificandi non aedificandi, aedificandi ass de ganze PAG, ech hunn dat gefrot. D'Beamte vum Ministère hu mer dat confirméiert.

D'Ëmverdeelung tëschent de Gemengen: Mir si fundamental dervun iwwerzeegt, dass een d'Gemengen a verschidde Kategorië kann andeelen. Dat ass konform zur Landesplanung. 145%, 125%. Abstraction faite du fait, dass een net richteg gesäit, wéi déi Chifferen do beienee komm sinn - mä et ass awer emol vum Prinzip hier an der Rei, dass mer dat da maachen -, si mer der Meenung, dass, wann dat gemaach ass, dann awer d'Ëmverdeelung tëschent de Gemengen op eng korrekt Aart a Weis misst vonstattegoen.

De Kolleeg Gibéryen huet et gesot, den Här Roth huet et och gesot a senger Ried: Et gëtt zwee Punkten, déi fir mech net novollzéibar sinn a wou d'Argumentatioun vum Minister net ze verstoen ass.

Dat eent ass d'Participatioun vun de Gemengen um Fonds pour l'emploi. Bis elo war et esou, dass d'Gemengen 2% vun deem Wirtschaftsertrag, dee se bruecht hunn, an de Fonds pour l'emploi ofginn hunn. Ech fannen dat e gerechte Kritär, well et e Kritär ass, wou déi, déi méi Wirtschaftsertrag hunn, méi musse bezuele wéi déi, déi manner Wirtschaftsertrag hunn.

Or, hei kréien déi Gemengen - aus dem Norde sinn dat der dann, wann ech dat richteg verstanen hunn -, déi schonn eng an d'Gladder kréien op deem éischten, kréien elo nach eng zweet derbäi, well se gesot kréien: „Ma dir bezuelt elo nach d'Participatioun vum Fonds pour l'emploi, well dir méi wéi 10% vun der Moyenne vum ganze Land eigentlech nach de Kritär vum Awunner behaalt."

Dat heescht, dass… A wann ech den Awunner als Kritär huelen an net méi d'Wirtschaftskraaft als Kritär huelen, stellen ech dann hei fest, dass véier Gemengen, déi 2,4% vun der Bevëlkerung representéieren, 33% vun der Participatioun vum Gemengesecteur an deen dote Fong musse bezuelen.

Fannt Dir dat gerecht? Ech muss Iech ganz éierlech soen: Ech fannen dat net gerecht. An ech sinn hei als Buergermeeschter vun enger Gemeng, wann et aneschters wär, wou ech héchstwahrscheinlech méi misst bezuele wéi dat, wat ech elo bezuelen. Mä ech fannen et fundamental net gerecht! Ech fannen et fundamental net gerecht, well ech der Meenung sinn, dass d'Contributioun vun de Gemengen am Fonds pour l'emploi net par rapport zur Populatioun oder deem, wat s de pro Awunner erakriss, ze berechnen ass, mä par rapport zur Wirtschaftskraaft, déi déi eenzel Gemeng generéiert op hirem Territoire.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- An dat Zweet ass dat vun der Cotisation sociale, an domadder eppes, wou ech muss à la limite froen, ob et iwwerhaapt geet. Mir hunn de 25. Märerz 2015 hei e Gesetz an der Chamber gestëmmt iwwert d'Institutioun vun engem Régime de pension spéciale a gewëssene Secteuren, do gehéieren d'CFL derzou an och d'Gemengen. An deem steet, dass d'Cotisatioune fir d'Pensioune bezuelt ginn à concurrence vun 20,30% vun de Gemengen, an zwar fir hir Leit, an dass de Stat 14,70% bäifüügt, bäileet. 14,70%, soudass mer op 35% Cotisatioune sinn. D'Gesetz vum 25. Märerz 2015.

Elo gëtt, net an dëser Reform, dofir komme mer nach eng Kéier dorobber zréck, wa mer iwwert de Budget schwätzen, mä et ass am Kader vun der Loi budgétaire, wou dat hei geschitt, mä et passt awer hei an d'Diskussioun eran, well et nees zu enger Ëmverdeelung tëschent de Gemengen hei féiert au profit des uns et au détriment des autres.

Elo loosst Der dat Gesetz bestoen! Dat Gesetz gëtt net ausser Kraaft gesat! Am Budget fir d'Joer 2017 stinn déi 14,7% Cotisatioun vum Stat. Déi stinn dran! An da sot Der: „Jo, Pech! Da gi mer elo an d'Dotatioun, déi un d'Gemenge geet, an déi 14,70%, déi gi mer eis do sichen."

Dat heescht, op där enger Säit huet de Législateur d'lescht Joer gesot: De Stat bezilt 14,70% an d'Gemenge bezuelen 20,30%. An elo gëtt iwwert d'Budgetsgesetz dat Gesetz einfach ausgehiewelt an et gëtt gesot: „Majo, mir bezuelen zwar nach ëmmer eis 14%, mä dir gitt eis se zréck. An dir gitt eis se net zréck nom Kritär, wéi déi aner 20,30% bezuelt ginn, näämlech net jiddweree fir jiddwereen."

Dat heescht, dass elo kleng Gemengen fir grouss Gemenge musse matcotiséieren, schlank Gemengen, déi sech druginn hunn an de leschte Joren, fir net ze vill Leit anzestellen, déi däerfen elo, net fir alles, mä fir 14,70% däerfe se matcotiséiere fir anerer.

Fannt Dir dat gerecht? Ech fannen dat net gerecht! Ech fannen dat fundamental souguer ongerecht, dass mat engem System, mat engem Prinzip gebrach gëtt, wat en elementare Prinzip ass vun eiser Sécurité sociale, näämlech dass ee cotiséiert fir déi Leit, déi ee selwer beschäftegt. Dat gëtt elo ausgehiewelt.

An dat geet net, dat hätt ee jo och kënne maachen, ouni Problem hätt een dat kënne maachen, et hätt ee kënne soen: Amplaz dass dat elo 20,30% ass, ass dat elo 35%, an zwar all Gemeng bezilt fir hir Leit, well et hätt ee just 20,30 duerch 35 missen ersetzen, soss guer näischt, et ass net emol, dass méi Aarbecht ass an deem Ganzen, an déi wären dann an d'Pensiounskeess ofgaangen. Neen, déi ginn elo aus der Dotatioun erausgeholl. Déi Dotatioun, déi huet eng komplett aner Repartitioun wéi dat, wat ënnen aus dem Dëppen erauskënnt, soudass mer elo an enger Situatioun sinn, dass fir quasi d'Halschent vun de Cotisatiounen déi eng Gemenge fir déi aner Gemenge musse bezuelen.

An doduerch gëtt de System eigentlech ëmmer méi kromm. Et gëtt e System, deen eigentlech à la base, de Gros vun deene Saachen, déi hei proposéiert ginn, déi kann een à la base souguer…, déi sinn net vu schlechten Elteren eigentlech, well se dat erëmbréngen, wat vill diskutéiert ginn ass, mä hei sinn awer Elementer, Dir Dammen an Dir Häre vun der Majoritéit, wou ech lech awer muss soen: Dat do, dat kann et dach net sinn! Dat kann et net sinn! A wann Der dat esou maacht, dem Minister seng Äntwert war, d'FGFC wär bei him gewiescht an déi hätte gekrasch, déi hätten him gesot: „Majo, wann dat esou ass, da stellen d'Gemenge keng Beamte méi an."

De grâce hunn d'Gemengen an deene leschte Jore keng Beamten agestallt! Si hunn 20,30% Cotisatioun bezuelt. An de grâce, wien ass dann deen, deen an allerleschter Substanz an Instanz eigentlech de Krop drënner mécht oder net mécht, ob een agestallt gëtt, dee Fonctionnaire ass oder net Fonctionnaire.

(Interruption)

Jo, ech weess net, wien et war. Ech weess just, dass mer elo hei an e System kommen,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Et war net keen.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Et war net keen. Dat ass op jiddwer Fall…

(Hilarité)

Une voix.- Et war net keen.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Ech fannen déi Argumentatioun och net pertinent. Déi Argumentatioun, fir ze soen: „Da stellen d'Gemenge keng Beamte méi an", déi ass net pertinent a se ass souguer eigentlech par rapport zu de Gemengen an der Aart a Weis, wéi de Gros vun de Gemenge fonctionnéiert, net korrekt, well se présupposéiert, dass d'Gemengen net géife wëssen, wat se maachen, wann et ëm d'Besoldungs- an ëm d'Astellungspolitik vun hire Leit geet.

Fazit, an domat kommen ech zur Konklusioun: Et huet een d'Impressioun, wann een dat Ganzt beieneeleet, wann een d'Schrauwe kuckt, wéi se gedréit gi sinn, dass eigentlech d'Resultat virstoung an dass d'Schrauwen duerno gedréit gi sinn, esou laang gedréit gi sinn, bis se do waren, wou ee se gäre gehat hätt.

Et ass a mengen Aen dofir eng Reform vun der verpasster Solidaritéit. An ech si mam Här Hahn absolutt net d'accord, mat senger ganzer Analys. Et hätt där enger oder anerer Gemeng gutt zu Gesiicht gestanen, an der gesamter Approche, an der ganzer Aart a Weis, wéi d'Gemengefinanze geregelt sinn, wa se e Brin méi Solidaritéit mat deenen anere Gemengen an dësem Dossier gewisen hätt.

De Minister huet mer op eng Fro, déi ech him gestallt hunn, wéi et dann dozou komm ass, geäntwert: „Dat ass de Präis, deen ech hu misse bezuelen, fir e politeschen Accord ze kréien." Mir bedaueren dat a wäerten dës Reform och doweinst net stëmmen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Wolter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Haagen.

M. Claude Haagen *(LSAP).-* Merci, Här President. Ech wollt vläicht op e puer Remarquen agoen, déi d'Virriedner gemaach hunn, ouni elo hei a grouss Polemiken ze falen. Ech denken, datt an deene leschte Jorzéngten, an dat ass schonn e puermol ugeklongen, an ech denken, datt mer do ee Konsens hunn, eng Reform vun de Gemengefinanzen, déi hei ugeschwat ginn ass, iwwert den Här Wolter vun der CSV awer och iwwert den Här Roth vun der CSV, wat den Impôt foncier ubelaangt, datt een do misst weiderkommen.

Ech stelle just fest, datt - an da gesäit een, wéi laang datt mer doriwwer diskutéieren oder hei an deem Haus diskutéiert ginn ass - d'Konklusioune vun enger Territorialreform 2005 waren, datt ee soll eng Reform maache vun der Grondsteier an datt een eng Reform soll maache vun de Finances communales. Mir sinn haut 2016 a mir hoffen dann, datt eng Reform vun de Gemengefinanzen a Kraaft trëtt 2017.

Do gesi mer also, wéi laang datt mer eis scho mam Thema beschäftegen a wéi laang datt mer eis op eng ënnerschiddlech Aart a Weis beschäftegen, och wat déi verschidden, ech nennen et emol, Schrauwen, Kompositioune vun der Reform vun de Gemengefinanze betrëfft.

Et muss ee sech natierlech d'Fro stellen, firwat datt dat esou laang gedauert huet a firwat datt am Fong jorzéngtelaang doriwwer diskutéiert ginn ass, an ech gehéieren hei wierklech elo net zu deenen, fir ze soen: Et ass deem dote säi Feeler oder et ass deem dote säi Feeler. Am Fong ass dat mer haut egal. Am Fong solle mer ee System an d'Rei kréien, deen, an ech denken, do si mer eis och eens, net gutt fonctionnéiert!

A wann hei iwwer Solidaritéit vun de Gemenge geschwat gëtt, da kann een, an ech interpretéieren déi Solidaritéit dohinner, datt déi jo dann an de Futur kënnt oder interpretéiert ginn ass, an do kann een driwwer diskutéieren, ob déi Solidaritéit spillt oder net. Ech gesinn, a verschiddenen Dossiere spillt se, an aneren Dossiere spillt se net, esou wéi dat bei de Gemengen am grousse Ganzen ass a bei de Gemengefinanze vläicht och a verschiddene Punkten.

Ech mierken awer, wann ech d'Zuele kucke vun der Dotatioun oder vum ICC, a réckbléckend op déi lescht Joren, datt déi Disparitéit, déi Differenzen tëschent deene verschiddene Gemengen awer actuellement do ass! An déi ass och do, an et gëtt vun de Virriedner gesot: „Et soll een hei…, et ass egal, ob dat Norden oder Osten ass, Süden oder Zentrum", da gëtt herno awer erëm mam Kritär vun der Densitéit oder vun der Zone verte gespillt, do kann een dat da pro Bezierk nennen, wou dat dann de Fall ass, do mierken ech awer, datt och déi Argumentatioun dann op eemol erëm net fonctionnéiert.

Dofir solle mer eis awer alleguerten eens sinn: Eng honnertprozenteg Gerechtegkeet, an dat ass meng Iwwerzeegung, wäert et an de Gemengefinanzen net ginn! Well soss hätte mer se an deene leschten zéng, 12, 13, 20 Joer scho fonnt. An ech perséinlech sinn och der Meenung, datt an deenen nächste Joren déi honnertprozenteg Gerechtegkeet net wäert erreecht ginn an datt mer mussen ewechkomme vun enger Iwwerleeung, datt a puncto Gemengefinanzen…, wann ech d'Attributioun vun der Dotatioun kucken an ech kucken d'Attributioun vum ICC an esou weider, a wann ech kucken d'Dependenz vun de Gemengefinanzen un déi staatlech Suen, déi do kommen, d'TVA an esou weider, fir déi nëmmen ze nennen, hu mer do eng grouss Volatilitéit.

An déi Volatilitéit, déi musse mer an de Grëff kréien, well dat bedeit ganz einfach, datt d'Gemenge kënne plangen. An dofir ass och déi Iwwerleeung vun deene Regierunge virdrun an och vun dëser Regierung, fir verschiddene Gemengen oder de Gemengen am grousse Ganze méi Kompetenz ze ginn, wat verschidde Butten, wat verschidden Objektiver ubelaangt. Och um landesplanereschen Niveau! An all Gemeng soll a muss déi erfëllen. A mir wäerten an deenen Dossieren ëmmer erëm op d'Gemengefinanzen zréck ze schwätze kommen.

An dofir ass et wichteg, datt, wann ee verschidden Iwwerleeungen hei mécht, op jidde Fall een dat kann deelen. Et kann een et och am Kapp behale fir weider Ajustementer. Ech mengen, et ass hei geschwat ginn, wéi een dat adaptéiert. Mir haten an der Kommissioun Iwwerleeungen, fir ze soen: Kommt, mir huele verschidden Ajustementer oder Diskussiounen innerhalb vun der Intérieurskommissioun, fir iwwert d'Loi budgétaire op jidde Fall dat ze ajustéieren, well mer net wollten als Kommissioun iwwer Règlement grand-ducal fueren, well mer wollten - zum Beispill ass dat fir mech ganz wichteg - d'Chamber net ausklameren, an datt d'Chamber wierklech am Niveau vun de Gemengefinanze matagebonne bleift. Ech denken, datt dat dat elementaarst Recht vun dëser Chamber ass.

Et muss ee sech natierlech froen, dee System, dee mer actuellement hunn, a wou mer Ënnerscheeder tëschent verschiddene Gemengen hunn, dat hunn ech scho gesot, ob déi elo am Norden, am Osten oder am Minett sinn, ass mer am Fong egal, mä wa se uneneestoussen, da gëtt jo schlussendlech verglach bei de Gemengepäpp oder bei de Gemengemammen: Wéi vill kréien ech dann eran? An dat gëtt normalerweis op de Kritär vun der Populatioun gekuckt. An do muss ee sech natierlech d'Fro stellen, wann een un déi aner Gemeng stéisst: Firwat ass déi dote Gemeng da populatiounsméisseg par tête de pipe, wéi ech soen, méi wäert oder manner wäert?

An domadder muss ee sech auserneesetzen. An datt een do verschidde Kritären huet, déi ee kann interpretéieren, domat sinn ech d'accord. Ech verstinn dem Här Wolter seng Iwwerleeungen deelweis mat de Zone-industriellen a spezifesch op seng Gemeng gemënzt mat deene 40%, mengen ech, wéi Der gesot hutt. Ech verstinn d'Iwwerleeungen. Mä wann ech aner Kritäre kucken, Zones de protection, Naturschutzgebidder, déi a Gemenge sinn, do féiere mer déiselwecht Diskussioun. Mir féieren absolument déiselwecht Diskussioun, just an engem anere Secteur, an engem anere Secteur.

An och do denken ech, datt eng gewësse Solidaritéit muss tëschent de Gemenge spillen. Datt een déi kann diskutéieren, datt een déi kann adaptéieren, an datt mer ee flexibele System musse kréien an deenen nächste Joren, hänkt doudsécher dervun of, wat déi Kompensatioune matbréngen. An déi Kompensatioun ass a mengen Aen net eng Kompensatioun, esou wéi se wierkt, fir ze soen: „Dir verléiert näischt."

Et ass richteg, déi Iwwerleeung, déi finanziell Mëttel vun deene Gemenge ginn agefruer a si gi garantéiert. A rien n'empêche, an dat wäert d'Zukunft weisen, an dofir ass et jo wichteg, wat mer an der Finanzkommissioun festgehalen hunn, datt d'Regierung a fënnef Joer kuckt: „Wéi huet déi Gemengefinanzreform sech hei…, wat fir eng Auswierkungen hat déi?", an datt mer dann eng Analys féieren. An déi Analys wäerte mer, an esou, wéi ech déi heiteg Membere vun der Intérieurskommissioun kennen, spéitstens bei den Débate fir de Budget 2018 erëm féieren, well dat an der Intérieurskommissioun wäert matafléissen.

An dofir hu mer also och eng Surveillance vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung, wéi d'Evolutioun vun deem doten Dossier ass.

An dofir begréissen ech och, datt mer op jidde Fall dee Konsens - Här Roth! - och an der Intérieurskommissioun haten. Dat musse mer awer och objektiv zouginn.

Wa mer natierlech elo u verschiddene Schrauwen dréie ginn, dann ass et kloer, datt aner Resultater erauskommen. An dann ass et kloer, datt jo erëm gekuckt gëtt, an dat ass nëmme mënschlech: Wat hat dann déi Gemeng virdrun, wat huet se elo? A fir sämtlech Schrauwen esou a Bewegung ze setzen, datt mer hei en honnertprozentege System kréien an eng honnertprozenteg Gerechtegkeet, dat denken ech heibannen och, dat weess jiddwereen, datt mer dat net kréien.

Ech wollt awer och op eppes agoen iwwert d'Aart a Weis, wéi mer hei an deem Dossier diskutéiert hunn. Ech deelen d'Meenung net vum Här Wolter, datt an deem heiten Dossier net diskutéiert ginn ass. Wann am Juli den Innenminister an d'Kommissioun komm ass, dat war virum Dépôt vum Projet de loi, virun engem Dépôt, dat gëtt jo och net grad ëmmer gemaach. Loosse mer awer och objektiv sinn!

Dat ass presentéiert ginn. An Dir wësst gradesou gutt wéi ech, datt déi Zuelen, déi dunn ausgedeelt gi sinn, jo och schonn direkt kommentéiert gi sinn an datt ee jo och hätt kënnen dunn dee Processus déclenchéieren, fir ze soen: D'CSV geet an déi Richtung oder d'DP oder d'LSAP oder déi Lénk ginn an déi Richtung a mir wëllen do weider Evaluatioune maachen, datt d'Parteien dat intern, deemno wat fir ee Procédé datt dat ass, duerch Zuelematerial, dat se net hunn, net vu sech aus selwer kënne maachen. Dat ass an der Kommissioun och gesot ginn an dat ass jo och unerkannt ginn. An dofir war jo och d'Mathëllef vum Ministère de l'Intérieur, fir dat doten och mat op de Wee ze ginn. Dat soll een objektiverweis awer och soen! Ob ee mat dem Zuelematerial oder mat den Entscheedungen dann zefriddegestallt ass, ass eng aner Diskussioun.

Ech wollt e puer Saachen awer soen. Mir als LSAP, mir wäerten dës Gemengefinanzreform stëmmen, well mer einfach der Meenung sinn, datt, an dat hunn ech elo zwee-, dräimol gesot, mer doudsécher an deem Dossier keng honnertprozenteg finanziell Gerechtegkeet an der Distributioun vun der Dotatioun a vum ICC a vun deem neie Fong wäerte kréien, egal wéi mer d'Kritären elo ajustéieren.

Mir denken och, datt déi Kritären, déi elo zréckbehale gi sinn, awer déi richteg sinn. Datt ee se kann adaptéieren, denken ech, dat ass eng Fro, déi een an deenen nächste Jore muss beäntwerten.

An ech verstinn och, datt zum Beispill Diskussioune gelaf sinn innerhalb vun der Kommissioun oder dobaussen, wa mer geschwat hunn iwwert de soziale Wunnengsbau, ob dat iwwer Subventioune soll lafen, wat méi Äre Point de vue ass, well et eng Recette non affectée ass an esou weider an esou weider, déi mer kréien, oder ob dat wierklech elo um Gemengenniveau soll determinéiert sinn.

Mir sinn der Meenung, datt de soziale Wunnengsbau, de Wunnengsbau am grousse Ganzen esou e wichtegt Thema zu Lëtzebuerg ass, datt mer keng Pist sollen ausschléissen. Dat ass op jidde Fall der LSAP hir Meenung. An ech sinn do beim Här Baum, fir ze soen, datt een dat op jidde Fall muss kucken an datt déi Gemengen, déi een Effort kënne maachen oder solle maachen, och eng gewësse Récompense dodra kréien.

Ech gesinn elo net direkt eng Gemeng, déi net an de soziale Wunnengsbau kéint investéieren. Ech gesinn dat net direkt. Ech gesinn dat net direkt, wat do…, ausser et wier, an dat ënnerstellen ech hei kengem, eng Volonté politique. Mä e bësse soziale Wunnengsbau deet all Gemeng gutt. D'Mixitéit deet all Gemeng gutt. An da muss ee mer de Kritär soen, firwat datt eng Gemeng net kann e soziale Wunnengsbau organiséieren. Ob een dat iwwert de System vun de Gemengefinanze rémunéréiert oder net, oder eng Récompense mécht oder net, dat ass eng aner Diskussioun. Mä ech fannen, mir sollen awer op de Wee goen, fir sämtlech Pisten am soziale Wunnengsbau an am Wunnengsbau en tant que tel auszenotzen, well dat ass wichteg, net nëmme fir eist Land, mä och wichteg fir eis kommend Generatiounen an och fir déi Leit, déi an deem Land hei wunnen.

Ech hunn dat gesot, déi Objektiver an déi verschidden Tâchen, déi vun der Regierung op d'Gemengen iwwerdroe ginn. An dofir ass et och a mengen oder an eisen Aen als LSAP wichteg, wa mer d'Territorialreform kucken a mir kucken d'CDAen a mir kucken dat ganzt Fonctionnement vum Land, datt verschidde Gemenge méi e groussen Appui financier musse kréie wéi anerer.

Elo kann een driwwer diskutéieren, Zone verte huele mer eraus, soziale Wunnengsbau dogéint, mir verdeelen no anere Kritären, mir huelen d'Zone verte aneschters, mir maachen dann iwwert d'Surface ajustée eng aner Compétence dran.

An der Vergaangenheet hu mer gemierkt, wa mer d'Gemengen, d'Landgemengen, d'Landgemengen en tant que tel, obwuel ech mech heiansdo froen, wat eng Landgemeng ass, mä d'Landgemengen en tant que tel definéieren, dann huet ee gesinn an der Vergaangenheet, datt déi Gemengen, déi am mannsten Awunner hunn, dat heescht, déi am mannste besidelt waren, datt déi awer och vill Surface verte haten an och eng grouss Récompense dofir kritt hunn, financière, well se sech konnte compte tenu vun der Surface verte développéieren.

Elo kann een natierlech soen: Elo kréien déi Gemengen dat net méi, oder d'CSV proposéiert d'Upassung, mengen ech, op 8%, wann ech dat nach richteg am Verhalt hunn.

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

Jo, op 8%, wann ech dat nach richteg am Verhalt hunn.

Ech denken net, datt et gutt wier, datt mer hei Landgemenge géint urban Gemengen ausspillen.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Wéi wëllt Der dat dann och maachen?

Une voix.- Jo!

M. Claude Haagen *(LSAP).-* Neen, dat maache mer net! Neen, dat maache mer net!

(Brouhaha)

Dir maacht just déi Iwwerleeung, Här Wolter, neen, neen, Här Wolter, Dir maacht d'Iwwerleeung vis-à-vis vun de Landgemengen. Da maacht awer och eng Kéier, wann ech gelift, d'Iwwerleeung vis-à-vis vun den urbanen Zentren! Da maacht awer och eng Kéier déi Iwwerleeung!

Well, ech kann lech awer och Saache soen, Projete soen, déi ganz einfach urban Gemenge maachen, déi Landgemengen net maachen, wou Leit schaffe kommen. Ech denken u Crèchen, ech denken u Schoulen an esou weider an esou weider. Wat jo och de bonne guerre ass a wat een och soll maachen. A well mer och eis Mobilitéit, eis Transportproblematik esou kënnen orientéieren. Da muss een awer och vun deenen zwou Säiten et kucken. Dofir sinn ech net perséinlech der Meenung - bon, mir kommen do net beieneen -, fir ze soen: „Déi eng gi gestrooft an déi aner, déi kréien näischt méi, an déi aner kréien ze vill." Dat ass, denken ech, an deem heite Fall net meng Meenung.

Well, wann Der elo kuckt, wann Der elo verschidde Landgemenge géintenee kuckt, an Dir kuckt d'Differenz par tête de pipe op 50 Meter an Dir kuckt dat vis-à-vis vun urbanen Zentren, also ech kann lech awer soen: Dir hutt jo, denken ech, de Schema, kuckt eng Kéier verschidde grouss Uertschaften, an dat ass beileiwen net Dikrech am Norden, an da kuckt Der déi vis-à-vis vu Landgemengen, da kuckt Der emol eng Kéier d'Differenz, wat do dobäi ass, wéi et actuellement ass, wéi et actuellement ass!

A rien n'empêche, datt déi Garantie, déi jo spillt wärend fënnef Joer, jo och an Zukunft wäert spillen, an datt déi Garantie op 2015…. Elo kann een d'Moyenne huelen an et kann een dat extrapoléieren op 2017. An et ass och richteg, wat Der gesot hutt, et kann een och den ICC kucken, wat erakomm ass bei verschiddene Gemengen, compte tenu vum steierleche Revenu oder der Déclaration fiscale vun de Gemengen. Alleguerten dat dote kann

ee kucken. Mä och eng Kéier muss een d'Décisioun huelen, fir op de Wee ze goen, fir eng Reform vun de Gemengefinanzen op deem dote Wee ze maachen.

Iwwregens wëll ech an deem Kontext awer eppes soen, wou Der dat gesot hutt mat den 90 Milliounen, fir ze soen, datt am Fong virdrun déi Regierung, innerhalb vun deene Regierunge se net déi Moyene gehat hätten oder den Innenminister kritt hätt, fir esou Reformen ze maachen. Da constatéieren ech nach eng Kéier hei, wa mer an deem Haus hei awer iwwer Reformen oder iwwer Konklusioune vun enger Territorialreform schwätze vun 2005, an egal wien an der Regierung ass, a mir ginn eis d'Moyenen net, fir dat ze maachen, da stellen ech mer d'Fro vun de Konklusiounen. Well, wa mer d'Konklusiounen hunn a mir refuséieren, op eng politesch Aart a Weis oder Iwwerleeungen oder aner Iwwerleeungen ekonomescher Aart a Weis, déi ze respektéieren, da froen ech mech, firwat datt mer d'Konklusiounen da maachen! Well fir mech sinn déi vun 2005 schonn erëm dépasséiert par rapport zu 2016.

Wann also dës Regierung 90 Milliounen deblockéiert huet, da begréisse mir dat als LSAP, fir dat ze maachen. Dat ass jo och dat, wat Der gesot hutt. Dat begréisse mer! Sou, elo kann ee sech natierlech e Sputt ginn, mer komme jo an déi zweet Phas, fir ze soen: D'Gemengefinanzen, wéi gi mer se un? An natierlech kann een elo d'Steierreform do drabréngen, et kann een d'Reform vum Pompjeeswiesen drabréngen, et kann een nach aner Reformen do drabréngen. Mä och eng Kéier muss een d'Décisioun huelen, fir op dee Wee ze goen!

An da kommen ech zréck op dat, wat ech am Ufank gesot hunn, datt eng gewësse Flexibilitéit an deem heite System par rapport zu de Gemenge vum Stat aus muss do sinn, wat d'Adaptatioun vun de Gemengefinanze betrëfft. Déi muss do sinn an Zukunft, soss féiere mer näämlech ëmmer déiselwecht Diskussioun! Mir wäerte se an Zukunft ëmmer féieren, an ech weess net, ob mer dann ee Consensus politique an deem doten Dossier kréien. Et schéngt mer net de Fall ze sinn, fir en dann ze kréien.

Dat wier awer schued, well jo och déi Interaktioun um politesche Plang tëschent der Regierung oder de Regierungen an de Gemengen, mat Opträg, déi un d'Gemenge ginn, jo och vun all Regierung préconiséiert gëtt, fir dat ze maachen. Schlussendlech musse mer de Gemengen dann, ob se rural sinn oder urban sinn, och déi néideg Finanze ginn.

An deem Kontext wollt ech awer och eppes soen, an do mierken ech och d'Flexibilitéit awer, déi opkomm ass an der ekonomescher Iwwerleeung vun dëser Regierung oder vun dësem Innenminister - Dir sidd scho laang am Geschäft souwuel als Innenminister wéi och elo als Buergermeeschter an de Gros vun de Leit hei, déi e kommunaalt Amt hunn, wëssen dat och: Et gëtt oft an de Gemenge geschwat iwwert d'Konsolidatioun vun den Emprunten. Dat war an deene leschte Joren, an dat ass e Reproche u keen, en Tabuthema. Tabuthema!

Ech muss lech soen, wann een elo keng Konsolidatioun vun den Emprunte mécht no verschiddene Konditiounen, déi een ze respektéieren huet, keng Streckung vum Emprunt an esou weider an esou weider, datt dann awer eng Konsolidatioun vun den Emprunten eppes ass, wat an deem heitege Jorhonnert jo awer nëmmen normal ass, wa mer ekonomesch iwwerleeën. Och als Gemeng muss een ekonomesch iwwerleeën. Da muss een och op deen dote Wee goen! An dësen Innenminister huet dat dote fräiginn, fir dat ze maachen.

Déiselwecht Iwwerleeung wëll ech awer dann och eng Kéier soen: Taux fixe. Ekonomesch kann een elo soen: Den Taux fixe, dat war bis elo Tabuthema. Et kann een natierlech argumentéieren, viru fënnef Joer, et ass gutt, datt et en Tabuthema war, well wann s de dann een Taux fixe gehat häss, dann häss de elo schlecht dogestanen.

Mir sinn eis awer eens, datt bei deem Taux variable, dee mer elo hunn, ech gesinn e schlecht nach méi falen, ech weess net, wou en dann nach fält, an den Taux fixe ass momentan akzeptabel. Et geet emol net dorëms, fir dann ze soen, ob et fir eng Gemeng lukrativ ass oder politesch wäertvoll ass oder wat se dorauser schléit. Et geet ganz einfach ëm d'Liquiditéit vun de Gemengen an deem dote Punkt, wa se Projete realiséiere fir de Stat am Aklang, mam Averständnis vun hire Bierger. An dat geet duerch e Gemengerot, an do sëtze Leit, déi erwuesse sinn an déi kënnen dat décidéieren.

Dofir begréisse mir déi Moossnamen zum Beispill vun engem Taux fixe. Ech hunn dat eng Kéier gesot op eng witzeg Aart a Weis, ech weess net méi, ob et esou witzeg ass, wann ech zu Dikrech d'Zënse kucken a mir hunn eng Schold vu 40 Milliounen, da kaschte mech d'Zënsen, Här Roth, en hallwen elektreschen Trafo.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mir si bei 46…

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Da sidd Der e bësse méi schlecht wéi Dikrech. Mä bon, mir sinn nach alleguerten... Et ass jo och duerch d'Investissementer gefuerdert, et ass jo och duerch d'Investissementer gefuerdert.

Gutt! E puer Saachen, op déi ech awer nach wëll agoen, dat ass d'Caisse de prévoyance, denken ech, déi den Här Wolter ugeschwat huet, de Fonds pour l'emploi. Dat kann een deelen. Mir mech ass d'Mutualitéit an deem dote Kontext wichteg, och tëschent de Gemengen. Et kann een dann och argumentéieren, fir ze soen: Verschidde Gemengen oder Stied hunn och méi national Aufgabe wéi anerer.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Dofir kréie se méi.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Dofir kréie se méi, dat ass richteg. Dat ass an der Rei. Mä hei iwwert déiselwecht Aart a Weis och, kréie se duerch eng Participatioun och méi. An ob eng Gemeng ee Fonctionnaire astellt oder net, ass awer nach ëmmer eng Décisioun vun der Gemeng iwwert d'Création de poste. An ech denken net, datt ee Buergermeeschter oder ee Schäfferot oder ee Gemengerot doriwwer dann argumentéiert, wéi vill datt en do schlussendlech muss an de Fong oder an dësem Fall net an de Fong, mä d'Caisse de prévoyance bezuelen. Ech denken awer, datt de Minister, well mer dat schonn an der Intérieurskommissioun ugeschwat hunn, och op déi doten Diskussioun wäert agoen.

Zum Schluss kommen ech nach zur Grondsteier. Ech denken, datt eng Reform vun der Grondsteier wichteg ass. Fir d'LSAP ass se och wichteg, an ech denken, fir jiddwer Partei heibannen. Mir gesinn elo net bei enger Grondsteier, datt do eng direkt Participatioun oder eng Augmentatioun vun der Besteierung vun de Leit soll kommen. Mä déi soll diskutéiert ginn am steierleche Kader vun enger Steierreform. Elo kënnt Der natierlech äntwerten: „D'nächst Woch stëmme mer eng Steierreform, wou ass se?"

Ech kommen direkt dobäi, ech sinn direkt dobäi. Da kënnt Der jo direkt dat äntwerten. Mä Dir wësst horgenau, datt eng Reform vun der Grondsteier och weider wäert diskutéiert ginn a wäert och élaboréiert ginn. A wa mer politesch net de Courage hunn, egal wat fir eng Regierung datt dat ass, kënne mer ëmmer iwwert d'Grondsteier kucken an déi Adaptatioune vun 1940 kënne mer all Kéiers kucken. A mir kënne se all Kéiers adaptéieren. Dir wësst horgenau, datt, wat d'Grondsteier ubelaangt, d'Valeur immobilière an de Parc immobilier zu Lëtzebuerg grondsätzlech geännert hunn an datt do natierlech eng Differenz ass tëschent deene verschiddene Géigenden am Land.

Dofir muss ganz einfach een neien, ee méi gerechte Besteierungsmodus an der Grondsteier kommen. An dee solle mer alleguerten zesummen upaken. An da wäerten och déi Viraarbechte weidergoen. Mä et ass natierlech, bei enger Grondsteier muss een och sech selwer datselwecht…, fir mech perséinlech muss een eng gewësse Quantitéit Leit do drop setzen, déi wärend engem Joer weider näischt méi maache wéi dat doten. An da wäerte mer déiselwecht Diskussiounen, déi mer elo hei maache mat de Gemengefinanzen, bei der Grondsteier nach eng Kéier kréien. Mä fir eis ass et eng Differenz par rapport zu der CSV, datt mir net eng zousätzlech Besteierung vun de Leit wëllen heiranner, mä datt mer dat afléisse loossen an eng global Besteierung am Kader vun enger Steierreform.

Datselwecht gëllt...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, wann Dir domat d'accord sidd, huet den Här Roth d'Wuert.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Däerf ech da just de Parteipresident vun der LSAP froen, wéi en dann d'Wierder fënnt, déi den Här Fayot als deemolege Budgetsrapporteur gesot huet, näämlech dass hie fonnt huet, dass dës Steier, et war d'Grondsteier gemengt, lächerlech niddreg wier? Deelt Der dat oder net?

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Momentan ass d'Grondsteier niddreg, lächerlech niddreg. Dat wësse mer alleguerten. Den Ënnerscheed ass awer, datt mir net eng zousätzlech Besteierung vun de Leit wëllen. Dat heescht, mir wëlle se am Kader…

(Interruption)

Neen, mir wëlle se am Kader… Neen, Dir musst… Och dat muss een diskutéieren. Dir musst et kënnen am Kader vun enger Steierreform oder vun der steierlecher Struktur vun engem Land - dat muss jo kënne sinn - diskutéieren.

An do muss ech lech soen: Är Rapproche bei der Kilometerpauschal bedeit eng zousätzlech Besteierung vun de Leit. Bon, et ass eng aner Aart a Weis. Mir denken, datt mer dat net solle maachen an et do afléisse loossen. An dofir si wichteg déi Viraarbechten, déi momentan amgaange si mat deem Steiergrupp iwwert den Impôt foncier, fir dat ebe kënnen ze evaluéieren an ebe méi ee gerechte Besteierungsmodus ze maachen. Dat schéngt mir awer evident an deem doten Dossier ze sinn.

Gutt! Also mir als LSAP wäerten déi heite Gemengefinanzereform matdroen an och ënnerschreiwen. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Haagen. Keng weider Wuertmeldungen?

Dann huet d'Wuert den Här Innenminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President. Dat, wat ech haut héieren hunn, huet mech engersäits mat Freed erfëllt, well ech awer festgestallt hunn, dass queesch duerch d'Fraktiounen d'Asiicht, dass mer mussen eng Gemengefinanzreform maachen, iwwerparteilech do ass.

Op där anerer Säit sinn ech natierlech e bëssen enttäuscht, dass déi gréisst Oppositiounspartei dëse Projet net wäert matstëmmen, och wann ech e gewëssent Verständnis fir d'CSV, fir hir Haltung kann entwéckelen. Wann ee wärend 34 Joer onënnerbrach un den Hiewelen,…

(Brouhaha)

…un den Hiewele vun den entscheedende Ministërë sëtzt, sief dat am Finanzministère, sief dat am Innenministère, a vum Premier hunn ech iwwerhaapt elo nach net geschwat, dann ass et natierlech schwéier, engem Projet zouzestëmmen, dee Schluss mécht mat deenen Diskrepanzen, déi mer hu bei der Verdeelung vun de Gemengefinanzen.

An, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, dass esou laang näischt geschitt ass, dass zougelooss ginn ass, dass déi Ongerechtegkeete sech an deem Mooss entwéckelt hunn, dat huet schonn e bëssen eppes ze di mat „non-assistance à commune en danger".

(Brouhaha et hilarité)

Mme Octavie Modert *(CSV)*.- Wat elo kënnt, oder wéi?

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- A wann een…

(Brouhaha)

Ech weess, dass Der dat net gären héiert, an ech verstinn dat och.

(Interruption)

Il n'y a que la vérité qui blesse!

A wann dann anerer eppes ausgeschafft hunn, wou ee Remedur schaaft, dann ass et natierlech, dass et engem schwéierfält, fir dat einfach esou ze akzeptéieren.

Bei der CSV, Här President, schéngen der e puer do ze sinn, déi ganz héich erauswëllen, mä wann et drëms geet, fir iwwer hire Schiet ze sprangen an déi Noléissegkeeten, déi se an der Vergaangenheet gemaach hunn, zouzeginn, dann hu se grouss Problemer. Haut stelle mer op jidde Fall fest, egal wéi mer eis dréien a kéieren, dass jorelaang näischt gemaach ginn ass.

Zwee vun deenen Innenministeren, vun deenen ech geschwat hunn, sëtzen haut an dëser Chamber. Een huet d'Décence, sech an dëser Diskussioun zréckzehalen, deen anere setzt op déi bewäerten Taktik „Angriff ist die beste Verteidigung" a probéiert dann och nach, Lektiounen ze ginn.

(Brouhaha général)

Dont acte! Et ass awer säi Recht, esou wéi vu jiddwerengem aneren heibannen, fir op déi Froen, déi en opwerft, och Äntwerten ze kréien. Dofir wäert ech dat dann och probéieren, och wann ech, Här Wolter, déi Félicitatiounen, déi Der u mech geriicht hutt, ganz eescht huelen, dass Der sot, dass ech et fäerdegbruecht hätt, fir d'Regierung dozou ze bewegen, fir méi an d'Dëppen ze leeën. Effektiv, dat war net einfach, mä et war awer noutwendeg, fir dass mer iwwerhaapt kënnen iwwer Gemengefinanzen diskutéieren.

Ech huelen lech awer net ganz of, dass Dir et net fäerdegbruecht hätt bei deene viregte Regierungen, fir dat ze realiséieren, dass dat d'Schold vun de Kolleege vun der DP oder vun der LSAP wär. Ech mengen, dass Dir do selwer och en Deel zumindest vun der Schold matdrot.

Ech hunn eng Fro gestallt kritt: Firwat hu mer ee Joer geholl, 2015? An den Här Wolter huet mech entweder falsch verstanen oder falsch zitéiert. Ech hunn an der Kommissioun d'Äntwert ginn, wann ech d'Joer 2013, 2014 an 2015 geholl hätt, dann hätt dat de Finanzminister gefreet, well da wären näämlech Rechnungen erauskomm par rapport zum Joer 2015, déi au détriment vun de Gemenge gewiescht wären an zum Virdeel vum Statsbudget.

Dat ass also de Grond, firwat dass mer eenzeg an eleng d'Joer 2015 geholl hunn, och wann, an dat ginn ech ganz gären zou, dat anert vläicht méi Prezisioune bruecht hätt.

Une voix.- Dat ass jo net richteg!

(Interruption)

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- 31 Verléierergemengen, hutt Der gesot. Jo, an deem Modell, deen ech ausgerechent hunn op d'Joer 2015, ware 74 sougenannt Gewënnergemengen dobäi an 31 Gemengen, déi géife stagnéieren.

Ech wëll awer derbäisoen, dass schonn d'Joer 2017 déi Zuel vun de sougenannte Verléierer, wéi Dir et nennt, oder vun de Gemengen, déi stagnéieren, wéi ech et nennen, dass déi schonn nëmme méi wäert bei 18 leien. Dat sinn op jidde Fall déi Zuelen, déi mer opgrond vun de Gemengebudgeten, wéi se elo wäerten ausgesinn, elo scho kënnen ausweisen.

Et geet also wesentlech méi séier, dass d'Gemengen dat kompenséieren, wat se soi-disant verléieren, wéi dat, wat mer konnten op de Chiffere vun 2015 feststellen, an et bestätegt dat, wat mer och als Regierung ëmmer gesot hunn.

E weidere Punkt. Här Wolter, Dir hutt Merci gesot am Numm vun der Gemeng Käerjeng, och am Numm vun der Gemeng Suessem. Ech mengen net, dass déi onbedéngt lech als Affekot brauchen. Ech ginn dovun aus, dass dee Merci, deen Der da gesot hutt, dass dat ass fir 1,98 Milliounen Euro d'Joer méi fir d'Gemeng Käerjeng oder 8,8%, oder 4 Milliounen da fir d'Gemeng Suessem oder 13% all Joers méi par rapport zu deem ale Finanzéierungsmodell, fir deen Dir jo och Verantwortung gedroen hutt.

An dann, Här Wolter: Den Här Hahn hat et awer gesot. Natierlech kann een all eenzelne Kritär hei diskutéieren, ouni dat Ganzt ze gesinn, ouni d'Resultat ze gesinn, all eenzelne Kritär zerplécken an da seng eenzel Faziter zéien, déi dann natierlech total aus dem Kontext gerappt an och falsch sinn.

Wann Der sot, mir géife Gemenge mat eisem Modell penaliséieren, wa se wirtschaftlech Aktivitéite maachen oder wa se Aarbechtsplaze kreéieren, da leit Der natierlech falsch, well Der ënnerschlot, dass mer och e Kritär erabréngen, näämlech dee vun den Aarbechtsplazen, dee virdrun net dra war, deen déi wirtschaftlech Aktivitéiten an och d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ausdrécklech belount.

Ech wëll dann op eppes nach agoen, wat och vun anere Kolleegen ugeschwat ginn ass: déi ganz Diskussioun vun der Caisse de prévoyance. Am Moment ass et richteg, opgrond vum Gesetz vum 25.3.2015, dass 20,30% vun de Gemenge bezuelt ginn a 14,7% vum Stat, fir also d'Pensiounskeess vun de Gemengebeamten ze fidderen. A bei deem Status quo wäert et an Zukunft och bleiwen. 20,30% wäerte vun de Gemenge bezuelt ginn, a 14,7% ginn iwwert de Statsbudget bezuelt. Duerfir ass och en Artikel am Statsbudget virgesinn. Fir d'Éischt 14,7%, an dat ass richteg, geet de Stat sech allerdéngs bei d'Gemengen erëmsichen am Kader vun där Ëmverdeelung, déi mer gemaach hunn. Engersäits iwwerhëlt de Stat d'Käschte vun de Schoulmeeschteren, 150 Millioune ronn, an hëlt sech da 50 Milliounen dovun erëm iwwert d'Pensiounskeess vun de Gemengefonctionnairen.

Dir hutt eppes gesot, wat mech alarméiert huet: Mir géife mat engem Prinzip briechen, wou deen, dee Patron ass, och misst fir Pensiounsrechter opkommen. De Contraire ass de Fall! Wa mer Ar Propositioun géifen iwwerhuelen, dass d'Gemengen déi 35% eleng misste bezuelen, da géife mer mat engem Prinzip vun eisem Solidarwiesen a vun dem Fiddere vun eise Pensiounskeese briechen, näämlech deem, dass et engersäits de Patron ass, deen en Deel bäileet, anersäits den Assuré selwer an als drëtte Partner de Stat. Den tripartielle System vun eisem Pensiounswiese géif mat Ärem Modell a Fro gestallt ginn. A mir wieren eis dergéint, fir an deem Beräich hei e Präzedenzfall ze schafen, an dat ass och ee vun de Grënn, firwat dass mer deen heite Modell virgeluecht hunn.

(Interruptions)

Ech ginn dovun aus,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Kersch, den Här Roth freet sech d'Wuert. Wann Dir d'accord sidd, huet den Här Roth d'Wuert.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech sinn ëmmer d'accord, wann ech anstänneg Froe gestallt kréien.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här Minister, ech mengen, dat hei hunn awer elo déi mannste verstanen, Äert Räsonnement. Dir sot: „De Stat bezilt se, mä geet se bei d'Gemengen als Gesamtenveloppe sichen." Sidd Der net der Meenung, wann de Stat se vun der Gesamtenveloppe vun de Gemengen ofzitt, dass en fin de compte d'Gemengen awer dat Ganzt bezuelen?

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här Roth, ech sinn der Meenung, dass, wa mer net e Wee fonnt hätten, fir 90 Millioune méi an de System eranzebréngen, da géife mer haut net hei stoen an da géife mer net iwwer eng Gemengefinanzreform schwätzen. A well mer…

(Exclamations)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat war eng gutt Äntwert op meng Fro! Dat war awer eng gutt Äntwert!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat war awer eng gutt Äntwert!

(Exclamations)

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Reegt lech nach e bëssen op, da kann ech nach eng Schlupp drénken!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da wär d'Gejäiz awer komplett.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech ginn der eppes an ech huelen et hannenerëm erëm ewech.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech ginn der 150 Milliounen an ech huelen der 50 Milliounen erëm ewech, fir herno, wa mer nach eng kleng Ëmverdeelung maachen, iwwert de Montant forfaitaire bei 90 Milliounen ze landen. Sou ass et richteg, Här Gibéryen! Merci fir Är Hëllef!

Wann Der dann erlaabt, géif ech weiderfueren. Här President, wéi gesot, ech bedaueren et, dass d'CSV sech eréischt esou spéit un der Diskussioun bedeelegt huet.

(Interruptions diverses)

Ech probéieren, et e bësse méi kuerz ze maachen, well soss gi meng Kolleegen hei ze vill nervös.

(Interruptions)

An dräi Joer - dat hunn ech festgestallt -, nodeems dass Der, wéi ech virdru scho gesot hunn, 34 Joer an der Regierung näischt gemaach hutt, hutt Der och déi dräi Joer an der Oppositioun net genotzt, fir e konstruktive Projet eranzebréngen. Dir hutt och keng Proposition de loi ausgeschafft, wat Der hätt kënne maachen. D'Donnéeën hat Der jo zumindest nach aus der Erfahrung aus Ärer Regierungstätegkeet. Dir hätt och kënnen an der Kommissioun en Alternativvirschlag maachen, en Amendement virbréngen. Ech hunn näischt gesinn!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech muss souguer derbäisoen, dass mer zwou Kommissiounssitzungen ugesat haten, fir déi ganz Reform hei ze diskutéieren. Déi zweet Sitzung huet emol net stattfonnt, manque de sujet. Dat war also de Bäitrag...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, just eng Prezisioun vum Här Roth. An ech géif lech bieden, lech un d'Chamber ze riichten, da gëtt den Dialog e bëssen aneschters.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech maache mäi Bescht. Okay!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, generell waren déi Diskussioune jo an där Kommissioun ënnert der Présidence vum Här Claude Haagen ganz konstruktiv. Ech muss awer soen, och op speziell Nofro elo beim President vum Syvicol, hutt Dir eigentlech ni dem Syvicol als Daachverband vun de Vertrieder vun de Gemengen ni d'Rechemaschinn zur Verfügung gestallt, fir dass si hätte kënnen Alternativmodeller mat ausschaffen.

Wier et dann hei net néideg gewiescht, dass Der, ier Der an d'Kommissioun komm wiert, wou Der einfach Är Chifferen dohinnergeluecht hätt, gesot hätt: „Ma mir kucken dat do iwwerparteilech zesummen, bréngt Dir Är Propositiounen eran, bréngt eis eran!", an dann hätte mer do e Konsens fonnt? An ech mengen, den Här Wolter huet dat virdru gesot, dass mer guer net wäit ewech vun engem generelle Konsens gewiescht wieren. Well, wann Der kuckt, dass eis Propositioun op dräi Haaptkritäre vun där vum Regierungsmodell déiselwecht ass,…

(Interruption)

Et geet ëm den Ausglach vun de flächenintensive Gemengen, wou e Clivage am Land ass. Ob Dir dat elo wëllt richteg gesinn oder net, dat ass Är Appréciatioun. A wa mer eis un en Dësch gesat hätten, sinn ech och iwwerzeegt, dass mer am Konsens e Modell fonnt hätten, deen haut hätt kënnen eng Unanimitéit an der Chamber hunn, an dass mer net hätte missen Amendemente presentéieren op Basis vun Donnéeën, déi Der eis herno ausgerechent hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Gutt, da probéieren ech, esou gutt wéi méiglech anzegoen op déi Geschicht mat der Rechemaschinn, déi faméis Rechemaschinn.

Wat huet den Intérieur gemaach, éier mer déi Gemengefinanzreform ugaange sinn? Mir hunn e Mathematiker agestallt. Ech mengen, dat ass eist gutt Recht gewiescht, well mer eis dovunner erwaart hunn, dass mer eng ganz Rei vu Berechnunge kënne maachen, déi virdru sträflecherweis ni gemaach gi sinn. Déi faméis Rechemaschinn, vun där Der schwätzt, gëtt et net!

Wat et awer ginn ass, wann Der de Syvicol uschwätzt, ass eng Etüd, déi de Syvicol maache gelooss huet bei eenzelne Gemengen - ech mengen, bei 94 Gemenge vun deenen 105 -, iwwert déi mer och geschwat hunn zesummen. A wéi ech als Minister de Syvicol gefrot hunn, fir déi Etüd ze kréien, a souguer bereet war, d'Halschent vun de Käschten ze droen, do huet de President mer geäntwert, dat wär net méiglech, well et keng Eenegkeet géif gi beim Syvicol, fir sech doriwwer kloer auszeschwätzen an eng Eenegkeet ze fannen an der Interpretatioun vun hirer eegener Etüd.

Dat ass also d'Geschicht vun der Rechemaschinn! An et ass vläicht eng Kéier un der Zäit, dass een dat och op dëser Tribün eng Kéier muss soen.

M. Emile Eicher *(CSV).*- Dat ass esou vum Syvicol ni gesot ginn.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Doriwwer eraus, Här Roth, hunn ech alleguerten d'Berechnungsmodeller, déi ech gefrot gi sinn, an der Kommissioun lech ausgerechent. Dat wësst Der och, an ech mengen, dat ass och esou, wéi et sollt gemaach ginn. Ech wollt awer nach vläicht...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kuerz, Här Minister,...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Meng Zäit...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...de President vum Syvicol huet sech d'Wuert gefrot.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo.

M. Emile Eicher *(CSV).*- Här President, ech sëtzen elo hei als Deputéierten, net als Syvicol-President. Ech wëll awer op déi dote Fro äntwerten. Ech mengen, et ass kloer, datt mer 2013 eng Etüd gemaach hunn, wou éischtens d'Gemengen net all derbäi waren, wou mer hu misse bei jiddwer Gemeng den Accord froen.

2013 war e Joer, wou mer schlussendlech festgestallt hunn, datt mer extrem Problemer fonnt hunn an de Buchunge vun de Gemengen, well deemools näämlech dee Kontabelsplang, dee vun dem Virgänger agefouert ginn ass, eigentlech eréischt 2013, 2014 wierklech emol zum Gräife koum a mir extrem vill Problemer bei der Interpretatioun haten.

Ausserdeem hu mer och festgestallt, dass de ganz einfach, wann s de grouss Gemengen, kleng Gemengen, Landgemengen an Netlandgemenge matenee vergläichs, dann och nach grouss Problemer hues, näämlech: Déi, déi näischt haten - et gouf jo och gesot, grouss Gemengen, déi hätten net esou vill gehat -, konnten och net vill ausginn. Dat heescht, dee Moment konnts de och net vergläichen, wat am Fong déi richteg Besoine wären, well s de se net konnts erfaassen. An dofir huet et och kee Sënn gemaach, fir weider dorobber ze diskutéieren.

Ausserdeem war déi Etüd och net esou fuerchtbar deier, wéi se an d'Fënster gestallt ginn ass. Si huet 30.000 Euro kascht. Da wëssen d'Leit dat och elo alleguer hei.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dir bestätegt awer, dass ech nogefrot hunn, fir déi Etüd ze kréien, an dass Der gesot hutt, Dir kéint dat net maachen, well Der lech net eeneg wäert an der Analys vun där ganzer Etüd. Et ass dat, wat ech gesot hunn. Dont acte! Ech mengen, et ass net dat, wat derfir entscheedend ass, ob mer elo dës Gemengefinanzreform weiderdreiwen oder net.

Ech wollt vläicht awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir trotzdeem och dem Rapporteur Merci ze soen. En huet eng ganz Rei vu Chiffere genannt, déi ech dann elo net brauch ze widderhuelen.

Ech wëll just soen, dass mer, opgrond vun deenen Diskrepanzen, déi mer festgestallt hunn, einfach hu misse reagéieren. An d'Regierung huet reagéiert an ech sinn och houfreg, dass mer et gemaach hunn.

Mir hu virun allem mat engem Dogma gebrach, an dat ass deen, dee virdrun och vun der CSV selwer gesot ginn ass, dass muss „à guichet fermé" geschafft ginn. Effektiv, wa mer dat weidergefouert hätten, an do si mer eis eens, da wäre mer net zu engem Resultat komm an dat wär zum Nodeel vun de Gemenge gewiescht. Ëmsou méi gutt, dass dës Regierung et da fäerdegbruecht huet, dat Dogma ze briechen an dann aneschters un d'Fro erunzegoen, wéi dat virdrun de Fall war.

Och wann ech muss feststellen, dass eenzel Leit an der CSV - et pas les moindres quand même! -, an et ass virdrun och schonn ugeschwat ginn: Den Här Wiseler huet gesot, hie wär der Meenung, dass een net onbedéngt hätt missen eng Gemengefinanzreform maachen, déi de Statsbudget 100 Millioune kascht. Ech sinn der Meenung, dass, wa mer eis et dat net kaschte gelooss hätten, da wäre mer kee Schratt weiderkomm.

An och der CSV hire Virschlag, dee se gëschter gemaach hat, géif de Gemengen net méi Sue bréngen, mä géif de Gemengen drastesch manner Sue bréngen, géif de Stat op där anerer Säit och nach eng Rei Sue kaschten a géif virun allem och de Bierger immens belaaschten.

Wéi gesot, ouni eng Erhéijung, bei gläichbleiwende Kreditter, wär et net méiglech gewiescht, dës Reform ze maachen. Dofir si mer och esou virgaangen, wéi mer et gemaach hunn. An et freet mech, dass och d'CSV dat unerkennt.

Ech wollt trotzdeem nach eng Kéier zwou Zuelen zitéieren, fir einfach ze weisen, wou mer stoungen. Beefort ass déi Gemeng, déi am mannsten hat, huet 1.839 Euro op de Kapp kritt, a Wäisswampech, déi, déi am zweetmeeschten am Land hat - d'Stad Lëtzebuerg loossen ech ëmmer ewech, well dat dat Ganzt géif verfälschen -, louch bei 3.272. Dat ass en Ënnerscheed gewiescht vu 77,9%!

Déi Reform hei, an den Här Haagen huet dat virdru gesot, déi bréngt net alles. Déi absolutt Gerechtegkeet, déi wäerte mer net erreechen, mä zumindest wäert et esou sinn, dass déi Gemeng, déi am mannsten huet, par rapport zu där, déi am meeschten huet, elo net méi bei 77,9% Ënnerscheed läit, mä just nach bei 34,7%, wat also méi wéi eng Halbéierung ass vun deem Ganzen.

An dann ass et och keng Reform, déi géint iergendeng Gemeng oder géint iergendeng Regioun ausgeriicht ass. Fréier hate mer am Norden 2.476 Euro op de Kapp, am Osten 2.389 Euro op de Kapp, am Zentrum 2.378 Euro op de Kapp - den Zentrum ëmmer ouni d'Stad Lëtzebuerg, dat sollt een derbäisoen -, an de Süde mat 2.289 Euro op de Kapp. En Ënnerscheed also vun enger Regioun op déi aner - déi, déi am meeschten hu par rapport zu deenen, déi am mannsten hunn - vun 8,16%.

An Zukunft wäert et sinn: Den Norden nach ëmmer am meeschte mat 2.570 Euro, dann den Oste mat 2.540 Euro, ex æquo mat dem Zentrum an dem Süden, deen dann och nach ëmmer als Leschte kënnt, mat 2.516 Euro op de Kapp. Den Ënnerscheed gëtt wesentlech méi kleng. E geet erof vun 8,16% op 2,14%.

Dat heescht also, dass mer an Zukunft an den Norden, ouni d'Kompensatiounen, 8,04 Millioune méi wäerten investéieren, an den Osten 10,2 Millioune méi wäerten investéieren, an den Zentrum 15 Millioune méi investéieren an an de Süde 47,4 Millioune méi wäerten investéieren.

D'Zuele weisen, et bleiwen Ënnerscheeder. D'Ënnerscheeder rechtfertege sech jo och zum Deel, mä d'Ënnerscheeder gi wesentlech méi kleng. Dat war ee vun den entscheedenden Ziler vun der Reform. An dat Zil hu mer erreecht.

Mir bréngen d'Suen dohinner, wou d'Leit sinn. Och dat war dat, wat mer wollten erreechen. Mir bréngen fir d'Éischt landesplaneresch Kritäre mat eran. Mir bréngen fir d'Éischt sozial Kritäre mat eran an de Verdeelungsschlëssel. Och dat war eent vun den Ziler, wat mer wollten erreechen.

D'Planungssécherheet gëtt méi grouss, well d'Volatilitéit vis-à-vis vun der Gewerbesteier wäert erofgoen. Ech ginn elo net op d'Zuelen an. Ech mengen, dat erspueren ech lech, dat kennt Der alles. Et ass also en ausgewogene Virschlag, dee laang diskutéiert ginn ass mat alle Partner, déi concernéiert waren, souwuel mam Syvicol wéi och mat eisem Conseil supérieur des finances communales. D'Berechnunge sinn och an der Kommissioun gemaach ginn. Dat, wat d'Fraktioune gefrot hunn, hu se ausgerechent kritt. An dofir mengen ech och, dass d'Diskussioun elo muss ophalen, dass mer endlech mussen zu konkrete Schrëtt kommen am Intérêt vun eise Gemengen.

Vläicht nach, well dat och e ganz wichtegen Diskussiounspunkt awer war, den Alternativvirschlag, deen d'CSV an der Kommissioun gefrot hat, an dee meng Servicer ausgerechent hunn, huet konkret Ergebnisser erginn. An ech soe se eng Kéier, dass och jiddweree se hei weess. Dat hätt dozou gefouert, an den Här Hahn hat gesot, dass d'Stad Lëtzebuerg Nettoverléierer gi wier, 0,6% manner insgesamt kritt hätt wéi dat, wat se haut kritt. Esch hätt par rapport zum Regierungsvirschlag 3,3 Millioune verluer, Déifferdeng 2,05, Diddeleng...

(Interruption par M. Michel Wolter)

Lauschtert no, Här Wolter, par rapport zum Regierungs...

(Interruption par M. Michel Wolter)

Probéiert net erëm, de Message ze verwässeren! Ech mengen, et ass elo relativ kloer, wat ech gesot hunn. Par rapport zum Regierungsvirschlag géif d'Stad Lëtzebuerg 0,6% vun hirem Gesamtavoir verléieren, wann den CSV-Virschlag sech géif ëmsetzen. Esch géif 3,3 Millioune verléiere par rapport zum Regierungsvirschlag, Déifferdeng 2,05, Diddeleng 0,8, Péiteng 1,4, Suessem 1,07 et cetera, et cetera. Ech kéint esou weiderfueren, wann Der dat gären hätt.

(Brouhaha)

Ech wëll lech awer och nach soen, well och déi Gemengen hei namentlech opgefouert gi sinn, déi soi-disant Verléierergemengen, vun deenen ech soen: Et si Gemengen, déi stagnéieren.

Biekerech kritt an Zukunft, ouni Kompensatioun, 2.636 Euro op de Kapp, 100 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Bauschelt 93 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Buerschent 94 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Ell 63 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Esch-Sauer, déi ass jo och hei genannt ginn, 95 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Groussbus 95 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, d'Stauséigemeng 93 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Pëtschent 94 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Sëll 95 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Tandel 95 Euro méi wéi d'Landesmoyenne,...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Useldeng 16 Euro méi wéi d'Landesmoyenne.

(Brouhaha)

An da kënnt eng Gemeng,...

(Interruptions diverses)

Da kënnt eng Gemeng, fir lech ze berouegen, déi kritt effektiv manner wéi d'Landesmoyenne, dat ass Viichten, 82 Euro manner wéi d'Landesmoyenne. An da kommen awer nach Wahl, 95 Euro méi wéi d'Landesmoyenne - dat ass eng vun deenen ënner 1.000, fir dat dann nach ze soen -, Wäisswampech 94 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Wëntger 93 Euro méi wéi d'Landesmoyenne, Wanseler 93 Euro méi wéi d'Landesmoyenne a Kiischpelt - an dann hu mer se allen 18 - 93 Euro méi wéi d'Landesmoyenne.

Ech mengen, dass et wichteg war, déi Zuelen nach eng Kéier hei ze nennen, fir dass mer och Kloerheet an deen Dossier do erabréngen.

An ech soen et nach eng Kéier: Dat, wat ech elo hei gesot hunn, wat déi Gemenge weider kréie wéi d'Landesmoyenne, dat ass ouni déi Kompensatiounen, vun deene mer déi ganzen Zäit geschwat hunn, wou se also nach wesentlech méi héich wäerte leie wéi dat, wat ech elo genannt hunn.

De Virschlag vun der CSV, vun deem ech virdru geschwat hat, hätt och dozou gefouert, an den Här Hahn hat et schonn ugedeit, dass souguer déi Gemengen, déi am meeschten hunn - an do huele mer der erëm zwou vun deene sougenannte Verléierergemengen, op jidde Fall zwou vun deenen, déi am haartste gejaut hunn -, Wäisswampech, déi op der zweeter Plaz steet mat 3.272 Euro, wär duerch Äre Virschlag souguer nach gestiigen op 3.348 Euro. A Wëntger wär vun 3.130 Euro, wou se op véierter Plaz am Land sinn - et weess kee firwat, mä et ass awer esou -, déi wären och nach geklomme vun 3.130 Euro op 3.207 Euro.

(Brouhaha)

Dir Dammen an Dir Hären, d'Zuele léien net, sinn nozekucken. Jiddweree kritt déi zur Verfü-

gung, kee Problem, dat wësst Der och. Do ass mat aller Transparenz geschafft ginn.

Dann huet d'CSV wuel selwer gemierkt, dass se mat hirem éischte Virschlag, dee se do an der Kommissioun gemaach huet, an deen ech fir si ausgerechent hu mat eiser soi-disant Rechemaschinn, dass se domadder net wäit géife kommen, well deen d'Strooss net géif halen. An dunn hu se eng weider Pressekonferenz ofgehalen, een Dag - dat muss ee sech emol virstellen! -, een Dag, éier mer hei an der Chamber sollten iwwert dëse Projet diskutéieren.

(Brouhaha)

De Schoss ass lassgaangen an en ass no hanne lassgaangen, well...

(Interruptions diverses)

Sidd dach...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Firwat sidd Der dann esou ongedëlleg?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Här Minister, loosst Iech net stéieren, fuert weider an Ärem Räsonnement!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech huele mer nach e Patt, da geet et scho vill besser.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Loosst Iech net provozéieren!

(Brouhaha)

Une voix.- Ma well Dir en andauernd ënnerbrach hutt!

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech kann dat heiten och si loossen, wann Der net wëllt wëssen, wat Ären eegene Projet ausmécht.

Plusieurs voix.- Dach!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Déi éischt Feststellung zum sougenannten Alternativmodell vun der CSV, dee jo d'Steierbelaaschtung insgesamt wëllt ënner 20% bréngen, wann ech dat richteg verstanen hunn. Dat ass 2017 weder technesch nach mathematesch méiglech!

Eng Reform vun der Grondsteier, déi d'Gesamtbelaaschtung, d'Betribsbelaaschtung soll ënner 20% fale loossen, dat geet 2017 technesch a mathematesch net op. Ech erklären Iech och, firwat.

D'Steierbelaaschtung 2017, d'IRC, d'Kierperschaftssteier ass bei 19% ugesat. 1,33% kommen derbäi duerch de Fonds pour l'emploi. Op d'mannst 6,75% ICC kënnt derbäi. Do lande mer also bei enger Steierlaascht fir déi Betriber, déi ICC musse bezuelen, vu 27,08%. Wann ee vun deene 27,08% déi 6,75% Steier, ICC, ofzéit, da bleift ee bei 20,33% hänken. Et kënnt een also net duerch eng Reform vun der Gewerbesteier op ënner 20%. Mä dat ass awer nëmmen eng technesch Geschicht.

Jiddefalls, wa mer dat géife maachen, eng Reform vum ICC, fir ënner 20% ze kommen, géif dat heeschen, mir missten den ICC tel quel ofschafen. Anescht ass et net machbar, fir ënner 20% ze kommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, den Här Roth huet d'Wuert gefrot. An ech hunn den Ënnerbriechunge largement Rechnung gedroen. Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Gutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Roth huet d'Wuert an ech considéréieren dat dann och nach bei der Zäit.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Also d'CSV huet net behaapt, dass fir 2017 elo misst den ICC aneschters gestreckt ginn, d'Gewerbesteier. Mir hu just drop opmierksam gemaach, dass, wann am Sënn vun enger internationaler Kompetitivitéitsfro den affichéierten Taux, deen och d'Betriber belaascht, fält, dass, wann een d'Besteierungsbasis verbreedert, dass een da muss d'Tauxen erofsetzen. Well wann ee se op deeselwechten Niveau setzt, dann ass herno d'Belaaschtung méi grouss.

An aus deem Grond hu mer proposéiert, dass een zousätzlech zu der Kierperschaftssteier e sougenannten Impôt communal complémentaire ausweist, deen tëschent 4% a 5% ass an dee sech op d'Kierperschaftssteier dropsetzt. An dat géif den Ausgläich ginn zu enger mëttelfristeger Ëmschichtung vun der Gewerbesteier.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dat hutt Der haut an der Chamber vläicht esou gesot. Mä dat hutt Der an Ärem schrëftlechen, an ech hunn et doleien, op jidde Fall net gesot. Do steet wuertwiertlech dran, dass Der duerch eng Reform vum ICC den insgesamten Taux d'affichage fir d'Dénge wëllt ënner 20% bréngen. Dat ass, wéi gesot, technesch net méiglech. 2018 geet et eventuell...

(Interruption)

2018 geet et eventuell, well mer do den Taux vun der Kierperschaftssteier op 18% erofsetzen. Op jidde Fall wäert et eng Perte bleiwen! An dowéinst ass et, wou ech wéilt, wa mer... Egal wéi mer eis dréien a kéieren, wa mer den Taux erofsetzen ënner 20%, wäert eng Perte bleiwe vu ronn 600 bis 700 Milliounen! An ech stellen der CSV, ouni op den Detail anzegoen, dann d'Fro, wou se déi wëlle siche goen.

An déi Saachen, déi se da soi-disant erfonnt hunn, fir d'Gemengen dann ze kompenséieren, gi largement net duer, fir dat och nëmmen hallefweegs auszegläichen, wat d'Gemengen iwwert deen dote Wee géife verléieren.

Dat gesot a well meng Zäit ofgelaf ass, géif ech Iech Merci soen an der Hoffnung, dass mer dann awer alleguerten dëse schéine Projet wäerte stëmmen. Merci.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Wolter freet Parole après ministre.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo, Parole après ministre. Här President, ech kommen no den Ausféierunge vum Här Minister net derlaanscht, fir Parole après ministre ze froen, well awer eng Rei Saachen net kënnen esou stoe bleiwen, wéi en dat hei gesot huet.

Zum Éischte sinn ech absolutt net mat him d'accord, wann hien der Meenung ass, dass d'Diskrepanz an der Ëmverdeelung vun de Gemengefinanzen elo géif eliminéiert ginn. Et gi vläicht verschidden Diskrepanzen eliminéiert, et ginn aner Diskrepanze geschaf mat deem Modell, deen en elo hei proposéiert. A wann e seet, et géif Remedur geschaf ginn: Do fannen ech och net ganz vill Remedur dran!

En iert sech fundamental - entweder versteet en et net oder e wëll et net verstoen - an der Propositioun vun der CSV, wat d'Reorganisatioun vun der Steierlandschaft ubelaangt. A wann hie seet, mir wären der Meenung, dass duerch déi Propositioun, oder hie wär der Meenung oder hie géif dat esou gesinn, dass duerch déi Propositioun, déi mir géife maachen, de Gemenge géife Sue virenthale ginn, dann huet en, muss ech ganz éierlech soen, eis Propositiounen entweder net gelies oder en huet se strictement net verstanen. Well mir verdeelen exakt deeselwechte Montant wéi deen, deen elo proposéiert gëtt. Mir verdeelen e just anescht. Mir verdeelen en anescht a mir verdeelen en an eisen Ae wesentlech méi gerecht wéi Dir et maacht.

An Dir, Här Minister, wéi iwwregens och den Här Haagen, sidd op eng Rei vu Saache net agaangen, déi fundamental eigentlech den Agenda vun haut sinn.

Ech hu verstanen, dass Der net d'accord sidd mat deem Pourcentage vun der Surface verte, dee mir wëllen hu vun 8%, dee mir erofsetze vu 15% op 8%.

Mä Är Argumentatioun zu de Cotisatiounen, also déi muss ee mer erklären! Dem Minister seng Argumentatioun, fir ze soen: Mir hunn dräi Standbeen: de Cotisé, de Patron an de Stat, an déi dräi, déi musse bleiwen. Par rapport zu deem, wat Der elo maacht: De facto schaaft Der d'Participatioun vum Stat of!

Dat Eenzegt, wat mir soen, dat ass: Wann Der de Mechanismus ännert, dann ännert en esou, dass jiddwer Gemeng fir hir Leit cotiséiert. Wann Der schonn der Meenung sidd, dass de Stat dat do net méi soll bezuelen, an als Erklärung gitt Der dann: Mir hu missen op 90 Milliioune kommen. Ech muss soen, ech si paff! Mir hu missen op 90 Millioune kommen, dofir maache mir dat elo esou, dofir gi mir dat siche bei d'Gemengen!

An de facto maacht Der soss näischt, wéi dass en fin de compte d'Gemengen an Zukunft 35% Cotisatioun bezuele vun hire Beamten. Just dass net all Gemeng 35% Cotisatioun bezilt fir hir Beamten, mä dass verschidde Gemengen d'Cotisatioune vu gewëssen anere Beamten an anere Gemengen däerfe matbezuelen.

A wann ech dee Räsonnement einfach weiderspannen: Ma da kommt, mir maachen eng Mutualisatioun vun de Gehälter!

(Hilarité)

Kommt, mer huelen en Dëppen an dann huele mer alleguerten d'Leit, déi am Gemengesecteur schaffen, an da soe mer: Elo geheie mer dat an en Dëppen an da réiere mer eng Kéier dodran an da verdeele mer dat! Dat ass exakt dat, wat Dir hei maacht!

An ech hu keng Äntwert, ech hu keng pertinent Äntwert drop kritt. Ech hu keng pertinent Äntwert, ausser déi: Mir mussen op 90 Milliioune kommen. An ech fannen, dass dat eng Explikatioun ass, déi relativ reng awer ass, fir dat emol esou ze soen.

(Hilarité)

Da seet den Här Minister: Als Buergermeeschter vun der Gemeng soll ech him nach Merci soen, dass e mer 1,98 Millioune gëtt. Ma, Här Minister, ech soen Iech net Merci fir all déi Milliounen, déi Honnertdausenden, déi Dir mer hei klaut als Gemeng Käerjeng! Well wann ech déi 1,98 Milliounen huelen, wat zimlech exakt de Pourcentage ass, deen d'Bevëlkerung vu menger Gemeng ausmécht par rapport zur Verdeelung vun deenen 90 Milliounen, déi verdeelt ginn, sidd Der mer nach ëmmer eng Äntwert schëlleg! An den Här Haagen iwwregens och!

(Interruption)

Den Här Haagen och. Well Dir sidd jo heihinnerkomm als President vun der LSAP,...

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Voilà!

M. Michel Wolter *(CSV).*- ...fir eng Rei vun deene Kritären, fir déi ze verteidegen. Wéi kënnt Der mir erklären, wéi kënnt Der der Chamber erklären, wéi kënnt Der dem Land erklären, dass Der e Kritär erfëllt, wou Der sot: „Ech hätt gären d'Densitéit vun der Bevëlkerung par rapport zum PAG", an an deemselwechte Kritär rechent Der d'Zones d'activités économiques als en Deel vun der Zone ædificandi? Wann Der mer dat, wann ee vun Iech mir dat haut den Owend kann erklären, wéi Der dorobber komm sidd!?

Da kënnt den Här Minister an da seet en: „Mir kompenséieren dat dann duerch Aarbechtsplazen." Här Minister, wësst Dir, wivill Leit op der Luxguard schaffen, fir 1,2 km² Surface? Wann an der Stad eng Bank opgeet, een Déngen opgeet, ee gréissere Building an iergendengem..., mä da ginn do innerhalb vu fënnef Minutte méi Leit eran - um Ban de Gasperich, do ass eng relativ grouss Fiduciaire -, do si 7-mol méi Leit eragaangen - an ee Gebai! - wéi an der ganzer Surface industrielle vun der Gemeng Käerjeng, déi ongefëier 3 km op 2,5 km laang ass! Well an deenen dote Betriber, déi mir gracieusement am Süde jo däerfen ophuelen, jo och nach ganz wéineg Leit schaffen! Et gëtt jo guer keng Relatioun tëschent der Surface, déi zur Verfügung gestallt gëtt, an der Unzuel vu Leit, déi do schaffen. Dat heescht, wann ech en fin de compte de Calcul maachen, huelt Der eis do nach eng Kéier...!

Dir huelt eis do nach eng Kéier..., well mer op deem dote Kritär an der Relatioun zu den Aarbechtsplazen, déi mer kéinte schafen, wa mer eng Zone d'activité Typ Stad wieren, oder ronderëm d'Stad, nëmlech eng, wou Banken, Assurancen an esou weider drakommen, an der Zone, wou mer sinn, par rapport zu den Aarbechtsplazen, déi mer soen, verléiere mer net nëmmen um Kritär vun deene 40%, mä mir verléieren op deem anere Kritär och nach eng Kéier.

Alleguerten déi Gemengen, déi nach Industriebetriber an hirer Gemeng dulden oder ophuelen oder frou sinn, dass et nach Industriebetriber zu Lëtzebuerg ginn, hunn dat do eigentlech net verdéngt. Et ass en technesche Feeler, deen Der maacht. Et ass en technesche Feeler, deen Der maacht an engem Kritär, deen Der einfach fundamental falsch applizéiert! An ech hoffen - ech hoffe wierklech! -, dass zumindest deen Amendement, Här President, vun de Kolleege vun der Majoritéit haut ugeholl gëtt, well deen ännert guer näischt um Projet de loi en tant que tel. En ännert just eppes un der Aart a Weis, wéi deen dote Kritär gemaach gëtt.

A wann ech mech an d'Logik ee Moment kéint versetzen, dass ech niewent dem Kritär vun der Densité 1 nach e Critère de densité 2 hunn, de grâce, dann awer nëmme par rapport zu der Surface, déi wierklech och ka fir de Wunnengsbau am Kader vun enger Gemeng gebraucht ginn! Oder hätt Der gären, dass d'Gemengen hir Industriezon elo a Zone verte ëmklasséiere mussen, fir dass se eigentlech an de Genoss vun deem Kritär kommen, ëm deen et geet? Et geet näämlech Iech ëm de Kritär. An dat ass net „Angriff", Här Minister, dat ass just Explikatioun. Et ass Explikatioun vun engem Kritär, deen Der manifestement net maîtriséiert, deen Der manifestement net maîtriséiert a wou et Iech gutt zu Gesiicht géif stoen, wann Der Ärer Majoritéit géift soen: „Effektiv, do hu mer e Problem, do hu mer e Feeler gemaach, an deen Amendement zumindest vun der CSV, deen huele mer haut un."! Dat géif zumindest eng verséinlech Nott no Ärer Ried an d'Diskussioun erabréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wolter. Soll ech d'Wuert direkt weiderginn un den Här Gibéryen? Da kann de Minister zesummen drop äntwerten, dat schéngt mer am logeschsten ze sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech mengen, den Här Minister huet eis hei eng gutt Demonstratioun ginn, wéi ee mat Chiffere kann d'Meenung manipuléieren. Den Här Minister huet hei eng ganz Rei vu Gemengen opgezielt, wou en d'Chiffere genannt huet, wat déi Gemenge pro Kapp kréien, an en huet dann hanner all Chiffer gesot: „Dat ass nach méi, wéi d'Landesmoyenne ass." Dat heescht, en huet esou den Androck ginn, wéi wann déi Gemenge pro Kapp nach méi kriten. A gelungenerweis kréie se ënnert dem Strëch awer manner eraus!

Ech ginn Iech e puer Beispiller: Bech hat 2.895 pro Kapp a kritt der elo 2.539. Den Här Minister huet natierlech net déi Zuel genannt 2.895, déi se virdrun haten. En huet nach just déi Zuel genannt, déi se haut kréie laut dem neie Gesetz, an datt dat géif iwwert der nationaler Moyenne leien. Mä ënnert dem Strëch kritt déi Gemeng manner!

(Interruption)

Biwer, do huet e gesot, si hätten 2.635 an dat wär iwwert der nationaler Gemeng.

Une voix.- Moyenne!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Iwwert der nationaler Moyenne! Mä wat d'Gemeng interesséiert, dat ass, wat se erauskritt, an dat ass 542.000 Euro manner eraus.

(Interruptions)

Dat heescht, ech wëll just dat hei soen: Wann den Här Minister heihinnerkënnt an en nennt hei Zifferen an en nennt nëmmen déi eng Ziffer an e seet, datt se iwwert der nationaler Moyenne leien, da vergësst en ze soen, datt se virdru méi héich louchen an datt se ënnert dem Strëch awer manner erauskréien. Et ass jo dat, wat fir d'Gemeng zielt.

A firwat hunn déi Gemengen dann do méi wéi d'national Moyenne pro Kapp? Ma well et ebe kleng Landgemenge sinn! An duerfir mussen déi Gemengen och pro Kapp méi kréie wéi eng dicht besidelt Stad. An dat gëtt elo hei ofgeschaaft. Elo gëtt pro Kapp quasi eng Landgemeng betruecht wéi eng grouss Gemeng. An dat ass jo de grousse Feeler, deen hei an där Reform dran ass! Duerfir kréien déi kleng Gemengen, déi Landgemengen haaptsächlech aus dem Norden an aus dem Osten, manner.

An duerfir: Wann een ee Chiffer nennt, da muss ee se alleguer nennen. An et däerf een net heihinnerkommen als Minister an esou maachen, wéi wann déi Gemengen alleguer eppes bäigesat kritt hätten, an ënnert dem Strëch hu se ewechgeholl kritt! Quitte datt dat elo kompenséiert gëtt wärend fënnef Joer, mä dat hu mer jo och virdru geschwat, datt déi Gemengen, och wa se dat elo kompenséiert kritt hunn, mä duerch d'Progressioun wäerten déi Gemengen herno manner hunn. Dat ass ganz normal.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Arndt wollt eng Prezisioun ginn.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Ech wollt, ech hunn...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, wann e Parole après ministre freet, kritt e se selbstverständlech.

(Interruption)

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Neen, ech wollt eng Prezisioun vun Iech, Här Gibéryen, well ech et net verstanen hunn.

Plusieurs voix.- Aah!

(Exclamations)

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Pardon.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Nach sinn ech net an der Regierung.

(Hilarité et brouhaha général)

(Interruption par M. Gilles Baum)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann et net Parole après ministre ass, dann ass et eng Fro un den Här Gibéryen, wann hie wëllt dorop äntwerten, well en huet seng Zäit net komplett ausgenotzt.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Här Gibéryen, däerf ech Iech eng Fro stellen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ëmmer.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Ëmmer, tipptopp!

Neen, wat Der erkläert: datt d'Landgemengen am Norden, déi flächeméisseg d'selwecht sinn - Wanseler a Géisdref, déi eng huet 30 km², déi aner 29,40 km², déi eng huet 1.140 Awunner, déi aner huet der 1.433 -, wann Der mer dann erkläert, firwat datt déi eng 3.013 Euro kritt huet virun der Reform an déi aner der nëmmen 2.347, en Ënnerscheed vu 666 Euro. Deen Ënnerscheed bei Landgemengen hunn ech bis elo nach net verstanen. Well ech och weess, wéi déi Dierfer verspreet sinn, weess ech, wéi de Kanal muss geluecht ginn do dertëschent. Dat ass eng..., dat feelt mer nach ëmmer e bëssen an der Argumentatioun, wa vu Landgemenge geschwat gëtt, datt déi alleguerten d'selwecht géife behandelt ginn. Ech hu kee Problem domat, datt ee seet: „D'Landgemengen hunn eng Grëngzon", mä wann Der mer do eng Prezisioun drop kéint ginn, wier ech frou.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President, fir d'Fro, déi de Kolleeg Arndt gestallt huet. Et ass kloer, datt et Gemenge ginn, wéi Der dat elo richteg gesot hutt, wou déi eng manner kritt hu wéi déi aner. Ech hat mer allerdéngs erwaart, Här President, datt en Deputéierten aus dem Norden net hei géif argumentéieren, datt déi Gemengen, déi méi kriten, eppes missten ewechgeholl kréien!

(Hilarité et brouhaha)

Ech hat gemengt, den Deputéierten aus dem Norde géif dann heihinnerkommen an e géif argu..., an e géif hei...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Gibéryen...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hunn elo d'Wuert, Här President,...

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Dat hunn ech net gemaach, Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hat gemengt, en Deputéierten aus dem Norden...

(Interruptions)

Här President, Dir hutt mer d'Wuert ginn, fir ze äntwerten, da loosst mech och äntwerten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech ginn lech et och selbstverständlech. Mä ech hunn awer och héieren, wat de Riedner virdru gesot huet. An hien huet dat do net gefuerdert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, éischtens ass et emol nach esou, datt de President sech net an den Débat amëscht!

(Hilarité et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Gibéryen,...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wann de President sech wëllt an den Débat amëschen, dann däerf en dat: Da kënnt en erofsëtze wéi all Deputéierten an da schwätzt e mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ... wann Der d'Reglement zitéiert, dann zitéiert et richteg: De President huet jidderzäit d'Méiglechkeet, fir den Débat ze rezentréieren!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...Neen, neen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An dat hunn ech elo just gemaach.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et war ëmmer esou hei, datt de President, wann e wëllt sech an den Débat amëschen, kann en dat, mä da kënnt en erof als Deputéierten an da schwätzt en aus dem Sall eraus an net vun douewen! Dat nëmmen niewebäi.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ...als President vun der Reglementskommissioun...

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Arndt huet hei gesot, ob ech dat géif richteg fannen, flächeméisseg, d'Gemengen, datt déi eng méi kritt wéi déi aner. An da soen ech: Ech hat mer erwaart vun engem Deputéierten aus dem Norden, datt dee sech géif hei asetze fir déi Gemengen, déi eppes gekierzt kriten, an datt en net géif heihinnerkomme mat als Argument, well déi eng méi krite wéi déi aner, wier et dann ebe berechtegt, datt déi eng eppes ewechgeholl kriten.

(Interruption)

Neen. Ma meng Erklärung ass, datt ech net enger Gemeng eppes ewechhuelen, well eng aner méi kritt, mä da kucken ech, datt déi, déi ze mann kréien, eppes bäigesat kréien! Dat hätt ech als Norddeputéierte gemaach. Ech wier fir déi Gemengen agetratt, déi eppes ewechgeholl kréien, an ech wier deenen net hei an de Réck gefall!

(Interruptions diverses)

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci! Dann huet elo den Här Minister d'Wuert,...

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Oh, et ass gutt, jo.

Une voix.- Dat ass jo egal wat, dat doten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ...fir zweemol op Parole après ministre ze äntwerten.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech probéieren, dat relativ kuerz ze maachen. Ech mengen, ech wëll net nach eng Kéier op den Här Wolter agoen. Den Här Wolter huet seng Argumentatioun nach eng Kéier widderholl, déi e schonn a sengem éischte Bäitrag bruecht huet. Ech mengen, dass ech dorobber relativ ausféierlech geäntwert hunn, an ech mengen net, dass et Sënn mécht, dat nach eng Kéier ze widderhuelen, wat ech douewen op der Tribün gesot hunn.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Zum Här Gibéryen - och wann ech mat Erstaune feststellen, dass dann awer hei schéngt e Regiounekampf wëlle gefouert ze ginn, dass déi eng géint déi aner sollen ausgespillt ginn! Ech war ëmmer dovun ausgaangen, dass déi 60 Deputéiert, déi hei am Sall sëtzen, fir d'ganzt Land d'Responsabilitéit géifen droen, an net nëmme fir déi Regioun, an där se gewielt gi sinn.

(Protestations et interruption par M. Gast Gibéryen)

Mä wa mer op déi konkret Fro sollen agoen, déi den Här Gibéryen gestallt huet, en huet gesot, jo, de Pro-Kapp-Kritär, dat wier eben dann net deen eenzegen, deen een däerft huelen, et wier net dee Kritär, deen däerft ausschlaggebend sinn, fir dës Gemengefinanzreform ze maachen - dat war jo och scho virdru vun enger anerer Oppositiounspartei e bëssen ugesot ginn -, da soen ech: Jo, okay, mä wéi ee Kritär dann? Ech muss feststellen, dass ech weder an der Kommissioun nach hei an der Plénière vun deenen zwou Oppositiounsparteien, déi elo de Kritär vum Pro-Kapp hei net méi wëlle geltend maachen, eng Antwert dorops kritt hunn! Méi ass net ze soen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Da wäre mer elo um Enn vun den Diskussiounen ukomm a mir géife fir d'Éischt iwwert d'Amendementen ofstëmmen. An do géif ech froen: Wëllt Der Stellung zu den Amendementen huelen?

Den Här Roth mécht d'Presentatioun.

Amendements 1 à 5

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. D'Amendementen 1 bis 5 - dem Här Wolter säin, dee war scho mat ausgedeelt ginn, ier en en iwwerhaapt déposéiert hat, mä dat war mäi Feeler -,...

(Hilarité)

...d'Amendementen 1 bis 5 sinn eigentlech déi technesch Adaptatiounen, déi um Gesetzesprojet néideg sinn, fir eisem Alternativmodell Rechnung ze droen.

Duerfir ass den Amendement 1, do ginn eigentlech déi Definitioune gestrach am Gesetz, déi sech rapportéieren un déi zwee Kritären, déi mir net wëllen. Dat ass engersäits dee vun dem Logement social, fir déi Explikatiounen, déi mengen ech à d'itératives reprises vun der CSV an deem Kontext gemaach goufen. An da ginn och déi Terme vun «ratio des zones urbanisées» an «superficie totale» gestrach. Dat sinn déi Definitiounen, déi sech rapportéieren un de Kritär vun der Densitéit, op déi den Här Wolter agaangen ass. Also dat ass déi technesch Ëmsetzung vun deem Punkt.

Den Amendement 2, do gëtt eng Zuel ëmgeännert, well an dem Regierungsmodell d'Populatioun zu 82% soll zielen. A fir dass mir déi 8% Superficie verte rescht behalen, musse mir dee Kritär zu 80% nëmme gëlle loossen. Dat ass den Amendement 2.

Den Amendement 3, dat liest sech komplizéiert, mä dat ass u sech d'Ëmschreiwung vun deem Kritär vun der Superficie verte, wéi e bis elo wärend 30 Joer funktionéiert huet a wéi en och an der Loi budgétaire bis d'Joer 2016 drastoung. Duerfir ass dat, déi Referenz, also dat ass deen Text.

An dann den Amendement 7, dat ass d'Kontributioun vun dem Beschäftegungsfong, vun dem Fonds pour l'emploi, wou mir soen, mir wëllen, dass do all Gemeng mat 2% bedeelegt ass vun dem Gewerbesteieropkommes, dat si op hirem Territoire huet, an net de Korrekturmechanismus, esou wéi en am Projet de loi virgesinn ass an deen also do mécht, dass verschidden...

Den Amendement 4, pardon!

Une voix.- Ah!...

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, neen, entschëllegt! Den Amendement 4.

...an net dee Korrekturmechanismus, wéi en am Projet de loi virgesinn ass, deen da mécht, dass eenzel Nordgemengen awer do gréisser zur Oder gelooss ginn.

An den Amendement 5, dee gesäit datselwecht vir, dass eigentlech déi technesch Adaptatioun déi ass, dass wat eng Gemeng ofgezu kritt, dass dat au prorata ass vun deem Gewerbesteieropkommes, dat si bei sech generéiert.

Et sinn also, wéi gesot, generell technesch Adaptatiounen, fir eisem Alternativmodell Rechnung ze droen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Roth. Gëtt et dozou Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo, ech wollt just vläicht dozou bemierken, dass, wéi den Här Roth et jo richteg gesot huet, d'Unhuele vun deenen Amendementer hei jo géif bedeiten, dass de Modell, dee gerechte Modell, esou wéi d'Regierung e virgestallt huet, esou net kéint ëmgesat ginn. An ech hunn et virdru probéiert op der Tribün ze weisen, och unhand vun Zuelen, dass dee Modell, deen d'CSV proposéiert, d'Diskrepanze souguer nach méi grouss géif maachen. Dofir sinn ech der Meenung, dass déi Amendementen tel quel vun 1 bis 5 ofzeleene sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Da kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert d'Amendementen iwwergoen. Fir d'Éischt den Amendement 1.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

23-mol Jo, 3 Abstentiounen a 34-mol Neen: Domat ass den éischten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen zum Amendement 3 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Et ass datselwecht Resultat: 23-mol Jo, 3 Abstentiounen, 34-mol Neen. Domat ass den Amendement 3 och ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zum Amendement 4 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 4

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resultat ass: 26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass den Amendement 4 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert den Amendement 2 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mir hunn datselwecht Resultat: 23-mol Jo, 3-mol Abstentioun a 34-mol Neen. Domat ass den zweeten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Den Artikel 7 bleift also ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir géifen zum Amendement 5 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 5

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

26-mol Jo, 34-mol Neen, domat ass den Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Den Artikel 10 bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir géifen dann op de sechsten Amendement iwwergoen, deen à titre subsidiaire proposéiert ginn ass. An den Här Wolter huet d'Wuert, fir en ze presentéieren. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

Amendement 6

M. Michel Wolter *(CSV).-* Här President, villmools Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech probéieren et da fir d'Drëtt, well den Här Minister huet mer op meng éischt Interventioun net geäntwert, fir déi zweet huet e mech op d'Netäntwert vun där éischter verwisen.

(Hilarité)

De Kritär vun der Surface totale ajustée «ratio des zones urbanisées», zweete Kritär, esou wéi en elo formuléiert ass, bréngt mat sech, dass alleguerten d'Surfacen, déi am PAG vun enger Gemeng sinn, y inclus déi, déi net nom Wëlle vun der Gemeng dohinnerkomm sinn, d'Zones économiques nationales, Zonen, déi iwwer POSen an de PAG komm sinn, dass déi matgezielt ginn am Ratio vun deem dote Kritär.

Wann ech de Commentaire des articles liese vun Ärem eegene Projet de loi - an ech wende mech eigentlech elo un d'Deputéiert vun der Majoritéit -, do steet: «L'ajustement selon le ratio zone urbanisée s'explique dans la mesure où les communes très peu urbanisées doivent, en principe, aménager une partie moins importante de leur superficie pour leurs habitants, ce qui favorise les communes qui exercent une gestion raisonnable de leurs surfaces constructibles.»

Zum Éischte sinn ech der Meenung, dass dee Commentaire des articles, dass deen eng Frechheet ass par rapport zu deene klenge Gemengen, déi hei am Land och eng Gestion raisonnable, an ech géif souguer soen, am ganz groussen Deel eng Gestion rationnelle vun hiren Terraine maachen an déi um Niveau vun der Landesplanung gesot kréien, dass se net méi wäit däerfe goe wéi gewëssen Densitéiten. Dat klappt also net, schonn an der Explikatioun.

Da wenden ech mech nees un den Här Minister an da stellen ech em d'Fro esou, dass en eigentlech just mat Jo a mat Neen nach muss äntwerten: Här Minister, sidd Dir wierklech der Meenung, dass Dir d'Chamber elo den Owend hei a guddem Gewëssen ofstëmme loosst iwwer en Amendement, dee mat sech bréngt, dass fir déi Gemengen, déi Industriezonen hunn, den Terrain vun deenen Industriezonen an d'Berechnung vum Ratio 2 hei afléisse soll? Jo oder Neen?

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Wolter. Den Här Minister, wann ech gelift.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Wann Der erlaabt, Här President, dann äntwerten ech esou, wéi ech et fir richteg fannen. An ech wäert mech net op e Jo oder Neen hei beschränken, mä ech wäert hinnen nach eng Kéier dat widderhuelen, wat ech virdru gesot hunn: Alleguerten déi Kritären, déi mer gebraucht hunn, fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Gemengefinanzen hinzekréien, déi muss een als Ganzt kucken an do kann een net ee Kritär eraushuelen an deen da wëllen zerrieden oder zerdiskutéieren. Wann een dat géif maachen, da géif een dat Gesamtresultat total verfälschen a mir géifen d'Ziler vun der Gemengefinanzreform net méi erreechen.

An dofir an nach eng Kéier betounen ech, dass mer de Kritär vun der Schafung vun Aarbechtsplaze belounen duerch d'Unerkennung vun Aarbechtsplazen, eppes, wat an deem viregte Modell net de Fall war. An dofir bieden ech, dat als e Ganzt ze kucken an och dësen Amendement ofzeleenen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Weider Wuertmeldungen dozou?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwert den Amendement 6, deen à titre subsidiaire abruecht ginn ass, ofstëmmen.

Vote sur l'amendement 6

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resultat ass 28-mol Jo an 32-mol Neen. Domat ass den Amendement 6 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Den Artikel 3 bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir géifen dann elo iwwert den Ensembel vum Projet de loi ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7036 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

34-mol Jo a 26-mol Neen, domat ass de Projet de loi adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Négation)

Solle mer ofstëmmen?

(Brouhaha)

Ech mengen, et ass net néideg, wann d'Chamber net insistéiert.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

D'Dispens vum zweete Vott ass ginn.

An dann, wann ech gelift, bleift nach hei, besonnesch d'Kolleege vun der CSV, well d'CSV huet och nach Motiounen abruecht,...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* ... zwou Motiounen, an ech géif dem Auteur vun de Motiounen d'Wuert ginn, fir se ze presentéieren, dem Här Roth.

Motion 1

M. Gilles Roth *(CSV).-* Här President, déi éischt Motioun ass eigentlech näischt aneschters wéi d'Ëmsetzung vun dem Regierungsprogramm, wou drasteet, dass Der géift eng Ëmschichtung vun der Grondsteier maachen. An duerfir froe mer, invitéiere mer d'Regierung opgrond vun deenen Diskussiounen, vun deene Virschléi, déi mer gemaach hunn, dass et endlech zu enger Reform vun der Grondsteier an dëser Legislatur kënnt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Si Wuertmeldungen dozou? Den Här Minister.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Ech mengen, den Här Roth huet eppes richteg ugeschwat: Et steet an der Regierungserklärung, dass d'Regierung wëllt eng Reform vun der Grondsteier erëm maachen. Allerdéngs wësse mer, dass dat un technesch Schwieregkeete gebonnen ass. Den Här Haagen huet et virdru schonn erkläert: déi Eenheetswäerter, déi zënter 1943 skandaléiserweis net ugepaakt gi sinn, net ugepasst gi sinn, obschonn et eng gesetzlech Obligatioun ginn ass, fir dat ze maachen. Dat setzt also viraus, dass mer fir d'Éischt emol eng Upassung vun den Eenheetswäerter kréien. Dat ass eng Risenaarbecht, eng Sisyphusaarbecht, déi muss gemaach ginn. An éier déi ofgeschloss ass, brauche mer iwwerhaapt net unzefänken, d'Diskussioun nach ze verdéiwen, wat awer net den Aarbechtsgrupp soll hënneren, déi Aarbecht, déi e mécht, weiderzeféieren.

An ech kann d'CSV nëmmen nach eng Kéier invitéieren, dat, wat se am Ufank gemaach haten, näämlech an deem Aarbechtsgrupp matzeschaffen, dat dann och dës Kéier ze maachen, dass mer, wa mer dann eng Kéier esou wäit kommen, dass mer déi Grondsteierreform kënnen op de Leescht bréngen, vläicht net méi zu esou groussen Diskussioune kommen, wéi dat haut bei der Gemengefinanzreform de Fall war.

Och wa mer - an dat wëll ech awer nach derbäisoen, Här Roth - net onbedéngt der Meenung sinn, dass mer mussen eng Grondsteierreform maachen, fir Steiergeschenker un d'Betriber mussen ze finanzéieren. Dat ass net d'Optik vun der Regierung. Wa mer wëllen eng Erhéijung vun der Grondsteier ustriewen, da sollen déi Sue geholl ginn, fir Sozialprojeten an de Gemenge weiderzedreiwen, sief dat am Wunnengsbau, sief dat an der Kannerbetreiung, sief dat an der Seniorepolitik. Mä si sollen net onbedéngt geholl ginn, fir aner Décisiounen um Steierniveau ze contrebalancéieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Si weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert déi éischt Motioun.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Main levée?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Maache mer dat à main levée?

(Interruptions diverses)

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dir stëmmt géint de Regierungsprogramm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

25-mol Jo, 35-mol Neen. Domat ass déi éischt Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zu där zweeter Motioun iwwergoen. Den Här Roth, wann ech gelift.

Motion 2

M. Gilles Roth *(CSV).-* ...mir stellen also fest, dass hei d'Majoritéitsparteie géint den eegene Regierungsprogramm gestëmmt hunn.

(Interruptions)

Bei där éischter Motioun. Okay? Dont acte!

Déi zweet Motioun, bon, dat ass déi Diskussioun, déi mer haten, dass d'CSV der Meenung ass, dass d'Charge-socialle vun de Fonctionnairen an den Employé-publicken net sollen iwwert de Wee vun enger Gesamtenveloppe ofgezu gi vun deem, wat de Stat dem Gemengesecteur wëllt ginn, mä dass dat soll au prorata ofgerechent gi vun deene Fonctionnairen, déi all Gemeng fir sech huet.

Mir sinn der Meenung, dass all Gemeng muss fir hiert Personal a fir hir Astellungspolitik selwer responsabel sinn. Dat anert féiert zu engem Deséquiliber zuongonschte vun deene Gemengen, déi manner Fonctionnairen hunn, an zugonschte vun deene Gemengen, déi der méi hunn. Déi Kleng finanzéieren also hei déi Grouss mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den Här Minister.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.-* Bon, ech mengen, et ass schonn e bësse komesch, dass mer elo grad e Gesetz gestëmmt hunn, wou mer de Contraire vun deem festgehalen hunn, wat elo d'CSV an enger weiderer Motioun hei freet. Ech mengen, an der Logik vun deem, wat mer virdru gestëmmt hunn, ass och dës Motioun ofzeleenen.

(Interruption)

An ech mengen, d'Argumentatioun hunn ech virdrun op der Tribün geliwwert. Ech mengen, domadder wär déi Diskussioun eriwwer.

M. Gilles Roth *(CSV).-* Neen, neen,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den Här Roth.

M. Gilles Roth *(CSV).-* Also, ech sinn awer e bëssen erstaunt, well näämlech dat hei, dat steet net an deem Gesetzesprojet hei, Här Kersch an Innenminister Kersch, mä Dir sidd Member vun der Regierung an dat ass den Artikel 26 vun der Loi budgétaire, déi Der och als Member vun der Regierung mat déposéiert hutt.

Une voix.- Et ass en Offenbarungseid!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Neen, et ass nach fir en Amendement zum Budget 2017.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Fir en Amendement zum Budget.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Voilà!

Une voix.- Et ass eng Motioun!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Et ass nach Zäit, et ass nach Zäit.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. An an där Logik vu virdrun: Et ass effektiv richteg, dass déi heite Motioun de Budget betrëfft, wéi Dir richteg gesot hutt. Et ass en Artikel...

Une voix.- Den Här Wiseler huet eppes aneres gesot.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ma neen. Ech hunn...

M. Alex Bodry *(LSAP).-* …en Amendement zum Budgetsgesetz.

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Huelt se un an da maache mer en Amendement!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Also Dir kuckt ganz erstaunt. Ech hunn lech just recht ginn, dass et en Artikel aus dem Budgetsgesetz ass.

(Interruptions diverses)

M. Gilles Roth *(CSV).-* Här President, Dir sidd méi laang an der Chamber wéi ech, mä näischt hënnert awer eng Fraktioun, eng Motioun ze déposéieren, déi e Gesetzesprojet betrëfft, quitte dass se formell herno hiren Néierschlag an dem Budgetsgesetz fënnt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ma an dësem Fall, Här Roth, wëll ech lech just soen, dass ech dat iwwerhaapt net contestéiert hunn.

Une voix.- Da si mer eis jo eens.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Voilà! An dofir, mir kënnen dann awer ofstëmmen. Et kann ee se abréngen, et kann een dann awer och gläichzäiteg doriwwer ofstëmmen. An dat maache mer elo.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer.

28-mol Jo, 32-mol Neen: Domat ass d'Motioun 2 verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir sinn um Enn vun eisen Diskussioune vun haut ukomm. Ech wëll lech Merci soen a Rendez-vous ass muer um zwou Auer. Kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)

SÉANCE 11

MERCREDI, 7 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°232 du 6 décembre 2016 de M. André Bauler relative à la qualité des matériaux d'isolation dans les maisons passives, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. André Bauler - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°233 du 7 décembre 2016 de M. Jean-Marie Halsdorf relative au plan d'action européen de la défense de la Commission européenne, adressée à M. le Ministre de la Défense

Question parlementaire écrite n°2616 du 5 décembre 2016 de M. Marc Angel relative au plan d'action européen de la défense, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État, à M. le Ministre des Finances et à M. le Ministre de la Défense

- *M. Alexander Krieps*
- *M. Jean-Marie Halsdorf - M. Marc Angel - M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense (intervention de M. Jean-Marie Halsdorf)*

Question n°234 du 2 décembre 2016 de M. Roger Negri relative à l'introduction d'une nouvelle desserte ferroviaire entre Luxembourg et Düsseldorf sans rupture de charges, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°235 du 7 décembre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à l'étude PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°236 du 7 décembre 2016 de M. Claude Lamberty relative aux résultats des élèves luxembourgeois au test PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Fernand Kartheiser - M. Claude Lamberty - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°237 du 7 décembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la mise en œuvre de l'infrastructure publique liée à la mobilité électrique, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gérard Anzia - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

Question n°238 du 7 décembre 2016 de M. Marc Spautz relative au nouveau commissariat «Porte du Sud», adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

- *M. Marc Spautz - M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure*

Question n°239 du 6 décembre 2016 de M. Gusty Graas relative à l'échangeur de Hellange et la future voie d'accès sur la A13 au niveau de Frisange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gusty Graas - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°240 du 7 décembre 2016 de M. Marco Schank relative à l'évolution touristique future du site des Ardoisières à Haut-Martelange, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

- *M. Marco Schank - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

Question n°241 du 6 décembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative aux résultats de l'enquête Eurobaromètre au sujet de la violence à l'égard des femmes, adressée à M. le Ministre de la Justice

- *Mme Taina Bofferding - M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

Question n°242 du 7 décembre 2016 de M. Claude Adam relative au manque de remplaçants dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Claude Adam - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

3. 6530 - Projet de loi

concernant la gestion du domaine public fluvial et portant

a) modification

* de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation,

* de la loi modifiée du 31 mars 2000 concernant l'administration et l'exploitation du port de Mertert,

* de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau,

* de la loi modifiée du 14 juillet 1966 sur l'immatriculation des bateaux de navigation intérieure et l'hypothèque fluviale, et

* de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant réglementation de la police de la navigation intérieure, des sports nautiques et de la natation; et

b) abrogation

* des articles 1er, 2 et 5 de l'arrêté du Directoire exécutif du 13 nivôse an V (2 janvier 1797) sur la navigation et les chemins de halage;

* de la loi du 6 frimaire an VII de la République une et indivise (26 novembre 1798) relative au régime, à la police et à l'administration des bacs et bateaux sur les fleuves, rivières et canaux navigables;

* de l'arrêté royal du 3 mai 1817 concernant la navigation et le flottage sur les rivières du Grand-Duché; et

* de la loi du 29 janvier 1890 concernant l'aliénation des terrains faisant partie du domaine public dans la Moselle et la partie navigable de la Sûre, ainsi que des anciens lits de ruisseaux abandonnés

- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Roger Negri, M. Gilles Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7019 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique;

2. de la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

3. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

4. de la loi modifiée du 1er décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue;

5. de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

6. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

7. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant a) création d'un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise;

8. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt d'une motion), M. Claude Lamberty (intervention de Mme Martine Hansen), M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de Mme Martine Hansen)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

5. 7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Marc Spautz (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Georges Engel et M.*